
PROJET
PLAN D'ÉTUDES
2025



# KONSULTATIOUNSPHAS

Bildungsberäich

## COLAB-WORKSHOP 4
## 'Evaluéieren am Fondamental'

6. an 11. Oktober 2022 – EduPôle zu Walfer an online via Teams

**ANNEXE**

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

## Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Luxembourg

Auteur: SCRIPT – Division du développement du curriculum

Contact: **curriculum@script.lu**
**www.curriculum.lu** / **www.script.lu**

ISBN 978-99959-1-493-6

Editioun Februar 2023

# Inhaltsverzeechnes


**1 Virwuert** .......... **4**

**2 Atelier A: Evaluéieren am schouleschen Alldag** .......... **5**

2.1 Wéi leeft Evaluatioun de Moment? .......... 5

2.2 Zil a Notzen vun de verschiddenen Evaluatiounsmethoden .......... 7

2.3 Zesummefaassung: Déi wichtegsten Punkten vum Grupp .......... 9

**3 Atelier B: D'Bilanen ausfëllen** .......... **10**

3.1 Zil a Notzen vum Bilan .......... 10

3.2 Wat kéint bäibehale ginn? .......... 11

3.3 Wat misst ëmgeännert oder ergänzt ginn a wéi? .......... 12

3.4 Zesummefaassend Schlussfolgerungen .......... 14

**4 Atelier C: D'Kommunikatioun vun den Evaluatiounsmomenter an den Austausch mat den Elteren a mam Schüler** .......... **15**

4.1 Wéi eng Evaluatiounsmomenter ginn et a wéi ginn se un wien kommunizéiert? .......... 15

4.2 Wéi leeft en typescht Elteregespréich of a wéi erliewen d'Schüler de Moment vun der Evaluatioun a Kommunikatioun? .......... 18

4.3 Wat dréit dozou bäi, dass den Austausch gutt leeft? Wat géing nach gebraucht ginn? .......... 19

**5 Atelier D: D'Orientatiounsprozedur fir an de Secondaire** .......... **22**

5.1 Orientatiounsprozedur .......... 22

5.2 Erausfuerderungen .......... 24

5.3 Wënsch a Léisungsvirschléi .......... 26

**6 Gruppenaussoen aus dem Online-CoLab** .......... **28**

6.1 Wat verstitt Dir an Ärem Grupp ënnert dem Begrëff 'Evaluatioun'? .......... 28

6.2 Op wéi eng Aart a Weis bewäert Dir a firwat? .......... 35

6.3 Wéini ass Evaluatioun förderlech, schiedlech a néideg? (fir d'Kand, fir d'Elteren, fir d'Léierpersonal) .......... 45

6.4 Ausbléck: Wat fir Verännerungen wënscht Dir als Grupp lech kuerz- a mëttelfristeg a punkto Evaluatioun? Wéi eng Platz a wéi eng Form soll d'Evaluatioun an der Schoul vun der Zukunft hunn? .......... 64

**7 Fotogalerie** .......... **76**

**8 Ausbléck** .......... **89**

# 1 Virwuert

An dëser Annexe ginn déi gesammelt Stéchwierder a Fotoen aus all den Ateliere a Gruppenaarbechten vum véierte CoLab-Workshop fir de Bildungsberäich, 'Evaluéieren am Fondamental', opgelëscht. D'Zil vun dëser Annexe ass et, den Inhalt aus den Diskussiounen méiglechst neutral erëmzeginn, fir eng Trace vum ursprénglechen Input ze halen. Am **Haaptdokument vum Rapport**, deen Dir op **www.curriculum.lu** kënnt agesinn, huet d'Divisioun fir Curriculumsentwécklung vum SCRIPT eng Regroupéierung an e Choix fir eng bestëmmten Andeelung getraff. Wann Dir um generellen Inhalt vun den Diskussiounen interesséiert sidd, recommandéiere mir Iech, de Rapport ze consultéieren an dës Annexe als Complément ze gesinn.[1] Am CoLab, deen en présentiel zu Walfer stattfonnt hutt, hunn d'Mataarbechter aus der Divisioun fir Curriculumsentwécklung d'Atelieren moderéiert a mat den Outile vun der Moderatioun geschafft (Flipchart, Post-its, Notetaker vun der Divisioun etc.). Am Online-CoLab goufen d'Participanten a 'Breakout-Rooms' geschéckt, wou si mat engem Worddokument a vill manner kadréiert diskutéiert hunn. Si hu selwer d'Roll vum Notetaker ënner sech misse verginn. An dëser Annexe sinn d'Rapporten an d'Notizen aus béiden Evenementer innerhalb vun den Atelieren zesummegeluecht ginn an eng éischt grob theematesch Sortéierung gouf virgeholl.

Mir wënschen Iech eng interessant Lecture vu béiden Dokumenter!

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

1 D'Stéchwierder an dëser Annexe goufe quasi 1 zu 1 vun de Participanten iwwerholl. D'Orthografie gouf just iwwerflächlech der Kloerheet halber verbessert.

# 2 Atelier A: Evaluéieren am schouleschen Alldag

## 2.1 Wéi leeft Evaluatioun de Moment?

- Wärend enger Bilanszäit huet den Enseignant vill Stress, et ginn Enseignanten, wou een da just héiert „elo net, ech schreiwe Bilanen". U sech ass dat kontraproduktiv well d'Kanner an däser Zäit ze kuerz kommen. Den Enseignant kann de Kanner zu där Zäit net gerecht ginn. De Fonctionnement vun der Schoul ass also 3× 2 Wochen am Joer staark doduerch beanträchtegt. Dat ass kontraproduktiv.
- Inklusioun a Bewäertung: Wéi kann ee Bewäertung an enger Klass maachen an awer och der Inklusioun Rechnung droen? Wéi kann een do fir all Kanner Gerechtegkeet erreechen?

  *Beispill: Du gees schwammen an deels deng Klass a 4 Gruppen an: déi eng, déi och Course schwammen, dann déi, déi scho gutt schwamme kënnen. Dann hues de nach eng Grupp fir déi, déi et awer schon e bësse kënnen an zum Schluss nach déi, déi nach am gaange sinn, schwammen ze léieren. Wann ech déi elo bewäerten, da ginn ech hinnen alleguer en A+, well si ginn alleguer hiert Bescht mat deenen Kompetenzen, déi se hunn. Huele mer elo un, datt e Kand aus dem Ufängergrupp d'Schoul wiesselt. Do ass dann elo och d'Bewäertung eng aner, an et kritt do elo en C well et wierklech net gutt schwamme kann. Ass dat gerecht? Soll esou eng Bewäertung ausgesinn?*

- Wa mir en C oder D an de Bilan schreiwen, da musse mer deen ëmmer argumentéieren/kommentéieren. Dat ass wichteg, mee dat mécht nach laang net jiddereen.
- Bei der Terminologie gëtt bei eis an der Direktioun vill Wäert drop geluecht, datt mir kee „Programm" hunn, mee e „Plan d'études". Fir vill Leit ass dat awer ënnert dem Stéch dat selwecht.
- Mir hunn d'Léierbeem an der Klass. Dat sinn Lernbäume, déi ee gratis um SCRIPT kann ufroen. Am Ufank ass ganz vill Text wou villes erkläert gëtt, an dann sinn Pousteren do, déi ee kann ophänken an och Fichen, wou ee genau ka kucken mam Kand wou et grad drun ass. Do alles no Fach a no Cycle ma de wichtegen Sockelen a Kompetenzen organiséiert, esou wéi de Plan d'études dat virgëtt.
- Enseignantsbashing ass onbedéngt ze vermeiden, net jiddereen weess, wéi een am beschte Schoul hält
- **Fro:** „Wee bewäert/evaluéiert?"
  - Enseignant (5×)
  - Elteren (2×)
  - Assistant en classe (2×)
  - All Intervenant an der Klass (1×)
  - Gesellschaft (2×) – Heimat ass all eenzelne Mënsch gemengt. Jidderee bewäert, soubal een e Mënsch gesäit, mécht een automatesch eng éischt Aschätzung, an dat ass och eng Form vu Bewäertung.
  - Surnuméraire (2×)
  - Kanner (3×); Schüler sech selwer (1×)

- ESEB (1×)
- Équipe pédagogique (1×)
- RTL (2×)
- Ministère duerch d'Épreuves standardisées (mat der Uni.lu) an den Épreuven communes (mam SCRIPT)
- Déi professionell Krittäre feelen den Elteren, der Gesellschaft fir kënnen en Enseignant ze jugéieren.

- **Fro:** „Wéi vill sinn d'Schüler an Ärem Cours aktuell an d'Evaluatioun mat agebonnen?" (Skala vu 0% – 100%)
  - Als éischt hunn d'Participanten sech alleguer éischter ronderëm 0% agereit, déi gréissten Distanz war eng Positioun bei ongeféier 10-15%. No Nofro vun engem Participant (‚Wann d'Schüler sech duerno äusseren, ob et schwéier oder einfach war, sinn si dann an d'Evaluatioun agebonnen?' ➔ Äntwert vun de Moderateuren: ‚Jo', hu si sech nei positionéiert. Do stoungen se dann tëschent 10% an 50% mat enger geschatener Moyenne vu ronn 30%
  - Wat d'Evaluatioun ugeet, probéiere mir Saachen, déi an e puer Schoulen vun eiser Direktioun gutt funktionéieren och an aner Schoulen ze transferéieren. Leider besteet keen Échange tëschent den Direktiounen, well dann kéint do och vun der Experienz iwwert d'ganz Land profitéiert ginn.
  - Wichteg ass et, datt et e Schaffen am Team tëschent den Enseignanten, der ESEB, an allen aneren Intervenanten an enger Klass gëtt. Eng gutt funktionéierend Équipe pédagogique ass wichteg, souwuel fir d'Kanner, wéi och fir d'Léierpersonal.
  - D'ESEB mécht hier Evaluatiounen indirekt duerch de PPCI (positiv). Déi mussen och net ëmmer d'Epreuves communes schreiwen. Et sinn oft Modulaire-Kanner déi vun dësen Épreuven och a kenger Hisiicht profitéieren.
  - Et kann ee sech froen, ob wierklech all Kand d'Epreuves communes muss maachen, oder op een do net och méi wäit misst denken.
- Aarten a Methouden vun Evaluatioun
  - D'Épreuves standardisées ginn ëmmer am Ufank vum éischte Joer vun engem Cycle gemaach. Leider dauert et ëmmer bis Februar oder bis an de Mäerz bis do d'Resultater kommen. Dat dauert ze laang, fir datt et eng pertinent Informatioun fir den Enseignant, d'Kand an seng Eltere kéint sinn. Eigentlech bräicht een déi Evaluation diagnostique guer net well se esou an där Form näischt bréngt.
  - PEI (centres de compétences), PPCI (plan de prise en charge individualisé), PPC (plan de prise en charge), PP (plan engageant des ressources dépassant le cadre des leçons attribuées à la classe = Appui), PPAA (Projet personnalisé d'apprentissage et d'accompagnement), PFS (Passage fondamental secondaire)
  - Selbst- & Fremdevaluation
  - Formativ Evaluatioun = Kurskorrektur, feed forward, hei geet et drëm, ze gesinn wou de Schüler steet (fir hien selwer, fir seng Elteren, fir den Enseignant) a wat en nach muss entwéckele, verbesseren, fir bei der ofschléissender Evaluatioun kennen ze bestoen
  - Tester

- Multiple choice
- Feedback-Würfel

  *→ Dat ass e Würfel, wou een Deel-Sätz dropschreift, déi de Kanner sollen hëllefen fir sech selwer (oder Matschüler) anzeschätzen (z.B. X huet mir Schwieregkeete bereet; X wëll ech déi nächste Kéier besser maachen; X huet mäi Partner ganz gutt gemaach.*

  *De Feedback-Würfel ass villsäiteg asetzbar (grouss a kleng Aufgaben) an d'Kanner léieren dobäi wéi ee Feedback ka ginn. Si léieren awer och, wat Wäertschätzung ass an ginn duerch d'Wäertschätzung, déi si erliewen zu staarke Kanner. Gläichzäiteg suergt et och fir Interaktioun a Sproochbildung. Jo, et kascht Zäit, ma et muss een sech ëmmer d'Fro stellen, op een ënnert dem Stréch net éischter doduerch bei aneren Saachen Zäit gewënnt.*

- Smarty
- Lernstraße
- s'Zäni
- Exit-Ticket
- Devoirs en classe

  *→ Dat ass dat, wat eigentlech vum Enseignant verlaangt gëtt*

- Et muss een sech och mol d'Fro stellen, wat mir iwwerhaapt évaluéieren: Kompetenzen? Wëssen? ...
- Mir (d'Léierpersonal) hunn eis zanter 2009 ganz vill zesumme gewurschtelt fir de Kanner gerecht ze ginn. Wa mer awer de Bilan ausfëllen, dann interesséiert dat kee méi.
- De Schüler mat spezifesche Besoine gëtt et am Bilan guer net. Do ginn dann Deeler einfach net ausgefëllt, well déi op engem separaten Dokument évaluéiert ginn. Do misst och einfach am Template vum Bilan et esou méiglech sinn, fir dat do ze integréieren.

## 2.2 Zil a Notzen vun de verschiddenen Evaluatiounsmethoden

- „De Programm stresst mech scho laang net méi. Et sinn déi fix Zäiten am Stonneplang, déi mech vill méi stressen. Wann e Primo-arrivant muss em eng bestëmmten Zäit eraus goen, da muss ech meng Aktivitéiten esou plangen, datt dat alles awer mat der Klass passt."
- „Wann's de bis weess, wat datt s de muss maachen, net d'Säit XY aus dem Buch, mee éischter wou d'Kanner hi mussen, dann hues de Zäit. Dat kënnt awer eréischt mat der Erfarung, well dat léiert een an der Grondausbildung net."
- D'Enseignanten mussen den Elteren/den Direktiounen beweisen, firwat si e Schüler esou aschätzen. Et ass net esou, datt si dat just illustréieren, mee et ass en Zwang do, ze argumentéieren an eben ze beweisen.
- Déi jonk Enseignanten gi mëll, wann si dat alles musse maachen ouni déi néideg Ausbildung dofir ze hunn. Si ginn och net wierklech ënnerstëtzt.
- De Bilan ass u sech en „Avis professionell" vu Säiten vum Enseignant, zu engem Kand par rapport zu Kand selwer. Do dierften d'Eltern, an och soss keen, dat kënnen unzweiwelen. Et ass den Enseignant, deen de Professionellen op dësem Gebitt ass.

- Déi eigentlech Fro a puncto Evaluatioun misst sinn: ‚Wee bewäert ween, a fir ween gëtt bewäert?'
- De Ministère muss hannert den Enseignanten stoen. Um Terrain spiert een dat guer net méi.
- Fir déi jonk Enseignanten ze ënnerstëtzen:
  - Kloer Linnen, de Bilan ass onkloer, d'Elteren kënnen een do séier un d'Schweesse brénge
  - En Enseignant muss gutt ausgebilt sinn an sech och stänneg weiderbilden, zemools an der formativer Evaluatioun
- Fir déi certificative Evaluatioun, misst et en eenheetlecht nationaalt Dokument ginn. De Bilan misst en Template sinn, wou et kloer Consignen a Richtlinne ginn, wéi e muss ausgefëllt ginn. D'Eltere mussen och ënnerschreiwen, datt si de Bilan zur Kenntnis geholl hunn. Op kee Fall dierfe si mussen ënnerschreiwen, datt si mam Bilan averstane sinn. Si hunn net de professionelle Background, fir esou eng Aschätzung ze maachen.
- D'Evaluatioun, déi als Ofschloss vun engem Léierprozess gemaach gëtt, ass eng sommative. Déi Evaluatioun muss ganz kloer Richtlinnen hunn, fir datt et keng Ënnerscheeder tëschent de verschiddene Schoulen an Titulaire ka ginn. Dës Form vun Evaluatioun ass definitiv an et kann duerno näischt méi dru geännert ginn.
- Während dem Léieren ass déi formative Evaluatioun wichteg. Hei geet et drëm, verschidden Etappen vum Léierprozess ze dokumentéieren, d'Weiderentwécklung ze gesinn an ze kucken wou nach muss nogebessert ginn. Dës Form vun Evaluatioun ass wichteg fir den Enseignant fir säin Unterrecht op déi verschidde Schüler kënnen zouzeschneiden, ze differenzéieren.
- D'Evaluatioun ass schwéier. En A heescht net fir jiddereen an iwwerall dat selwecht.
- „Hien huet en A, da kann e jo an de Classique"; et ginn Inklusiounskanner déi en A hunn, an da soen d'Elteren: „Hie ka jo alles"
- Eist ganzt Liewen ass ëmgi vun Noten a Wäerter: am Solfège, am Futtball, am Buttek, ënner Kollegen, ... just an der Schoul gëtt et keng Note méi.
- Et brauch ee kloer Grillen, Items, oder soss eppes, déi et méiglech maachen, e Passage op eng verständlech Moosseenheet ze maachen, z.b. eng Not.
- D'Épreuven ginn dat jo eigentlech schon aktuell ganz kloer vir. Et gëtt z.B. bei der Compréhension écrite op genau Schlësselwierder gekuckt. Wann et insgesamt 20 Schlësselwierder ginn, an de Schüler huet der 3, dann huet hien der 3 vun 20 fonnt.
- De MEN huet gemengt, datt mat de neie Bilanen 2009 d'Schoulhalen sech grondsätzlech géif änneren well et jo keng Note méi ginn. Dat ass awer falsch geduecht. D'Schoulhalen ännert een net duerch eng Verännerung vun der Evaluatioun.
- D'Unterrechtsqualitéit huet näischt mat der Evaluatioun ze dinn.
- Fir gudden Unterrecht brauch een:
  - Réckhalt vun MENJE
  - eng anstänneg Formation initiale
  - gutt Weiderbildungsméiglechkeeten an de verschiddenste Beräicher
  - e Plan d'études, dee kloer veranschaulecht, wéi déi verschidden Elementer an der Klass kënne behandelt ginn (Kompetenzen, Descripteuren, Indikateuren, Methouden, Contenuen a Beispiller) – et duerf net do stoen: „un texte d'une certaine longueur" ma et muss do stoen „un texte d'une longueur entre 150 et 200 mots".

- D'Schoulhale gëtt dem Nowuess ëmmer méi schwéier gemaach. Si hunn ze wéineg Formatiounen an deem, wat wierklech duerno um Terrain gebrauch gëtt.
- Oft si Jonker ganz motivéiert fir Enseignant ze ginn, ma nom éischte Bilan dee si mussen ausfëllen sinn si ganz ageschüchtert vun den Elteren, well si net déi néideg Fachsprooch hunn, fir sech ze behaapten.
- De Problem ass, datt mir all d'Schüler probéieren iwwer de selwechte Leescht ze zéien, an op déi selwecht Aart a Weis ze evaluéieren. All Kand ass awer anescht.
- D'Kand muss seng Bewäertung verstoen an novollzéie kënnen. Dat soll och éischter op eng mëndlech Aart a Weis geschéien.
- D'Eltere musse Vertrauen an den Enseignant hunn. Si missten de Bilan och ouni Erklärungen vum Enseignant kënne verstoen.
- Wann een de Bilan vum Fondamental mat deem vergläicht vun der ACCU, da gesäit ee wat ee ka verbesseren. De Bilan vun der ACCU ass vill méi kloer a verständlech opgebaut. Doduercher seet en och vill méi aus, wéi de Bilan am Fondamental.
- En Template vum Bilan muss esou upassbar sinn, datt déi spezifesch Besoinen vum PPCI kënnen doranner iwwerschriwwe ginn. Et ass net gutt, dass et do soss zwee Dokumenter ginn mat eidele Plazen am Bilan.
- D'Bild vum Enseignant ass hei am Land net schéin. Et gëtt e komplett falscht Verständnes vum Beruff.
- Mir brauchen eng besser Ausbildung vum Enseignant. Et feelt un allen Ecken an Ennen. Fir Enseignant ze ginn (an d'Formatioun ze kommen) misst gekuckt ginn op d'Verständnis vum Beruff do ass.
- Dobausse mengen d'Leit, den Enseignant géif vu sech behaapten, datt en unantastbar wier.
- Vill Studente verléieren d'Motivatioun fir de Beruff, wa si am Stage bei engem Enseignant sinn an d'Exigencen um Terrain gesinn.
- De Problem vun der Evaluatioun zu engem Zäitpunkt XY ass, dass Schüler, déi méi laang Zäit brauchen fir eppes ze verstoen an ze léieren, penaliséiert ginn (an en fin de compte demotivéiert ginn). Obwuel si no méi Zäit och op de Niveau komm wieren, dee gefrot ass.

## 2.3 Zesummefaassung: Déi wichtegsten Punkten vum Grupp

- Evaluatioun méi kloer definéieren, besonneg déi verschidden Terminologien.
- E kloere Prozess fir d'Evaluatioun schaffen mat Rolleverdeelung, Templates a klore Consignen.
- E kloeren a selbsterklärenden Tool fir d'Évaluation certificative um Enn vum Cycle erschaffen.
- D'Bild ass falsch, de Beruff muss revaloriséiert ginn.
- Vun den Leit vum Terrain entwéckelten Grille de correction erschaffe loossen, den dann vum MENJE als verbindlech fir all Enseignant am Land soll gëllen.

# 3 Atelier B: D'Bilanen ausfëllen

## 3.1 Zil a Notzen vum Bilan

- D'Kand brauch een Ansporn & eng Réckmeldung
  - Een Zil vum Bilan soll et sinn ➝ D'Kand zum Bäiléieren unzesppornen an him eng Réckmeldung zu sengem Léieren ze ginn.
- X-Dokumenter a Kohärenz
  - Et ginn x-Dokumenter (Plan d'études, Bilanen, Complément zum Bilan, Dokumenter mat Zousazerklärungen etc) an déi sinn a sech net kohärent. Ausserdem verléiert een an där ganzer Masse un Dokumenter den Iwwerbléck.
- Bilan C4 ⟷ Passage an de Secondaire
  - Et ass net ganz kloer, wat d'Kanner sollen fir Kompetenzen areechen fir a wéi eng Sparte vum Secondaire weiderzegoen. Et ass och net kloer wéi eng Dokumenter d'Enseignanten de Kanner solle matginn.
- Iergenswou muss eng zertifikativ Ausso gema ginn
  - Een Zil vum Bilan ass et net nëmmen d'Léieren vum Kand ze reflektéieren, mee et muss och eng zertifikativ Ausso gemacht ginn.
- PPCI & PPA fir Centre de comp.
  - Sinn noutwenneg fir d'Centre de compétences.
- Notte ➝ op d'Kand bezunn vs. Notte als sozial Norm / Applicatioun an Niveau
  - Grondsätzlech Fro: ‚Op wat ass d'Notte bezun, déi ee Kand kritt?' Donierft gouf et eng kritesch Aussernanersetzung doriwwer wéi d'Enseignanten d'Felder Performance an Applicatioun am Bilan verstinn. Gi se par rapport zum Léierprogrès an dem Engagement vum Kand ausgefëllt (reng dorop bezunn wat am Plan d'études steet) oder zum Leeschtungsstand vum Kand par rapport zu der Klass?
- Épreuves standardisées ass genormt
  - Am Géigesaz zu der Evaluatioun, déi an der Klass stattfënnt, sinn d'Épreuves standardisées méi objektiv, well landeswäit jiddereen no de selweschten Krittären evaluéiert gëtt. D'Enseignanten géifen sech wënschen, dass déi evaluativ Aussoen, déi am Bilan stinn och ënnert de Schoulen ënnerteneen stëmmeg sinn. Wann am Plan d'études d'Descripteuren méi eendeiteg beschriwwe wieren, dann kéint een d'Evaluatioun och méi objektiv gestalten.
- Gerechtegkeet vun der Bewäertung
  - Willkür schwéngt ëmmer bei der Bewäertung mat, och wann een eng Note op 60 gëtt. Se ass ni ganz objektiv.
- Eenheetleche System
  - Et gëtt momentan landeswäit net eenheetlech bewäert (siehe oben).
- De Bilan als Informatiounsmedium fir d' Elteren

   - Dass een mam Bilan den Elteren verständlech Informatiounen kommunizéiere kann. E grousse Problem ass, dass vill Elteren de Bilan net verstinn.
- Einfach Ausdrécken fir d'Elteren.
- Elteren verstin de Bilan net.

## 3.2 Wat kéint bäibehale ginn?

- Opdeelung an Domaine gutt.
   - D'Opdeelung an déi verschidden Domaines d'apprentissages fannen d'Participanten gutt.
- Opdeelung a Kompetenzen, Beräicher gutt.
   - D'kompetenzbaséiert Erugehensweis un d'Léieren wëll een net méi mëssen.
- De Bilan lued zu Gespréicher an.
   - De Bilan ass de Participanten net kloer genuch, mee positiv dorunner ass, dass en doduerch zu engem Diskussiounsustouss bei allen Bedeelegten féiert (Enseignanten, Elteren, ...).
- D'Mathé ass méi kloer.
   - Den Opbau vun der Mathé am Plan d'études/Bilan ass kloer, méi kloer an ersiichtlech wéi den Opbau vun aneren Domaines d'apprentissages.
- Remarques, Observations, Informations
   - Gutt fannen d'Participanten, dass een am Bilan d'Méiglechkeet hutt Remarquen, Observatiounen an Informatiounen hin ze schreiwen.
- Ouni Punkten besser → méi kleng Tester besser, et muss net alles getest ginn.
   - Hei schléisst sech d'Fro un, op alles muss duerch een Test evaluéiert ginn. Doranner dréckt sech awer och eng Grondastellung zum Bilan aus. D'Participanten hu gesot, dass d'Bilanausfëllen éischter eng mühsam Zousatzaufgab ass, déi net wierklech deen Zweck erfëllt, déi se soll hunn. Iwwert Trimester/Joer ergëtt sech fir den Enseignant een ziemlech komplett Bild iwwer d'Kand. Et ass éischter sou, dass ee versicht dat Bild an de Kader Bilan ze pressen an ze verschrëftlechen, deen net wierklech do passt an dat hirgëtt, wat ee bräicht.
- Kompetenzen: Iwwerbléck iwwer d'Kanner
   - Duerch d'kompetenzbaséiert Léieren an Evaluéieren krit een ee besseren a méi nuancéierten Iwwerbléck iwwer all Kand.
- Lernbäume vum SCRIPT eng grouss Hëllef
   - Eng Participante hutt gesot, dass hir d'Lernbäume vum Script eng grouss Hëllef waren fir d'Virgaben vum Plan d'études ze verstoen an sech dorauser hiren eegene Programm ze man.
- Fräiraum
   - De Plan d'études gëtt dem Enseignant vill Fräiraum, wat positiv ass.
- Kompetenzen & Säit mat Erklärungen (niv. socle ...)
   - D'kompetenzbaséiert Léieren an de kompetenzbaséierten Opbau vum Plan d'études a Bilan ass gutt. Positiv ginn och d'Erklärungen zu den Fachbegrëffer am Ufank vun all Bilan ugesinn.

## 3.3 Wat misst ëmgeännert oder ergänzt ginn a wéi?

- D'Niveaue musse besser definéiert ginn, mat konkrete Beispiller.
    - > Den ale Bilan (wéi en an der Intro gewise ginn ass) do ware scho vill ze vill Deskripteuren dran, mee e war méi kloer. Duerfir ass de Grupp sech eenz, dass ee rem méi Deskripteure brauch déi explizit soen, wat gefuerdert ass. De Bilan wéi en lo ass, gouf a sengem Inhalt sou rofgebrach, dass en einfach net méi kloer ass.
- Méi genau de Contenu beschreiwen doriwwer, wat de Schüler soll kënnen (fir an engem eegene Portfolio auszefëllen)
    - > D'Iddi vum Portfolio gouf fir all d'Akteuren (Enseignanten, Schülerinnen a Schüler) als wichteg empfont. Et hutt een och kloer differenzéiert tëscht engem Portfolio fir den Enseignant perséinlech an engem fir de Schüler (ënnerschiddlech Auteuren an ënnerschiddlech Zilgruppen).
- D'Lernbäume vum SCRIPT fir eng perséinlech Tabell/mäi Portfolio als Enseignant ze man
    - > D'Lernbäume goufen vun enger Enseignante als grouss Hëllef ugesinn fir d'Stonn, d'Trimester, d'Joer ze plangen an den Enseignants-Iwwerbléck ze man.
- Kompetenz a Réckschratt
    - > Jiddfereen war fir d'kompetenzbaséiert Schaffen an dësem Atelier, mee hutt bedauert, dass d'kompetenzbaséiert Léieren a Punkto Evaluatioun zu méi Willkür a manner Objektivitéit gefouert hutt, doduercher wéi d'Bilanen eben sinn. Et ass een nach op der Sich duerno, wéi een objektiv kompetenzbaséiert bewäerte kann. Wat ass d'Maass? Do wënscht een sech Beispiller. Mir als Enseignanten musse wësse, wou mer hisolle schaffen. D'Bilanen sinn schrecklech subjektiv ausgefëllt. Am Fong sollt et jo een objektivt Instrument sinn.
- Sockelen mat Beispiller definéieren bei Texter d'Wierderzuel + Grad Niveau, „avec beaucoup de fautes" → Gëff ee Bespill wat de Sockel ass!
    - > Zum Beispill kinnt do stoen cf. Mila, Säit x, dass een eng Referenz hutt. Et muss definéiert ginn, wat d'Referenz ass. Een Protobeispill vun engem Text, deen ee muss kënnen, fir den Niveau avancé z. B. Jiddfereen hutt sech missen ee System iwwerleen, jiddfereen schafft seng Grilles d'évaluation selwer aus.
- Beispiller: Wéi soll een Test ausgesinn am C4, deen op de Bilan passt?
    - > Och hei fir all Niveau ee Beispill liwweren, wat regelméisseg geupdated gëtt.
- Och den C1 wënscht sech méi Struktur
    - > Am C1 kann een immens vill iwwer d'Entwécklung vum Kand schreiwen an den Enseignant hutt vill Fräiraum fir den Bilan auszefëllen. Och hei géifen d'Enseignanten sech méi Deskripteuren wënschen.
- Kompetenzstufen, déi logesch openee opbauen
    - > Se bauen net logesch openee op. Vun C1 bis C4 ass keng kohärent a logesch Progressioun.
- Eng méi däitlech 'grille d'évaluation' fir d'Elteren gëtt gebraucht
- Objektiv Aschätzung vun de Compétences transversales.
- Opbau vun der Échelle fir d'Compétences transversales an d'Verhalen vum Schüler: 4 Casen, mir hätte gär 5 Casen fir eng Mëtt, am Moment kann ee kee Punkt tëscht d'Stufen sëtzen

    - D'Participanten hätte gär eng Mëtt
- Ze groussen Niveausënnerscheed vum Sockel Cycle 2 op de Sockel vum Cycle 3.
- Am Bilan C2 ass Musik, molen a bastele beieneen an enger Applicatioun an dat ass net gutt. Musik als getrennten Applicatioun an evtl. Molen och trennen vum Bastelen
    - Am Bilan C2 ass Musik, Molen a Bastelen beieneen an enger Applicatioun an dat ass net gutt. Musik getrennt, an evtl och Molen trennen vum Bastlen, well d'Schüler sech je no Fach/Stonn anescht verhalen
- Et brauch eng Norm, fir d'Kanner ze situéieren, fir dass et méiglechst objektiv, gerecht an transparent fir d'Kand ass
- Beim Bilan gëtt et nach vill Klärungsbedarf, en ass net kloer
    - Wat ass eng Performance? De Begrëff vun der 'Performance' ass eng grouss Confusioun fir jiddfereen, Enseignanten an Elteren.
    - Et ass onkloer, wat een dierf ënner 'Observations' dra schreiwen a wat net.
    - Beim PPCI misst een bei 'Observations' dierfen dra schreiwen.
    - Onkloerheet beim PPAA fir den Bilan auszefëllen: Bleift d'Kand déi ganzen Zäit op där selwechter Linn?
    - Wat ass de Niveau d'acquisition 1 beim nächste Sockel? Entsprécht den Niveau 'en voie d'acquisition' am C3 dem Niveau avancé vum C2? → Bei enger logescher Progression vum Plan d'études misst u sech de Niveau en voie d'acquisition vum Cycle 3 dem Sockel vum Niveau C2 entspriechen, deen en voie d'acquisition vum C3 dem Sockel vum C4 etc. mee et ass net sécher ob dat sou ass. Den Opbau ass net däitlech.
    - 'Démarches mentales' an 'Utilisation des médias' sinn onkloer am Plan d'études beschriwwen an dofir schwéier am Bilan ze evaluéieren.
- An de Sciences am Cycle 2 feelt de Beräich vun der Citoyenneté.
- Oral als écoute vs. dat, wat ech als Enseignant soen → Am Oral mécht et bei munche Schüler een Ënnerscheed ob se eng Écoute virgespillt kréien oder den Enseignant schwätzen héieren. Si kënnen den Enseignant verstoen awer keng Écoute. Hei differenzéiert de Bilan net genuch.
- Sproochen am C4: och d'Grammaire wäertschätzen → Déi Schüler, déi zumindest hir Grammaire beherrschen, schneiden beim Bilan schlecht of. Dat Wëssen gëtt am Bilan ofgeschwächt a net gewäertschätzt, dat ass schued.
- De Schülerportfolio misst obligatoresch sinn als Illustratioun vum Bilan a fir d'Gespréich.
- Schwammen am C2 'glisse': kee Schwammstyle néierens? → feelt am Bilan
- Kompatibilitéit vu Plan d'études a Bilan ass net ginn → se stëmmen net iwwereneen.
- Déi informatesch Versioun vum Bilan ass net praktikabel an zäitgeméiss. Scolaria ass de Moment technesche Mëttelalter. Beispill: Et kann een net zeréckgoen am Dokument, wouwéinst d'Enseignante sech de Bilan fir all Schüler printen, en fir d'éischt op der Hand ausfëllen an dono dann d'Notizen aginn. De Scolaria misst dem modernste Standard entspriechen.

## 3.4 Zesummefaassend Schlussfolgerungen

<table>
<tr><td>Informatesch Upassungen</td><td>D'Ausfëllen vun den Bilanen am Scolaria ass net benotzerfrëndlech gestallt.</td></tr>
<tr><td>Ouni Punkten mä mat Descripteurs + Kompetenzen</td><td>Et kéint een d'Kanner am Bilan och ganz ouni Punkten evaluéieren andeems een si unhand vun den Descripteuren a Kompetenzen astuft.</td></tr>
<tr><td>Performance – Definitioun onkloer</td><td>De Begrëff „Performance", deen jo och am Bilan soll eng Notte kréien gëtt vun den Enseignanten verschidden interpretéiert.</td></tr>
<tr><td>Et ass onkloer wat d'Kanner vun Dokumenter solle matkréien</td><td>Et ass net fir all d'Enseignante kloer, wéi eng Dokumenter si de Kanner alles solle matginn, wann si mam Fondamental fäerdeg sinn.</td></tr>
<tr><td>Eigenbewertung + Ziele sichtbar machen für Kinder</td><td>Fir dass d'Evaluatioun méi transparent fir d'Kanner soll sinn, kéint een méi Eeegebewäertungen vun de Kanner verlaangen an och allgemeng d'Léierziler méi siichtbar maache fir si.</td></tr>
<tr><td>D'Material muss gläichzäiteg mam Plan d'études kommen.<br>De neie Programm „Salut, c'est parti" passt net op de Bilan.</td><td>Neit Material stëmmt net ëmmer iwwertenee, mat deem, wat am Plan d'études steet an et huet een och net zu allem, wat am Plan d'études steet passend Material zur Verfügung. Wann e neie Plan d'études soll erauskommen, da soll och dat passend Material dozou gläichzäiteg erauskommen.</td></tr>
<tr><td>Suite vun C1-C4 net ginn</td><td>Déi vertikal Kohärenz soll sech duerch de ganze Fondamental zéie vum C1 bis an den C4.</td></tr>
<tr><td>Verstin déi Leit, déi se ausgefëllt hunn, d'Bilanen?</td><td rowspan="5">Momentan ass d'Bilanen ausfëllen deelweis eng sënnlos Aarbecht fir d'Enseignanten an dat läit dorun, dass se schrecklech subjektiv ausgefëllt ginn.<br>D'Kästecher am Bilan ginn ganz subjektiv ausgefëllt, well d'Enseignanten net genuch Upak hunn fir se wëssen, wéi si déi Kompetenzen solle moossen an well d'Normen net kloer genuch definéiert sinn. D'Descripteuren waren dowéinst eng gutt Saach. D'Niveaux de compétences missten awer dofir iwwerschafft ginn, fir dass den Enseignant sech méi einfach Evaluatiounskrittären fir d'Performancen ausdenke kann. Et ginn sech och konkret Beispiller vun Schülerproduktiounen vun den Enseignanten gewënscht fir de Kanner hir Performancen op eng méi objektiv Art a Weis kënnen anzestufen.</td></tr>
<tr><td>Sënnlos Arbecht → Bilan<br>→ Kästecher schrecklech subjektiv ausgefëllt<br>Wéi moossen?</td></tr>
<tr><td>Niveaux de compétences iwwerschaffen</td></tr>
<tr><td>Verlinkung mat Beispiller</td></tr>
<tr><td>Mir brauchen eng Norm.<br>D'Deskripteure waren amfong gutt.</td></tr>
</table>

# 4 Atelier C: D'Kommunikatioun vun den Evaluatiounsmomenter an den Austausch mat den Elteren a mam Schüler

Zum Schluss vum Atelier goufen d'Participanten gefrot, fir prioritär a besonneg gutt Saache **gréng** ✓ ze markéieren, a fir Saachen, déi si net gutt/optimal fannen, **orange** ⊗ ze markéieren.

## 4.1 Wéi eng Evaluatiounsmomenter ginn et a wéi ginn se un wien kommunizéiert?

### Aarten vun Evaluatiounsmomenter

- Produktiounen (Oral / Ecrit) → Evaluatioun all Dag an der Klass
- Partizipatioun am Alldag → Evaluatioun all Dag an der Klass ✓ ✓
- Perséinlecht Gespréich beim Pult → Evaluatioun all Dag an der Klass, oft ad hoc a spontan.
- Feedback-Runde am Alldag ✓
  - Beispill: Sech no der Stonn an de Krees setzen a froen, wat si haut geléiert hunn. Si stelle Froen asw., et kann alles sinn.
- Beobachtung
  - Evaluatioun duerch Beobachten, wat d'Kand (net) kann. Déi gefroten Enseignante aus dem Grupp huet dat net strukturéiert gemaach, mee awer kompetenzorientéiert. Hatt schreift op, wat him opfält (Bichelchen).
  - Buch féieren, wat d'Kand (net) kann an och opschreiwen, wann sech eppes ännert
- Tester / Prüfungen ⊗ ⊗
- Bilan & Bilan de fin de cycle
  - Et gëtt immens vill Wäert op dat Schlecht geluecht. B ass fir d'Kanner scho schlecht. An de Bilanen kënnt éischter dat feelerhaft eraus, wou ee net grad sou gutt war.
  - Eng Persoun aus dem Grupp huet all Schüler bei all Fach e perséinleche Kommentar dobäi ginn, fir dat e bëssen opzebriechen. Dat huet de Kanner gutt gedoen a vill ausgemaach. Op eng Kéier hat dee Bilan fir si wierklech eppes ze soen. Och fir déi Persoun am Grupp ass dat eng aner Approche zum Bilan ginn, wann se dat ofginn huet. Do hunn dann d'Elteren an d'Kanner direkt neigiereg gekuckt, wat do steet. Dat koum anescht un.
  - Wann d'Kand ëmmer en A+ huet denken d'Elteren, dass si scho ganz uewe sinn. Wann si dann um Sockel sinn (auch „nach oben" differenziert) an da bemol just en A hunn, sinn d'Elteren 'um Buedem zerstéiert'. Firwat hätt dat anert Kand dann en A+, obwuel e méi 'schlecht' wier? Majo well deen nach net um Sockel ass → d'Kommunikatioun mat den Elteren ass extrem schwiereg, et gëtt net verstanen.

  - Eng Persoun vum Grupp schéckt de Bilan e puer Deeg virdrun un d'Elteren fir dass si e virum Gespréich kënnen duerchkucken a sech hir Froen notéieren. Eng Fro vum Grupp war ob rsp. wéi dat technesch méiglech wier → Jo mat pdf. Et ass wichteg, dass d'Elteren de Kanner doheem och zielen, wat dann am Bilansgespréich gesot gouf an hinnen de Bilan weisen, wann d'Kanner net dobäi waren.
- Online 'Socrative' (App), Quizlet, Kahoot → Op Socrative ass direkte Feedback méiglech.
- Weeër vun der Kommunikatioun
- Bilan
- Wöchentleche Feedback mat Tester ⊗ ⊗
- Feedback op der Lernkontrolle (sehr gut / gut / ugekräizt).
- Benoutung, Smiley, 'Bonne note'.
- Kommentar vum Léierpersonal op der Aufgab.
- Direkte Feedback beim Schaffen.
- Gespréich mat de Kanner – Kommentarer bei Aufgaben; Reflexioun um Enn/Ufank vum Dag ✓ ✓ ✓ ✓
- Individuellt Gespréich ✓ ✓ ✓
  - Wann e Kand eppes net richteg verstanen huet an et dat net seet, dann hellt eng Persoun vum Grupp d'Kand op d'Säit fir ze klären, firwat et dat net gesot huet a fir ze kucken, wat do net verstane gouf a wou ee misst usetzen. Heinsdo fënnt een do och raus, dass d'Kand eppes anescht verstanen hat a vläit selwer gemengt huet, hatt hätt dat richteg / gutt verstanen
  - Individuellt Gespréich ass essentiell, eng Aufgab oder en Test seet net alles aus. Do kann och den Enseignant nofroen, firwat eppes net gaangen ass, obwuel den Enseignant gemengt huet, et wier schonn intus. Hei kann een dann rausfannen, dass d'Kand vläit einfach ee schlechten Dag hat → Ënnerscheed 'Erwartungshaltung' & 'Resultat' → De FIRWAT rausfannen, Ursachenforschung, wourun loung et? Et kann och um Enseignant leien, dass et net verstane gouf, dann sollen d'Kanner dat och soen
  - Et gëtt hei keng fix Struktur, fir dat ze man. Et ass z. B. net festgehalen, dass een all Woch mind. 1x an der Woch mat all Kand schwätzt. Dat hätt och guer kee Sënn, well een dat jee no Besoin sollt maachen / zouloossen
  - Dës Gespréicher si wichteg fir d'Bezéiung tëschent Enseignant a Kand
  - Dës Gespréicher gi meeschtens vum Enseignant initiéiert. Am C3 an C4, virun allem wa se den Enseignant gutt kennen, man awer och d'Schüler dat heinsdo. Et gëtt gefërdert, dass och d'Schüler kënnen intervenéieren an Initiativ ergräifen. D'Schüler hunn zu all Moment d'Méiglechkeet, sech ze mellen. Ee bestëmmtene Moment mëscht kee Sënn, well soss ze vill Schüler an der Rei stinn rsp. aner Kanner dat dann matkréien rsp. d'Kanner dee Moment keng Loscht hunn.
  - Portfolio eenzel mat de Kanner duerchhuelen.
  - Kanner wëllen net ëmmer bei den Elteren matkommen (informell vs. op Basis vun eppes Schrëftlechem wéi dem Portfolio).

- Onbewosst Kommunikatioun duerch Gesten oder Wierder, z. B. Luew. ✓
  - Onbewosst Kommunikatioun kréien d'Kanner ganz gutt mat. E Nicken oder e „Wow", wat ee net bewosst mëscht (virun allem méi expressiv Leit), kommen direkt bei de Kanner un. Et ass en direkten Feedback an eng Mikro-Evaluatioun.
- Kahoot, Socrative, Learning Apps, Teams, e-Bichelchen (Kanner als Adressat).
  - Feedback per App schléisst den direkte Feedback net aus.
  - e-Bichelchen: Et huet nach net all d'Funktiounen, déi den Enseignant brauch. Et gouf eemol de Souci geäussert, dass d'Direktiounen hei vill méi einfach kontrolléieren kéinten. Plus-value ass nach net onbedéngt do. Mam e-Bichelchen muss all Kand ëmmer ee Gerät hunn, do ass d'Autonomie vun de Kanner ageschränkt. Maison relais, Elteren a Schoul sollen hei méi no beienee bruecht ginn, Transparenz & Kooperatioun, mee ass dat de Wee? A wann ee net well kooperéieren, dann bréngt och dat Bichelchen näischt. D'Maison Relaisen sinn och net frou domadder, jidderee brauch e Computer fir dat unzeklicken.
  - Déi eigentlech Diskussioun misst sinn „Firwat ma mir eigentlech Hausaufgaben?" Mat all dem Komplexen froen sech d'Enseignanten sou lues selwer, firwat dat alles.
  - D'Zukunft verlaangt den Enseignant (theoretesch) ëmmer manner, iergendwann man Apps automatesche Feedback.
- Elteren – Dimmi (App), individuellt Gespréich, Bilan, Zousaz Grille.
  - Dimmi = App wéi Whatsapp, wou den Enseignant engem ganzen Elteregrupp eppes ka schécken oder eenzel, wou d'Elteren kënnen äntwerten. Soll datentechnesch méi sécher sinn. Dës App gëtt bei enger Gemeng mol finanzéiert.
  - Et ass wichteg, de Kontakt mat den Elteren ze hunn. Dimmi ass onperséinlech, de perséinleche Kontakt ass wichteg.
  - Dimmi gëtt oft ausschließlech fir Infos genotzt, net onbedéngt fir Evaluatiounsaustausch. Hei herrschen am Grupp allerdéngs gespalten Meenungen, ob ee lo soll doriwwer mat Elteren kommunizéieren oder just dréngend Infoen schécken ewéi dass de Bus ausfält.
  - Virdeel: D'Elteren gesinn d'Meldungen direkt um Handy, wat dann besser ass ewéi Mail. Wann een Owes z.B. schreift, dass de Bus net kënnt oder soss eppes Dréngendes, gesinn si dat ganz séier.
  - Dimmi o.ä. als *one-way push info* vum Enseignant fir d'Elteren.
- E-Mail, Post ⊗ ⊗

## Adressaten vun der Kommunikatioun

- Equipe vum Cycle (éischter informell)
  - Praxisbeispiller:
    - Klassen hu (bal) déi selwecht Tester gemaach. Do konnt een tëschent de Klassen kommunizéieren.
    - Si schaffen zesummen, schreiwen d'Bilanen zesummen, halen zu puer Kuer.
- Equipe pédagogique
- Leit aus ESEB, Accueil,...

  - Et ass normal, dass een och mat dëse Betreier schwätzt.
  - Kompetenzzentren als weidere méiglechen Adressat.
  - Pif (Accueil) → et kann ee net einfach A, B, C, D ginn, et muss een e Kommentar dobäi maachen fir et ze verstoen.
  - Accueil hält d'Elteregespréicher mam Titulaire zesummen. Dat (= Pif) ass jo dann nach eppes anescht ewéi de „normale" Bilan, dat kënnt als Zousaz dobäi.
- Schüler ✓
  - Evaluatioun soll sech u Schüler adresséieren.
- Kand vs. Schüler
  - Schüler ass eng (normativ) Roll. Oft geet ee bei de Schrauwen vum Schüler dréinen, mee et ginn och vill Schrauwen beim Kand. Et ass een Ënnerscheed, ob een mam Schüler oder mam Kand schafft.
- Schüler → Léierpersoun → Elteren (schaffen am „Dreieck") ✓✓✓
  - Schüler gëtt och der Léierpersoun Feedback, z. B. wann en eppes net verstanen huet. Wann dat bei méi Schüler de Fall ass, muss een et nach eemol am Grupp erklären.
  - Och d'Elteren erzielen, wéi si hiert Kand erliewen.
  - Wourobber d'Kanner an (hir) Eltere Wäert leeën, ass deelweis verschidden.
- Klass
- Elteren

## 4.2 Wéi leeft en typescht Elteregespréich of a wéi erliewen d'Schüler de Moment vun der Evaluatioun a Kommunikatioun?

### En typescht Elteregespréich

- Am Virfeld vum Gespréich: D'Gespréicher mussen organiséiert ginn, dat verursaacht oft Stress. Dat geschitt op verschidden Aart a Weisen, z. B. iwwer Doodle oder eng Lëscht, wou d'Elteren eng oder méi Optiounen sollen uginn. De Grupp huet betount, dass den Enseignant méiglechst flexibel sollt sinn, fir dass d'Elteren kee Congé fir dat Gespréich mussen huelen a fir hinnen et méiglechst einfach ze maachen. Dat dréit zu enger gudder Relatioun bäi.
- D'Enseignanten bereede sech vir, andeems si sech virdrun opschreiwen, wat ze schwätzen ass, hiert Bichelchen mat hire perséinleche Notizen mathuelen oder esouguer de Plan d'études prett leien hunn, wann si missten eppes justifizéieren. Eng eenzel Persoun vum Grupp huet den Elteren am Viraus de Bilan geschéckt, fir dass si sech dësen a Rou ukucken an hir Froen iwwerleeë kéinten.
- 1 Gespréich kann ëm 30 Minutten daueren.
- Deelweis maachen 2 Enseignanten d'Gespréich zesummen ('Hospitatioun'). Virun allem geschitt dat och bei méi jonken/neien Enseignanten.
- D'Kand ass deelweis dobäi, deelweis net. Hänkt ënnert anerem vun den Auerzäiten of.

- D'Gespréicher 'ginn drop', fir den Elteren de Bilan an d'Progressioun vun hirem Kand verständlech ze maachen → vill Elteren versti net, wat de Bilan weist. Wärend dem Gespréich probéieren d'Enseignanten haaptsächlech, de Bilan esou verständlech wéi méiglech ze maachen an ze erkläeren. Oft gëllt et den Elteren hir Fro ze klären, firwat dann eng Progressioun beim Kand do wier, obwuel d'Kand laut Bilan nach op der selwechter Plaz steet. An der Mathé kann ee mëndlech a kuerz nach besser erklären, wat lo dono soll kommen, wat lass ass, an de Sproochen allerdéngs ass et scho vill méi schwiereg.
- Munnech Enseignanten maachen ee Rapport vum Gespréich a loossen den Elteren dësen zoukommen fir ze ergänzen an ze ënnerschreiwen. Esou kënnen d'Elteren Saache nokucken an d'Enseignanten hunn eng Justifikatiouns-Grondlag an e 'Beweis' fir dat, wat festgehale gouf.

### D'Erliewnesser vun de Kanner par Rapport zum Elteregespréich

- D'Kanner hunn Angscht, dass hannert hirem Réck iwwert si geschwat gëtt.
  - D'Schüler kënnen Angscht hunn, dass hannert hirem Réck geschwat gëtt. Et muss ee si berouegen, dass näischt gezielt gëtt, wat si net scho wëssen.
- D'Kanner si nervös, och déi 'gutt'.
- D'Kanner hunn onrealistisch Erwaardungen → si fäerten 'Onerwaartes'.
  - Vill Kanner fäerten Onerwaartes a si gestresst. Och 'gutt' Schüler, déi wëssen, dass vill Positives kënnt, sinn opgereegt a mengen, si géinge bemol en D kréien.
  - De Grupp huet sech gefrot, firwat dat esou wier.Usesch wier dat awer normal, well och Erwuessener géinge sech virun engem Gespréich mat hirem Direkter froen, ob net awer iergendeppes schifgelaf wier oder eppes Onerwartes géif geschéien, och wann ee selwer wéisst, dass ee gutt geschafft hätt.

## 4.3 Wat dréit dozou bäi, dass den Austausch gutt leeft? Wat géing nach gebraucht ginn?

- Wat dréit dozou bäi, dass den Austausch gutt leeft?
- Flexibilitéit fir d'Elteren hunn ✓ ✓
  - Flexibilitéit als Enseignant, och mol Zäiten Owes oder Samschdes. Elteren sollen sech kee Congé mussen huelen, virun allem, wann se méi Kanner hunn. Si sollen de Congé mat hire Kanner verbréngen a net am Bilansgespréich.
  - Zäit hunn, Dauer: 30 Minutten.
  - Et muss am Bilansgespréich Plaz an Zäit fir d'Elteren sinn fir ze reagéieren.
- D'Gespréich muss geplangt sinn (keng 'sënnlos' Theemen) → wat wëll ee soen? ✓
  - Sech preparéieren, roude Fuedem hunn, gutt Virbereedung.
  - Am Gespréich kënne Vergläicher gemat ginn vu „Vorher-Nachher", eng Trace zu dësem Zweck mathuelen vu Saachen, wou de Schüler gutt oder net gutt eens gëtt.

  - D'Enseignanten hunn oft Bichelcher fir Saachen festzehalen, Dokumentatioun (fir manner subjektiv ze sinn).
  - D'Kand ass deelweis dobäi, deelweis net. Hänkt ënnert anerem vun den Auerzäiten of. Wann et eppes Zentrales mat den Elteren ze schwätzen gëtt, muss dat virdru geschéien a net dee Moment, wou d'Kand dobäi ass. Dat Bilansgespréich ass fir d'Kand.
- Reegelméissegen Austausch (sichen), och informell ✓
  - Enseignant an Elteren solle sech net nëmmen am Bilansgespréich gesinn an austauschen, mee och wärend dem Joer. Dat leeft vill informell. Informellen Austausch geschitt z.B. am Schoulhaff, wann d'Elteren hir Kanner siche kommen oder bréngen. D'Enseignanten solle sech net verbarrikadéieren, mee aus dem Sall rauskommen, 3 Wierder mat den Elteren schwätzen etc. Mat deenen Elteren, déi d'Kanner bréngen a siche kommen, huet een dee meeschte Kontakt, déi aner kritt ee méi schwéier.
  - D'Elteren sollen regelméisseg wëssen, wat lass ass, wat (net) gutt geet asw. Dann ass d'Bilansgespréich keng esou eng grouss Iwwerraschung, et kennt een d'Leit schonn an et gesäit ee lafend verschidde Vuen op eng Saach, wat och d'Verständnes beim Enseignant fërdere kann.
  - Informellen Austausch ass zentral, d'Elteren sollen och de Mënsch hannert dem Enseignant gesinn an ëmgedréint. Den Enseignant soll den Elteren nolauschteren an och dat nolauschteren, wat net direkt mat der Evaluatioun ze dinn huet (wann d'Elteren z.B. iwwert hir aner Kanner schwätzen)
  - Rapport vu Gespréicher maachen → wat hu mir festgehal asw. → Den Elteren dësen mat heem ginn, fir dass si eppes dobäisëtze kënnen a si ënnerschreiwe loossen. Dat ass engersäits fir d'Eltere gutt, fir kënnen ze kucken, wat scho méi beschwat gouf, an anerersäit och fir den Enseignant gutt, dee sech am Zweifelsfall op dëse Rapport beruffe kann.
- Sech och am Joer mat den Elteren austauschen ✓
  - keng Iwwerraschung, net onperséinlech, verschidde Vuen.
- Relatioun mat den Elteren opbauen ass essentiell ✓ ✓
  - Dozou gehéiert de Punkt virdrun vum 'reegelméissegen & informellen Austausch' an och 'Flexibilitéit'. D'Relatioun gëtt vill iwwert den informellen Austausch opgebaut.
  - Relatioun mat Elteren ass wéi gesot essentiell, mee dat lo offiziell festzehalen, wéi oft een si gesäit asw. ass schwiereg. Dat muss selwer vum Enseignant kommen, deen do flexibel an oppe muss sinn.
  - Gutt a mënschlech Begréissung am Bilansgespréich, sech op Aanhéicht gesinn an dat och vermëttelen. Sech net (schonn) hannert d'Pult setzen ewéi viru Geriicht. D'Begréissung ass essentiell fir den Elteren d'Tensioun ze huelen, déi deelweis eege schlecht Erfarungen an der Schoul gemat hunn an dowéint gestresst sinn, hinne Merci soen, dass se komm sinn asw.
  - Net vun uewe rof, och d'Kand an d'Elteren schwätzen loossen. „Wéi geet et lech, wat mëscht äert Kand?" asw. Net direkt oder nëmmen „wat mëscht et gutt oder net" schwätzen.
- Hospitatioun am Elteregespréich → 2 Enseignanten zesummen ✓ ✓
  - Déi nei Enseignanten missten Elteregespréicher (obligatoresch) üben, eng Sécherheet a Professionalitéit doranner kréien. Si hunn oft direkt Scholdgefiller, ginn géint déi deelweis vehement Energie oder Emotiounen vu munchen Elteren.
  - Déi Jonk hir (éischt) Gespréicher net alleng maache loossen.

- Rapport schreiwen
  - Wat gëtt festgehalen, Eltere matginn.

## Wat géing nach gebraucht ginn? Wat sinn weider Wënsch?

- Eng méi verständlech Progressioun ✓
  - D'Progressioun vum Kand ass dat, wat d'Elteren egal wéi interesséiert. Dës Progressioun ass de Moment net verständlech a schwiereg eriwwerzebréngen.
  - Oft gëllt et d'Fro vun den Elteren ze klären, firwat eng Progressioun beim Kand do wier, obwuel d'Kand laut Bilan nach op der selwechter Plaz steet. De Modell virdrun war besser fir Progressioun ze weisen.
- Een Instrument, fir d'Progressioun vill besser ze weisen ✓ ✓ ✓
  - D'Enseignanten hu net wierklech ee (gutt) anert Instrument ewéi de Bilan, fir d'Progressioun ze weisen. Et misst een Dokument ginn, wat vill besser d'Progressioun weist, well dat och dat ass, wat all d'Elteren egal wéi interesséiert a wou no si natierlecherweis ëmmer froen. An der Mathé kann ee nach besser erklären, wat lo dono soll kommen, wat lass ass, an de Sproochen allerdéngs ass et scho vill méi schwiereg.
  - Et kéint een z. B. pro Trimester d'Progressioun weisen.
  - Plan d'études / Bilan: Konkret a verständlech, fir Kanner, Elteren an Enseignanten ✓ ✓ ✓
  - Plan d'études brauch ee roude Fuedem, muss novollzéibar sinn.
  - Plan d'études hëlleft de Moment net beim Bilansgespréich, en ass héchstens fir den Enseignant do, fir kënnen eppes nozekucken an ze justifizéieren → z. B. noweisen, wat de Sockel ass.
- E méi grousst Verständnes vum Bilan ✓
  - Net d'Eltere si schwiereg, mee de Bilan/d'Verständnes vum Bilan. Dësen Onverständnes a Verwirrungen géintiwwer vum Bilan man vill Gespréicher schwiereg, do kënnen och d'Elteren näischt dofir.
- Den Ënnerscheed tëschent Compétence a Performance méi verständlech fir d'Eltere maachen ✓
  - Och d'Elteren musse 'forméiert' rsp. informéiert ginn, fir et ze erklären
  - D'Erausfuerderung hei ass de 'Wéi?' an z. B. d'Sproochekomplexitéit
- Den Ënnerscheed rsp. d'Verständnes vu Compétence a Performance fir d'Enseignanten méi verständlech maachen. D'Enseignanten maachen dat net all richteg an et ass net kohärent
- D'Enseignanten si selwer net kohärent, si hunn et deelweis selwer net verstanen a verwiesselen et. Wéi sollen d'Elteren et dann verstoen?
- Kee schrëftleche Bilan/manner schrëftlech fokusséierte Bilan. ✓ ✗ ✗ ✗
  - Schrëftleche Bilan net onbedéngt, mëndlech onbedéngt (gespalte Meenungen heizou).
- Performancen (A, B, C, D) sinn dacks Unhaltspunkter fir Elteren, well et fir si méi konkret ass
- Mat den Elteren austauschen oder Iddien/Feedback froen.

# 5 Atelier D: D'Orientatiounsprozedur fir an de Secondaire

An dësem Atelier gouf gréisstendeels net mat Post-its geschafft, esou dass et sech bei de Stéchpunkter ëm d'Matschrëft vun den Diskussiounen handelt.

## 5.1 Orientatiounsprozedur

### Wéi organiséiert Dir d'Orientatiounsprozedur fir an de Secondaire? Wéi eng Roll hutt Dir schonn an dëser Prozedur ageholl?

- Ech preparéieren d'Schüler duerch d'Epreuves facultatives op d'Epreuves communes. Epreuves facultatives fannen am éischten Trimester vum Cycle 4.2 statt.
- Eng Enseignante huet gesot, dat si déi Epreuven och a Punkten ëmwandelt op engem separaten Blat, well dat méi einfach ass, fir den Elteren ze erklären, wéi grouss den Defizit ass. Wann een z. B. gesot kritt, dat ass 18/60, verstinn d'Elteren dat besser, wéi grouss den Ecart vun 30 (der Halschent ass). E mathemateschen Wäert ass fir déi meeschten Elteren méi einfach ze verstoen. An ausserdem, ginn Prüfungen am Lycée jo vun 60 Punkten bewäert.
- Ech soen de Schüler, wéi een Dag d'Epreuve statt fënnt. Et kann jo sinn dat hien deen Dag virdrun Training huet an da méi spéit schlofen geet, wéi en aneren Dag an der Woch. Esou kann de Schüler selwer décidéieren op en den Training ausfalen léisst fir den Dag drop fir fir d'Epreuve an Form ze sinn. Ech kucken och net bei der Epreuve genee op Auer, wann d'Schüler elo 60 oder 61 Minutten schreiwen, ass mir egal. All Schüler kann säi Saz fäerdeg schreiwen.
- Et kennt vir, dat e Schüler um Enn vum, zum Beispill, 4.1 direkt d'Voie de préparation geet. Dat ass dann e Schüler, deen esou vill Lerndefiziter huet, dat déi am 4.2 net méi kënnen opgefaange ginn, well hien all Test als Echec erlieft. Esou Schüler schreiwen dann an den Epreuves communes guer näischt. Fir dat de Schüler net risquéiert doduercher um Enn vum Cycle 4.2 , komplett ze resignéieren, erspuert d'Schoul him d'Epreuves communes a setzt dee Schüler direkt an d'Voie de préparation.

  → Déi Virgoensweis ass net formaliséiert, dat gëtt mat den Elteren ofgeschwat an am Commun Accord esou gemaach. Den Direkter aus dem Lycée seet, dat si d'Schüler esou fréi ewéi méiglech wëlle kréien, fir esou e Schüler ze fërderen. Soss ass den Schüler, wann en nach emol duerchfält ze vill al fir an e Grupp Klass.

  → Firwat gëtt dat esou gemaach? Et gëtt e formaliséierten, offizielle Wee, dee vill ze laang dauert. Wann am 4.1 Lacunen festgestallt ginn an da Mesuren ugefrot ginn, krut den Titulaire d'Äntwert am Enn vum 4.2, an dat ass vill ze spéit.
- Déi definitiv Orientatioun fënnt zwëschent dem 5e respektiv 6e Trimester statt.
- D'Décision d'orientation als Enseignant just mat den Elteren ofhalen ass positiv. Et ass besser ët ass keen vun baussen derbäi (Proffen). Meeschtens fannen Elteren an Enseignant ëmmer e Konsens.

- „Décision d'orientation" gëtt vun 2 Säiten gedroen (Elteren, Enseignant). Et ass um Enn vum C4.1 e gudden Zäitpunkt fir d'„perspectives d'orientation" (agefouert 2017). Méi braucht et zu deem Zäitpunkt net.

## Wéi e Stellewäert hunn d'Epreuves communes? (Théorie vs. Praxis)

- Fréier ass gesot ginn ¼ E.Communes, ¼ Enseignant, ¼ Progressioun, ¼ Elteren. Dat gëtt elo net méi esou gesot, mee dunn huet ee scho gesinn dat d'Epreuves communes nëmmen en Deel sinn an haut sinn d'E. Communes och  just nëmmen een Element vu méi Elementer.
- Bewäertung vun den Epreuves communes:
  - Fréier bei de Proffen gouf just den Aufsatz gekuckt. D'Kompetenzen vum Schüler goufen reduzéiert op den Aufsatz. Den Enseignant selwer huet awer eng méi eng breet Vue op de Schüler.
  - D'Elteren leeën ze vill Poids op d'Epreuves communes. Si hunn nach d'Denken aus hierer Zäit vum Opnahmexamen.
  - Fir den Enseignant soll ët net ëm d'Virbereeden op d'Epreuven goen. D'Epreuven kréie méi Wichtegkeet, déi se eigentlech guer net hunn. An den Epreuven ginn d'Schüler dat gefrot, wat se schons ëmmer gemeet hunn.
  - D'Envergure vun den Epreuves communes ass ze vill respektiv ze laang: ze vill Inhalt, 90 Minutten fir d'Compréhension de l'écrit, 90 Minutten fir d'Compréhension de l'oral. (Dës Zäitdauer ass schonn fir en Erwuessenen laang). De Fokus gëtt just op d'Haaptfächer geluecht.
- Stellenwert vun den Epreuves communes:
  - D'Epreuven gi ganz ënnerscheedlech gehandthaabt. D'Kand sollt als Ganzt gekuckt ginn. Et ginn ënnerscheedlech Awaardungen (Schüler, Elteren, MENJE). Den MENJE mëscht e grousst Geheimnis ëm déi Dokumenter, eng ganz Prozedur. Munch Schüler si ganz sousceptibel. D'Orientatioun kënnt zu engem schlechten Zäitpunkt, d'Meedecher si voll an der Pubertéit. Et gëtt e risen Hype gemeet.
  - Déi Enseignanten, déi am Grupp waren, „halen de Ball flach" wann ët em d'Epreuven geet, fir den Hype net nach ze fërderen. Si kommunizéieren d'Datumer, mee probéieren, et net ze vill an de Fokus ze setzen. D'Epreuven sinn ee weidert Element op d'Vue vum Kand, ma sinn awer net iwwerflësseg.
  - Et ass schonns vill. An der Mathe ginn et elo mam Coding 3 Epreuven. Do nach d'Niewefächer derbäi ze setzen, wäer vill zevill.
  - D'Epreuven ginn den Kanner net gerecht. En Erlebnisaufsatz ass net méi aktuell, an ass dofir schwéier ze evaluéieren. Mee ët ass den Outil fir d'Commission de recours.
- D'Epreuves communes sinn en Outil fir Elteren ze iwwerzeegen, wou mir gesinn dat hirt Kand soll orientéiert ginn.
- Elteregespréicher vum Cycle 3.2 bis 4.2 si ganz wichteg zur Konsensfannung fir d'Orientatioun.

### Theema „Noten"/Bewäertungsënnerscheeder

- E besteet keng Kloerheet, wéi de „socle de compétence" definéiert ass. De Plan d'études huet keen dynameschen Opbau mat klore Performancen, déi een erwaarde kann vum Schüler. Do interpretéiert all Enseignant op seng Manéier op de Socle de compétence arreecht ass oder net. D'Fro ass opkomm, ob do Beispiller vu Performance sollen dra stoe kommen. Dat gesinn awer Enseignanten och als geféierlech un, well dann déi Beispiller als „Rezeptbuch" geholl ginn, wat als Folleg huet dat e „Schubladendenken" entsteet, wou de Schüler dann an dee passenden Tirang era getässelt gëtt.
- D'Mise au point vun de Kompetenzen wär wichteg. D'Kompetenzen mussen „aussagekräftiger" definéiert ginn.
- Enseignanten waren sech awer eeneg, dat si net méi op e Bewäertungssystem mat Punkten wéilten zeréck kommen.

### Wéi erliewen d'Schüler déi verschidde Momenter vun der Evaluatiounsprozedur?

*(Ass de Schüler derbäi/net derbäi,...)*

- Et ass Stress fir de Schüler. Den Stress geet spéitstens dann un, wann RTL der Ëffentlechkeet matdeelt, wéini d'Epreuves communes uginn.
- Beim Evaluatiounsgespréich
  - Ob d'Kanner derbäi sinn, hänkt vum Enseignant of. Kanner sinn eigentlech gäeren derbäi. Et geet ëm dem Schüler säin Léieren. Kanner kéinten sech selwer äusseren.

## 5.2 Erausfuerderungen

### Mat wéi enge Schwieregkeete sidd Dir konfrontéiert am Zesummenhang mat der Bewäertung fir d'Orientéierung an de Secondaire?

*(Notatioun, Supporten, Austausch, Zesummenaarbecht mam Schüler, mat den Elteren a mat aneren Acteuren, Evaluéiere vs. Léiere wärend dem Schouljoer/Zäitdrock, Kommunikatioun vun de Resultater, Orientatiounsprozedur, Moment vun der Orientéierungsentscheedung asw., De Rôle vun den Epreuves communes, Wëssen iwwer de Secondaire asw.)*

- Elteren entscheede mat, wou hir Kanner orientéiert ginn. Wann Elteren net d'Accord sinn mat der Orientéierung, déi virgeschloen gëtt vum Titulaire oder der Équipe pédagogique, dann ass et letztendlech esou, dat d'Kand dohinner orientéiert gëtt, wou d'Elteren wëllen, fir de Recours ze vermeiden. De Recours geet jo quasi ëmmer zugonschten vun den Elteren aus. Et gëtt natierlech versicht vu Säiten vum Enseignant ze erklären, op wat den professionellen Avis baséiert, well den Enseignant wëll, dat d'Kand deen him ugepassten a beschtméiglechen Parcours aschléit, an deen dann reusséiert.

- Eltere mat lëtzebuerger Bildungsvergaangenheet, dat heescht Elteren déi a Lëtzebuerg den Primaire a Secondaire gemaach hunn, hunn eng Virstellung vum Schoulsystem wéi e fréier war a kennen oft net genug den heitegen System vum Enseignement General mat all senge Méiglechkeeten. Elteren ouni lëtzebuerger Bildungsvergaangenheet si méi offen an hu keng virgefaasste Meenung, dat den Classique d'„voie supreme" ass..
- D'Compétences transversales hu ganz vill Importenz an all Cyclen vun der Education Fondamentale (EF). Si ginn awer net gekuckt an den Epreuves communes. Mathé a Franséisch hunn ganz vill Importenz an de Epreuves communes. De Schwéierpunkt läit awer am EF, wat d'Sproochen ubelaangt, um Däitschen.
- Erwaardungshaltung vun den Elteren verso Realitéit een Theema
- Den Elteren d'Angscht huelen virun der Orientatioun. Am Lycée gëtt jo nach ëmmer weider évaluéiert an orientéiert.
- Evaluatioun: Kanner opfänken, manner an de Classique schécken – am Classique geet de Wee just a Richtung Uni. An deenen anere Spaarten ginn ët méi Méiglechkeeten. Am Classique ass vill méi Sachlechkeet a Konzentratioun gefrot.
- Fro nom Beruff ass fir d'Schüler vill ze fréi, si hu keng Vue d'ensemble.
- Psychologesch Tester:
  - Et ass ganz interessant, wéi eng Äntwerten ee vun de Schüler kritt. Mee dës Tester sollte schons am Ufank vum C4.1 ufänken. Dann wéisst den Enseignant méi iwwert de Schüler an kéint domadder schaffen, fir d'Evolutioun vum Schüler ze färderen.
  - Momentan kann ee vun enger „Moutarde après dîner" schwätzen: De psychologeschen Test kënnt ganz zum Schluss an der Procédure d'orientation, wa schon alles decidéiert ass.
- Psycholog:
  - Et ginn 2 Voleten: (1) Tester (Memoire, Stress, logescht Denken); (2) Fräit Schreiwen (wéi d'Schüler sech wuelfillen).
  - Dat Ganzt ass fakultativ.
  - De Psycholog kënnt ze spéit, dee misst schons am Ufank vum C4.1 kommen. Dat kéint formativ genotzt ginn, den Enseignant kéint sech besser dem Schüler upassen.
  - Am aktuellen Modus kritt den Enseignant eng nodréiglech Bestätegung (no den Epreuven).
  - De Psycholog misst aus där selweschter Direktioun kommen.
  - Virun 2017 ass de Psycholog 2 Mol komm (2 Enseignanten hunn dat besser fonnt).
- Déi aktuell Sockelen sinn net gutt fir d'Orientatioun. Den PE gëtt net gekuckt, well keng Beispiller drastinn. Den PE ass keen dynameschen Klasseur.
- D'Gradwanderung tëschent engem „Exemple de bonne pratique" an engem Rezeptbuch (Teaching to the test) ass schwiereg. D'Fro, ob Beispiller am Plan d'études hëllefräich wieren, ass eng schwiereg Fro.
- Anhand vu Krittären (kengem Rezept) misst genau beschriwwe ginn, wat de Schüler muss kënnen. Esou ee Bewäertungsschema ass deenbar – et misst mat enger ganz genauer Beschreiwung kadréiert ginn, et dierft kee Rezept ginn.

## 5.3 Wënsch a Léisungsvirschléi

### Wat sinn Är Wënsch oder Léisungsvirschléi am Zesummenhang mat der Bewäertung fir d'Orientatioun?

*(Critèren déi solle berécksiichtegt ginn, Poids vun de Matièren, ganzheetlech Evaluatioun, asw.)*

- Iwwerschaffen vun den Epreuves communes:
  - D'Epreuves communes mussen iwwerschafft ginn. Si sinn net méi adaptéiert un dat, wat den Enseignant mat de Kanner mécht am Joer, dat heescht, si reflektéieren net méi déi Diversitéit, déi geléiert gëtt. Durée vun der Écoute ass 90 Minutten, dat ass ze laang. En Aufsatz vun 2 Stonnen ass ze vill an d'Theemen missten un déi Diversitéit, déi geléiert gëtt, ugepasst ginn. Mathé huet 2 Deeler, mam Coding kënnt dann nach en drëtten Deel elo derbäi. Dat ass vill. D'Fro, déi gestallt ginn ass, ass déi vum Sënn an Zweck vun den Epreuven. De Fokus leit wahrscheinlech fir d'Regirung op de PISA Studien, versicht een Enseignant ze erklären.
  - Bei engem Refus d'orientation vun den Elteren kéint ee sech virstellen, dat de Schüler, dee vum Titulaire op 7e voie de préparation orientéiert gin wär an op Wonsch vun den Elteren op 7e G soll goen, dann op 7e G orientéiert géif. Allerdéngs dann mat der Oplag, dat dëse Schüler dat éischt Trimester op 7e G muss packen, fir weider do kënnen ze bleiwen. Dat wär dann souzesoen eng provisoresch Versetzung, wou no dem éischten Trimester de Conseil de classe am Lycée eng Decisioun hellt iwwer de schouleschen Parcours vum Schüler mat enger eventueller Reorientation. Mat esou enger Mesure kéint e Schüler opgefaangen ginn an den Échec vum Schouljoer verhënnert ginn.
  - Den Site „Meng Schoul" ass ganz gutt an eng Hëllefstellung fir d'Elteren.
- Rencontres Lycée - EF:
  - Beispill aus der Praxis: Eng Rencontre vum EF mam Lycée de proximité (fir Stengefort ass dat den Mamer Lycée), gëtt 2× gemaach, déi eeschte Kéier am 4.1 ëm d'Fuesent an eng Kéier am 4.2 ëm Fuesent, am Lycée zu Mamer.

    *Da komme Proffen aus dem Lycée vun 7e C , 7e G an 7e VP an erklären, wéi de Profil vum Schüler vun hirer Sectioun ass. Do sinn dann Enseignanten aus dem Fondamental an Elteren do an kënne Froe stellen. Besonnesch Enseignanten aus der 7e voie de préparation kënnen erklären, wéi si e Schüler mat Schwieregkeeten oder Lerndefiziter opfänken. Si erklären och, wéi eng Passerellen méiglech sinn am Lycée. Passerellen innerhalb vun engem Ordre d'enseignement (Passerellen innerhalb ESG) awer och vun enger Voie de préparation aus an den ESG. Et ass méiglech am Lycée och vum ESG an den ESC ze wiesselen, och wann et wahrscheinlech méi seelen ass. Dat geet besser an deene Lycéeën, déi och déi 3 verschidden ES ubidden (ESG, ESC an VP). Stengefort huet 7 Klassen am Cycle 4 dëst Joer. Dës Rencontren maache si all Joer an dat ass eng gutt Saach, well Elteren dann méi informéiert sinn, wat sech positiv op d'Orientéierungsgespréich um Enn vum Cycle 4.2 auswierkt. Och eng Persoun aus der Maison de l'orientation huet esou Praktiken bestätegt, dat heescht dat esou Rencontren och an anere Lycéeë gemaach ginn.*
- De Psychologe soll éischter kommen, am Cycle 4.1 an net zum Schluss:

  - De Psychologe, deen d'Stressveraarbechtung, d'Schaffen ënner Zäitdrock, d'Mémoire an d'logescht Denken beim Schüler moosst, kann dann dem Titulaire wichteg Infoe ginn, fir datt d'Équipe pédagogique mam Kand nach ka schaffen, wann en Defizit festgestallt gëtt. Virun 2017 ass den Psychologe ëmmer 2 Mol komm, elo nëmmen emol. Dat ass als gutt empfont ginn mat der Viraussetzung, datt et 2 Mol deen selwechten Psychologe war. Et ass och wichteg, dat den Psychologe Erfarung mat Kanner huet. Wann de Psychologe an der Orientéierungsprozedur (wou hien jo fakultativ ass) vun den Elteren mat eru gezu gëtt, ass et wichteg, dat den Psychologe eng Erfarung mat der Interpretatioun vun den Epreuves communes matbréngt, well jo eng „Décision d'orientation" muss geholl ginn.
- Voie de préparation am Enseignement secondaire:
  - Gëtt allgemeng als eng gutt Saach erlieft, well sech vill ëm d'Schüler gekëmmert gëtt. Si ginn och vun Éducatricen encadréiert a kréien Hëllefstellung vun Enseignanten an Éducatricen beim Léiere.
- Centre d'apprentissage:
  - Stengefort bitt de Schüler, déi Schwieregkeeten hunn, zousätzlech Mesuren an hirem Centre d'apprentissage. Domadder kréie si verschidde Lerndefiziter opgefaangen. Dat kënnen sech kleng Gemengen net leeschten, well ob een e Centre d'apprentissage kann opmaachen hänkt vun der Awunnerzuel an vun der Unzuel vun de Schüler an der Schoul of.
- Wat fir Mesuren bréngen net vill?
  - Den Projet ORIKA ass am C4.1 nach ze fréi.
  - ORIKA am Cycle 4.1 bréngt näischt, well den Lycée ass nach wäit ewech vun de Schüler. 500 Deeg ass vir e Schüler eng Éiwegkeet.

## Wat huet sech säit der Reform vun 2009 un Ärer Aart a Weis fir ze schaffen an ze denken verännert? Wat bräicht Dir nach, fir e kompetenzbaséiert Léieren an Évaluéieren ëmzesetzen?

- Bilan 2009: Dobaussen bei den Enseignanten: Schreift esou mann wéi méiglech op, schreift am Konditionnel (äusser Faktoren, Angscht virun Geriichtsaffären). Et gi méi Tester gemaach, een
- Enseignant schwätzt vu regelrechter „Testeritis". Et ass e groussen Ënnerscheed tëschent dem Cycle 3 an dem Cycle 4 an deem, wat den Schüler soll äntwerten an den Tester.
  - Am Cycle 3 kritt de Schüler gesot, hien soll nëmmen dat schreiwen, wat hie weess. Awer am Cycle 4 kritt de Schüler gesot, hie soll alles schreiwen, wat hien mengt, wat kënnt richteg sinn. Hien soll esou vill ewéi méiglech schreiwen. An der Epreuve ginn „ITEMS" gezielt, ob se richteg oder falsch sinn spillt keng wesentlech Roll.
- 2017 sinn Elteregespréicher agefouert ginn an d'„Perspective d'orientation", déi um Enn vum Cycle 4.1 formuléiert gëtt, ass näischt Definitives, mee eng Perspektiv, wou een nach e Joer Zäit huet mam Kand ze schaffen. Vill Elteren huelen dat awer net als Perspektiv wouer, mee schonn als eng virgefaasste Meenung vum Enseignant.

# 6 Gruppenaussoen aus dem Online-CoLab

Am Online-CoLab, deen den 11. Oktober iwwer Teams stattfonnt, hunn d'Participanten no enger Introduktioun vum SCRIPT a klenge Gruppen vu 4 bis 5 Leit zesummen diskutéiert. Als Diskussiounsgrondlag kruten d'Participanten ee Word-Dokument mat verschiddene Froestellungen, déi nofolgend d'Ënnerkapitelen duerstellen. An dësen Ënnerkapitelen sinn d'Äntwerten vun den insgesamt 26 Klenggruppen a Stechwierder festgehalen.

D'Participanten sollten déi Aussoen, déi fir si besonneg wichteg oder prioritär waren, extra ervirhiewen. An dëser Annexe sinn déi Aussoen giel markéiert.

## 6.1 Wat verstitt Dir an Ärem Grupp ënnert dem Begréff 'Evaluatioun'?

***Grupp 1***

- Di al Zensuren waren net verständlech fir d'Elteren.
- Keen Zësummenhang tëschent dem Evaluéieren vum Fondamental a vum Secondaire, an dat ergëtt net vill Sënn.
- Et mécht kee Sënn weder fir d'Elteren, nach fir d'Schüler.
- Am C4 gëtt een de Schüler dann ee Buschtaf, mee et muss een d'Schüler dann drop virbereeden, datt et dann am Lycée op 60 Punkten geet an dann versti si dat net.
- D'Kanner vun elo kennen JUST Kompetenzen an dann kommen si an ee System, wou et op Punkte geet.
- An der Voie préparatoire ass et nach méi komplizéiert d'Zensuren ze erklären; de Schüler an den Elteren.
- Als Enseignant vum Fondamental huet ee keen transparent an genaut Wëssen doriwwer wéi et am Secondaire/Préparatoire ofleeft an et ass da schwéier den Elteren an de Schüler et ze erklären.
- Et weess een net genau wat een A ass, wat ass ee B; ët geet een awer erëm drop zeréck, wéi et mat Punkten war (an et kuckt een mat Items).
  - → *Et krut een et ni erkläert.*
  - → *Wat ass d'Basis vun deem Evaluatiounssystem.*
- Et ass net genau genuch! Et kann immens onfair sinn.
- International School z.B. huet vun Klengem un bis op 1re ëmmer den nämlechten Evaluatiounssystem, an dat ass immens praktesch.
- Als neien Enseignant weess ee mol net, **firwat** de System sech geännert huet.

***Grupp 2***

- Zesummesetzung aus Momentopnamen (Tester) an der Bewäertung aus dem Alldag.
- Wëssenstester an Kompetenztester.

- Kanner vergläiche sech oft madeneen, wat deenen engen en Usporn gëtt an déi aner éischter nodenklech stëmmt.
- Versuch den Elteren an de Kanner ze vermëttelen, wou d'Kand a sengem schouleschen Dasein steet.
- Fir d'Elteren schwéier verständlech an net novollzéibar, well Tester an Bilanen net eenheetlech sinn. En A um Test ass net onbedingt en A um Bilan, well do d'Kräizer vun den Sockeln mei ausschlaggebend sinn.
- All Enseignant interpretéiert de Bilan an d'Bewäertungsweis anescht.
- Eng kloer Richtlinn un all Enseignanten wéi den Bilan richteg ausgefëllt soll ginn.

### *Grupp 3*

- Fortschrëtt vum Kand festhalen (Progrès).
- Unterrichtsziler gefestegt sënn?!
- Mental Verfaassung observéire fir eng Momentopnam kënnen ze maachen.
- Net nëmmen Tester, mee de ganzen Dag iwwer kucke wat d'Kand bréngt.
- D'Kand a sengem Ganze kucken; bsp. sproochlech schwaach, mee an anere Beräicher gutt.
- All klenge Schrëtt no vir ass wichteg.
- Evaluation formative et certificative.
- Op d'Stärken opbauen an eng Hëllefstellung fir seng Schwächten.
- Differenzéiren; d'Kand ofhuele, wou et ass.
- Autoevaluatioun!!; gewëllt sinn ze léiren fir d'Liewen, Elteren sollen eng Virbildfunktioun sinn.

### *Grupp 4*

- Schüler bewäerten.
- Resultater auswäerten (wat mécht datt X Schüler just en „C" kritt hunn an den Test awer als méi einfach vum Enseignant „agestuft" ginn ass).
- Kucken wéi de Schüler sech weiderentwéckelt (eng Punktenzuel oder an enger Matière weiderkënnt).
- Kucke, wat de Schüler scho kann (anstatt wat e net kann).
- Kucken wéi staark een de Schüler aschätzt.
- Kucken wéi staark en sech selwer aschätzt.
- Kucke, wou e steet fir ze wëssen u wat ee schaffe muss.

### *Grupp 5*

- Fir eis feelt et u Struktur am Plan d'études. Et gëtt keng richteg Richtlinn. Et fillt een sech verluer als Ufänger.
- Et kann een trotz Struktur an präzisen Krittären am Kuer differenzéieren. Et gëtt ee séier vun aneren Enseignanten, déi schonn laang dobäi sinn ausgegrenzt, wann een net mat der selwechter

Methode fiert ewéi si. Et fillt een sech gezwongen dem Grupp no ze goen, et ass schwéier sech duerchzesetzen an akzeptéiert ze ginn.

- Et ass ee groussen Manque u Kontinuitéit an eisem Schoulsystem. Mir wënschen eis een nationalen transparenten Evaluatiounssystem. E Punktesystem ass méi kloer fir Elteren an Enseignanten, et géif och de Passage vum Fondamental an den Lycée vereinfachen. De Punktesystem ass usech besser well et jidderengem entgéint kennt. Et gëtt momentan keng Alternativ zum Punktesystem. Et ass een objektiven System.

***Grupp 6***

- Réckmeldung fir d'Elteren, wéi d'Kanner schaffen. Wat klappt, wat klappt net, wourunner muss nach geschafft ginn.
- Evaluatioun soll net eng Bestrofung sinn, mee éischter en Outil fir weiderzekommen, d'Weiderentwécklung ze plangen.
- Evaluatioun soll net negativ sinn, positiv sinn.
- En Zeeche setzen.
- D'Schüler kënnen deels deels näischt domadder ufänken.
- Beim engem C kommen d'Tréinen, Heiansdo scho bei B, ...
- Elterenaarbecht, wéi ass den A+ zustane komm.
- Programme réduit, gutt geschafft op hirem Niveau, op den Tester muss gekennzeechnet sinn datt et en adaptéierten Test ass.
- Verwirrend fir all Akteur.
- 4-5× Bilan geännert → dat ass natierlech ganz schwiereg.
- Gebrauchsanleitung derbäi → als Erklärung zu de Bilanen.
- Moyenne ka net geholl ginn.
- Wat kann een als Feedback am Plaz vun de Punkten benotze fir ee Feedback, Saachen déi am Alldag net ëmsetzbar sinn.
- Perform. Wat ass dat?
- Definitioun ass net kloer.
- Wat huet d'Kand et fäerdeg bruecht oder net.
- PPCI wou sti se bei mir.
- Wou stinn d'Kanner.
- Definitioun: PPCI an de Sënn dovunner.
- Vill op d'Defiziter hin mam Kand schaffen : dat ass schwiereg.
- Kanner wëllen oft mat der Klass matschaffen.
- Aarbechts-Definitioun:
- Evaluatioun: Réckmeldung fir d'Elteren, fir d'Ekippen, fir d'Kanner

***Grupp 7***

- Am Alldag permanent kucke, wou d'Kanner stinn a wou ee se fërdere kann.
- Zu enger Evaluatioun gehéiert och mol heiansdo ze héiere, wat een net kann, woubäi natierlech op de Kompetenze vun de Kanner soll opgebaut ginn.
- Evaluatioun ass immens subjektiv. Wéi passen ech mech de Schüler, dem PE an dem soziale Milieu un?

***Grupp 8***

- Feedback an Informatioun fir d'Kand, d'Elteren, den Enseignant.
- Stärkten an Schwächten erkennen.
- Upassung vum Unterrecht un dem Kand seng Besoinen.

***Grupp 9***

- Eng Evaluatioun ass d'Observatioun vun de Kanner hiren Aarbechten, a mir als Schoul (Léierpersonal) sollen eisen Unterrecht de Kanner upassen, esou dass jiddereen weiderkënnt.
- All Kand soll individuell gefërdert a berücksichtegt ginn (differenzéierten Unterrecht).
- Et soll kee Verglach sinn ënnerteneen. Mir kucken keng Moyenne générale.
- D'Evaluatioun ass och eng Réckmeldung/Feedback fir d'Elteren ze informéieren, wou hiert Kand zum jeweiligen Moment steet, respektiv an der Schoul schafft.
- Et gi verschidden Arten vun Evaluatiounen :
  - Den Diagnostic (Ufank)
  - D'Formative (Wärend dem Joer)
  - D'Cerificative (Zum Schluss → Socle atteint?)

***Lycée***

- 2 semestres
- Épreuves
- Évaluation continue (devoirs à faire qui comptent pour l'examen).
- 60 points (il faut avoir 30 points pour réussir l'année).
- On peut compenser.

***Grupp 10***

- E Léierprozess ze dokumentéieren.
- Wou Stärkten sinn an nach Schwächten.
- Eng Weiderentwecklung am Apprentissage.
- D'Kand muss déi Evaluatioun verstoen, fir villäicht doraus eng Verbesserung unzestriewen.

### *Grupp 11*

- Aktuelle Stand, wou d'Kand grad drun ass.
- Verständleche Feedback fir d'Kand selwer, fir d'Elteren.
- Positive Feedback.

### *Grupp 12*

- Neutral Réckmeldung vum Apprentissage, Wësse vum Kand, vun de Socles de compétences, fir d'Elteren, de Schüler an och fir den Enseignant selwer → fir ze wëssen, wou een drun ass, den Niveau, ...
- Wichteg fir ze wëssen, wou d'Kand steet, fir d'Kand, fir d'Elteren, fir den Enseignant.
- Feedback fir dass d'Kand säin Niveau selwer kann aschätzen.
- Évaluation diagnostique, évaluation formative, évaluation certificative.

### *Grupp 13*

- Wou steet d'Kand an de verschid. Kompetenzen?
- Beherrschung vu Matière?
- Wou brauch d'Kand Héllef/Widderhuelung?
- Wou si Stäerkten/Schwächten?
- Fortschrëtter?
- Feedback fir d'Kand/Elteren/Enseignant
- Am Alldag.
- Reflexioun  beim Kand.
- Auto-Evaluatioun, sech selwer aschätzen.
- Par rapport zu definéierten Normen.
- Aschätzung vum Kand.

### *Grupp 14*

- Bewäertung
- Evaluéieren fir ze léieren.
- Verständniskontroll
- Bestandsopnahm
- Orientatioun
- Réckmeldung (wat kann ech?)
- Selwer evaluéieren.

### *Grupp 15*

- Matière kennen/kënnen.
- Wou se stinn par rapport zu deenen anere Kanner an deem selwechten Alter.
- Leeschtung bewäerten/valoriséiren
- Wat kënne se ? Wat nach nit? → u wat muss nach geschafft ginn?
- Beweis, fir kloerzestellen, wat ee kann a wat ee nit kann.
- Gespréich mat den Elteren dorobber opbauen.
- Dokumentéiren, wat d'Kanner kënnen/nit kënnen, fir den Elteren ët ze weisen.

### *Grupp 16*

- Prüfung: fir ze kucken, wou d'Kanner stinn an wat si geléiert hunn.
- Fortschrëtter testen.
- Feedback fir d'Elteren.
- Fir Stärkten/Schwächten vum Schüler respektiv vun der Klass eraus ze kristalliséieren.
- Evaluatioun hautzudags: et däerf een de Schüler net méi frustréieren oder op d'Schwächten hiweisen.
- Onkloren Evaluatiounssystem säitdem de System mat Sockelen an net méi mat Punkten
- Méiglechkeet, fir dass de Schüler sech verbessere kann.
- Evaluatioun = Orientation scolaire.

### *Grupp 17*

***Persoun B***

- Héich frequent Tester als Drock/Motivatiouns-Mëttel fir SchülerInnen zum Léieren ze bréngen.

***Persoun L***

- Tester, net annoncéiert, als Outil fir rauszefannen, wéi vill d'Kanner vum Cours verstanen hunn a verhalen hunn.

***Persoun J***

- Contrôles continues, sou bal d'Kanner „prett" sinn, also als éischter certificative Evaluatioun vun de Kompetenzen, vun der Evolutioun vun de Kompetenzen vun all Kand.

### *Grupp 18*

- Bewäertung, fir ze kucken, wou d'Kanner par Rapport zu den Sockele stinn.
- Den Enseignant an d'Eltern hunn eng Trace vun der Evolutioun vum Kand.
- Feedback un d'Kand.
- Evaluation zitt sech duerch de ganze Schoulalldag.

***Grupp 19***

- Bewäertung/Auswäertung
- Dokumentatioun vum Léierprozess
- Gespréichsgrondlag fir den Entretien mat den Elteren.
- Momentaufnahme
- Evtl. Stress fir d'Kand/den Enseignant.

***Grupp 20***

- Stärkten, Schwächten
- Kucke wat d'Kanner kënnen.
- De Kanner e Feedback ginn, fir dass si wësse wou se stinn.
- Verständniskontroll
- Leeschtungsverglach
- Fir d'Elteren ass et och e Moyen ze kucken, wou d'Kand steet.

***Grupp 21***

- Evaluéieren ass kucken, wou d'Kand drun ass, wou seng Stäerkten a seng Schwächten sinn.

***Grupp 22***

- Feststellen, wou de Schüler drun ass, ob e weiderkënnt.
- Feedback fir d'Elteren an den Enseignant.
- Matière weider verdéiwen oder/an opschaffen.
- Steierelement fir de Cours ze organiséieren, resp. unzepassen (vum Enseignant aus gesinn).

***Grupp 23***

- Léierverständnis, Entwecklung, Bestandsopnam
- Kucke wat ee kann oder net kann mam Zil ze kucke, wat ee verbessere kann. Et muss ee wëssen, wat een net kann, fir sech an eng Richtung ze verbesseren.
- Ass d'Evaluatioun (Sproochen?) ze vill detailléiert?
- Evaluatioun am Verglach zu deem, wat ee kann, muss kënnen. E Muster, wéi eppes soll sin. All Schüler huet seng eegen Evolutioun.
- Evaluatioun kann net vun de Punkte fortkommen, Kompetenze ginn och mat Punkten/Itemen/Prozenter evaluéiert.
- Evaluatioun soll net nëmme positiv formuléiert ginn, et soll ee kënne soen, wou et net geet.
- Evaluatioun soll transparent sinn, fir dass de Schüler weess, wou en drun ass.
- Kloer Krittären fir ze evaluéieren
- Soll kompetenzorientéiert sinn, mee duerch eng Note visualiséiert, Motivatioun fir sech ze verbesseren.

***Grupp 24***

- „Klassesch", um Enn vun enger Theematik.
- Aart Diagnostik, fir ze kucke wou d'Kand drun ass.
- Fir eventuell Schwächen a Stärkte rauszefannen.
- Fir Remediatiounen ze proposéieren ➔ fir de Schüler ze hëllefen.
- Fir ze kucken, ob se geléiert hunn ➔ ob doheem och eppes gemach gëtt.
- Fir d'Basis ze festegen, fir dono drop opzebauen.
- Fir si op d'Orientatioun virzebereeden ➔ épreuves communes = d'Schüler ginn automatesch verglach.

***Grupp 25***

- Bewäertung, form. an certif.
- Standpunkt, Ist-Zustand.
- Entwécklung ass Verglach zu 2 Zäitpunkten: z. B. Ufank a Schluss vum Schouljoer.
- Hänkt mat Tester zesummen oder mat Schülerproduktioun.

***Grupp 26***

- Standortbestëmmung vun enger Kompetenz oder engem Wëssen.

## 6.2 Op wéi eng Aart a Weis bewäert Dir a firwat?

***Grupp 1***

***Cycle 1***

- Éischter Atelieren, wärend den Atelieren mee och am Grupp 'Klass' gemeinsam Aktivitéiten a Sproochaktivitéiten. Am Alldag schreiwe mer Notizen an een Heft, wat ëmmer dobäi ass ➔ Schwéierpunkt ass d'Sprooch: Bei eis gëtt Haptsächlecht FR geschwat, et muss een Lëtz rabréngen
- Den Numm steet schonn dran an dann e puer Säiten eidel, fir dass déi ëmmer opgefëllt kënne ginn. Bilans vum leschten Joer goufe scho gelies, fir da kënnen ze kucken, wat mir hinnen dann nach mussen bäibréngen ➔ op de Plan d'Études baséiert.

***Cycle 3***

- Et ginn Tester gemaach fir ze kucken, wat déi verschidde Schüler scho kënnen. Mir schreiwen awer och op, wéi si verschidden Aufgaben am Alldag geléist kréien a wéi si sech uleeën. Et ginn och Beispiller vum Alldag gehalen, fir datt d'Evaluatioun net nëmmen aus dem Resultat vun de Prüfungen besteet mee vun engem allgemenge Punkt.
- Portfolio och schonn am 3. Cycle.

***Cycle 4***

- Bei engem neien Theema musse se Aufgabe maachen, déi dann agesammelt ginn a verbessert. Do kucke mir dann, wou d'Schwieregkeete leien a schreiwen dat op, an dann ginn d'Appui Stonnen dorop baséiert.
- D'Prüfungen ginn op di verschidde Kompetenzen an op de Plan d'étudess baséiert
- Am C4 muss een och ee Portofolio maachen, meechtens Productions écrites (FR, D, R) oder Productions vun den Konschtstonnen/Nierwefächer.
- D'Démarche kommen och an den Portfolio fir eng Traçe ze hunn, a fir kënnen ze gesinn, wéi de Progrès am Laf vum Joer war. Dat kënnt alles an den Portfolio, well et Enseignanten am Secondaire ginn, déi dat och wëlle gesinn. An der Geschicht oder Geo gëtt éichter mat Atelier'en oder Dossier'en geschafft an zu deenen Theeme ginn d'Prüfungen geschriwen, déi dann och an den Portfolio kommen. Och d'Kopien vun den Epreuve kommen an den Portofolio.
- (Speed-Dating d'Enseignants vum C3 kennenléieren fir ze wësse wéi d'Schüler sinn. Mee et gouf schonn d'Erfarung gemaach, datt d'Kanner net esou si wéi se beschriwen ginn.) Zousazmaterial fir d'Kanner déi Schwieregkeeten hunn an och fir déi, di méi schnell sinn, fir datt se net gelangweilt ginn.
- D'Procédure ass awer nach ëmmer zimmlech traditionnel: Een neit Theema gëtt ugeschwat an zum Schluss kënnt den Test.

***Voie Préparatoire***

- D'Schüler hu Modulen, déi mussen d'Schüler packen. Pro Module sinn sou vill Krittären, déi ee muss packen. Esou wéi de ganz ale System, mat Prüfung schaffen fir déi Krittären ze iwwerpréiwen. Dossieren gi gemaach, mee kënnen net bewäert ginn.
- Zum Schluss kënne mir just dat opschreiwen an dat festhalen fir d'Evaluatioun, wat op de Prüfunge steet. Mir dierfen net dat evaluéieren, wat mir wëllen (z. B. mat de Kompetenzen a kucken wéi si einfach am Grousse Ganze geschafft hunn). Dowéinst léiwer méi Prüfungen, déi een dann harno kann zesumme setzen. Et muss een de Module herno zertifiéieren unhand vun de Prüfungen, wat awer guer kee Sënn ergëtt.
- An en plus ass de Programm am Secondaire ganz beschränkt.
- Schüler, déi aus anere Länner kommen an dee System net kennen, ginn immens duercherneen well se et net verstinn. D'Evaluatioun ass also ganz Traditionnel, mat Prüfungen a 60 Punkten.
- Eng Prüfung seet net ëmmer eppes aus. Et kann een och mol een schlechten Dag hunn, mat Kompetenzen ass dat dann awer besser. De Portfolio ass dann also besser dofir.

## ***Grupp 2***

- Wëssenstester (Verben, Vokabelen) a Kompetenztester (prod. écrite, compréhension de l'oral, production oral) (C4.2)
- D'Progrèsen am Laf vun de Wochen gi gekukt an net nëmmen d'Momentopnamen, alles wat an der Klass gemaach gëtt geet an d'Bewäertung mat an.
- Wëssenstester mat Items.
- Buschtawen ginn op Tester geschriwen an d'Elteren mussen ënnerschreiwen.

- Et gëtt gekukt, wéi d'Kand am Laf vum Trimester schafft (wéi gëtt ët sech drun, wéi schafft ët mat ...) an net nëmmen Tester.
- Fächeriwwergräifend (eng Präsentatioun an der Musik, Geo etc. kann och am Däitschen als Production orale an écrite bewäert ginn)
- Portefolio
- Arbechtsmoral (wéi ass meng Attitude zum Schaffen, wéi ginn ech mat menge Matschüler ëm...? Transversal Kompetenzen)

***Grupp 3***

- Tester; schrëftlech, Lernstandkontrollen.
- Mëndlech; Voc de base, der Welt öffnen, Fräispill, Kompromësser agoen, Frustratioun, Toleranzgrenz, Echec .
- Nolauschteren a verständlech matdeelen.
- Notizen an engem Heft festhalen, Meilensteine.
- Wocheplang; beobachten, Léise vu Problemer, Video op en Channel lueden (Production orale).
- Projektorientiertes Lernen (e Blat mat an d'Vakanz huelen, wou si opschreiwe/molen, wat si erliewt hunn, zesumme mat der Famill oder alleng) → Basis fir Bilanen.
- Individuelles Lernen mit System; Kanner maachen ënnerschiddlech Deeg Tester, wa si prett sinn an d'Lektioun fäerdeg hunn, wann d'Matière gefestegt ass.
- Wochereckbléck
- Autoevaluatioun

***Grupp 4***

- Tester, wou Kompetenzen a Wëssen ofgeruff gëtt.
- Tester, wou de Schüler eppes virdréit (bei méi Groussen e Powerpoint maachen oder eppes virstellen).
- D'Motivatioun kucken, op e wëll bäiléieren.
- Wéi d'Schüler sech uleeën fir virun aneren ze schwätzen.
- Ob de Schüler sech mellt a nofreet, wann en eppes net versteet oder och emol eppes fir en aneren widderhuelen (Consignen, Aufgab).
- Am C1: Biller oder Geschichten molen an se engem anere Kand oder Enseignant virstellen.
- Am C1: Outilen, wéi de Storyboard oder den iTeo benotzen fir sech opzehuelen an ze lauschteren an sech ze verbesseren.

***Grupp 5***

- HF: Produktiounen vun de Kanner mat Krittären, Meenung, Erklärungswee, Beobachtungsraster, etc
- Niewefächer: et kann een d'Kanner valoriséieren. D'Kanner ginn bewäert jeenodeem wéi si schaffen: et leed een méi wäert op d'Behuelen, d'Matschaffen, den Contenu oder d'Virwëssen,

säin Engagement. Eng Prüfung oder een Audio falls d'Klass schwiereg ass. Et soll een den Niewefächer genausou vill Wichtegkeet ginn wéi den HF.

- Mir missten den Niewefächer méi Wäert ginn.
- Beobachtung, Brainstorming, Plakater, Recherchen (Pertinenz), Experimenter, Portfolio, Präsentatioun, Projekter.
- Mir wënschen eis Tabellen mat Krittären och fir Niewefächer. Dat Ganzt hätt een schonn kéinten ausgeschafft hunn.
- Mir brauchen e Guide oder eng Tabelle fir Berufsunfänger ze entlaaschten. (Zäitmanagement)
- Et kéint een en Joeresplang maachen oder proposéieren mat de wichtege Contenuen.
- (HF an NF)
- Mir brauchen Outilen déi net ze vill zäitopwänneg sinn.
- Mir froen eis firwat et kee „spécialisé" gëtt fir Kanner. Et feele kloër Uspriechpartner déi eis konkret hëllefen!!
- Evaluéieren fillt sech u wéi wann ee just nach Beweiser muss sammelen.
- D'Elteren iwwerginn d'Responsabilitéit der Schoul an weigert sech den Buman ze sinn.
- D'Stigmatisatioun vun de Filièren (voie préparatoire, technique, classique) am Lycée.
- D'Eltere misste méi iwwert de System opgekläert ginn. → Ab dem C1

### *Grupp 6*

*Par Rapport zum Sockel (mat Grille)*

- Wéini sees de de Sockel ass ereescht, Mat Itemen eng Note zesumme kréien, wat heescht dat Sockel areecht, ABCD ass fir d'Kanner a fir d'Eltere méi kloer, seet awer net dat aus wat et aussoe soll. Méi wéi 2 Feler an engem Test ass keen A+
- Beobachtungen
- Am Alldag mécht ee sech ee Bild vum Kand senge Fäegkeeten/vu sengem Wëssen/....a fléisst an d'Bewäertung mat eran (Exercicer, Aktivitéiten, selbststänneg Aufgabe léisen, Gruppenaarbechten, eppes virdroen, „SIMS", virun der Klass virstellen, ...).
- Am C4 muss een ee Classeur hunn mat (obligatoreschen a fakultativen) Dokumenter, allméiglech Produktiounen, fir de Fall vun engem Désaccord, fir d'Bilansgespréicher, fir de regelméissege Feedback.
- Och mol Situatiounen: de Beschten an der Epreuve an am Laf vum Joer net esou gutt.
- Test aus 2 Deeler:
  1. Deel Üben
  2. Deel Verständnis
- Ugekënnegt an net ugekënnegt Tester.
- Classeur: Fir och mol spéitstens am 6. Gespréich d'Vue vum Elterendeel op d'Kand un d'Realitéit an un d'Besoinen vum Kand mat ze beafloossen.
- Subjektiv/objektiv → nach ëmmer en Theema – Wat kéint een do maachen?
- Mat Hëllef vun Apps:

- Bsp: Kahoot (d'Kanner fannen dat ganz flott): Textverständnis, Quizlet: Vocabulaire, Antolin: Textverstädnis, Anton: Rechnen an DE.
- (Präzisioun Kahoot: bspw an der Schoul oder Doheem)
- App austricksen ass munchmol méiglech.
- DE, Mathe, FR → mat an d'Bewäertung afléisse loossen.
- Eng Trace hunn ass awer och wichteg.

***Virbereedung op de Lycée***

- Sech selwer organiséieren fir en Test ze léieren (Selbststännegkeet) → dat feelt de Kanner oft, dat gëtt mat de Kanner an der Schoul geübt - d'Situatiounen esou reell üben, wéi méiglech.

### *Grupp 7*

- Checklëscht, wat am 1 Trimester, 2 an 3 bewäert gëtt (Cycle 1), datt an enger Schoul pro Trimester ± dat selwecht gekuckt gëtt.
- Feedback vun Intervenante fléisst mat an d'Evaluatioun an.
- Portfolio am C1 mat Produktioune vun de Schüler, Notten, fir de Léierprozess ze dokumentéieren.
- Reegelméisseg Noten zu de Schüler huelen, fir sou e gutt Bild vun hiere Kompetenzen an där hierer Entwëcklung ze kréien.
- C1 huet keng richteg Handhab a kuckt wéi en am Beschten eenz gëtt fir dat Ganzt esou transparent a komplett ze dokumentéieren.
- Portfolio fir d'Entwécklung vum Schüler ze dokumentéieren.
- Kompetenztester fir Kompetenzen ze préifen.
- Richteg Äntwerten zielen an enger Aufgab fir Kompetenzen ze ginn → Wéivill muss ech richteg hunn fir en „acquis" ze ginn? 50%? 75%? Am Endeffekt ziele mer awer Punkten.
- Um Enn vun enger Unterrechtsequenz → z. B: an der Mathé Theema „Winkel"
- Jiddereen setzt seng Kräizer ganz subjektiv am Bilan, well d'Krittären net kloer sinn.
- Panoplie un Dokumenter fir d'Kanner an hirem Léierprozess ze begleeden (Produktiounen op Pabéier, productions orales sous forme vun Audiodateien, Rapporten, PPCI, PPAA, Rapport scolaire...).

### *Grupp 8*

- Observatiounsnotten (fir wärend dem Kuer ze observéieren, fir d'Ausfëllen vum Bilan ze vereinfachen, fir d'Kompetenzen vun den Kanner net ze verwiesselen).
- Feedbackbogen (grille d'évaluation) (transparent Evaluation fir d'Kand an d'Elteren, konkret Trace).
- Tester (doheem léieren, Iwwergang an de Lycée, d'Matière oftesten, déi doheem ka prépareiert ginn).
- Portfolio (Recueil vun Produktiounen, Tracen, Stärkten/Schwächten verdäitlechen).

### *Grupp 9*

#### *Persoun A*

- All Dag beim Schaffen (Notizen) / All zweet Woch ee klengen Test / Uewen lénks gëtt ugekräizt, ob d'Kand eventuell un engem méi einfachen oder méi schwéieren Test schafft (version allégée/ version cycle/version avancée). Sou differenzéiert hatt.

#### *Persoun T*

- Klassesch Tester (pro Unitéit) → A/B/C/D.
- 2 Niewefächer.
- Hausaufgaben ginn net berücksichtegt.
- Aufgaben wärend dem Cours fléissen och mat an (Productiounen).

#### *Persoun J*

- Tester sinn egal bei wat fir engem Schoulmeeschter identisch a ginn op déi nämlecht Aart a Weis evaluéiert.

#### *Lycée*

- All Prof huet säin eegene Bewäertungssystem, et gëtt awer och een „Référentiel" (eisen Plan d'études).
- Et gëtt och ee Programm, deen een anhaale muss.
- Eng Evaluatioun no all 3-4 Wochen.
- Et kënnen méi Kapitelen an engem Test virkommen.

### *Grupp 10*

- Präsentatioun, Exposé
- Oralsaktivitéiten a klenge Gruppen mam ganze Cycle (Interview, Rollespill, Wimmelbild, Gedicht léieren) - emol gëtt geübt an déi 2. Kéier gëtt et virun der Grupp virgestallt an dann och vum Enseignant bewäert (2× 20 Min).
- Connaissancetester (zum Beispill Vocabulaire am Däitschen oder Franséichen; an der Mathé einfach Plus- a Minusaufgaben) a Kompetenztester.
- Gemeinsam Saachen (Sortien) erliewen an dokumentéieren.

### *Grupp 11*

- Kleng Tester (als Trace, als Motivatioun, fir ze wëssen, wou se stinn).
- Am Alldag wärend dem Schaffen → Beobachtungen (Aart a Weis fir ze schaffen, sinn se autonom?, ...).
- Eenzel Produktiounen an och Aarbecht an der Grupp.
- Beim Matschaffen.
- Hir perséinlech Entwécklung an der Klass iwwert puer Trimestere gekuckt.

### *Grupp 12*

- Feedback op Aufgaben, wat se maachen, kontinuéierlech.
- Kommentarer
- Sticker, Smileys
- Moments de métacognitions
- All puer Wochen eng zertifikativ Evaluatioun.
- Grille d'autoévaluations
- Net nemmen Tester kucken, och generell wat si seng Stäerkten, wat kann d'Kand → kann mol sinn, dass d'Kand e schlechten Daag hat, dofir am Alldag ëmmer evaluéieren.

### *Grupp 13*

*Wéi?*

- Wochefeedback mat Feedback vum Kand, Feedback vun Elteren.
- Evaluatioun am C1 (Fiche no Aufgab).
- Feedback zu Aufgaben.
- Regelméisseg Tester
- Dossier récapitulatif virum Bilan
- Portfolio, Léiermomenter vum Kand
- Vokabelstest am FR
- Gemëschten Tester
- Saachen aus der Klass
- De Prozess vu Projeten dokumentéieren.

*Firwat?*

- Beweismaterial fir Elteren
- Verständlech man fir d'Elteren
- Dokumentatioun vun de Léierprozesser
- Regelméissege Feedback fir d'Elteren a fir d'Kand
- Austausch tëscht de verschiddene Partner
- Kompetenz-Vernetzung feststellen
- Si Kompetenzen zu verschiddene Momenter opruffbar
- Der Weg ist das Ziel

### *Grupp 14*

- Portfolio: wat kannst du um Enn vum Cycle + Portfoliofest
- C1: Portfolio: Wochenaktivitéiten → no enger Woch Evaluatioun („Wocheplang")
- C1: Tester fir Bestandsopnam zu bestëmmte Momenter am Schouljoer
- C1: Kanner ginn net verglach, all Kand individuell → Fortschrëtter gi festgehaal

- C2: Léiertester, eng Woch am viraus ugekënnegt + Tester an Ateliers/Statiounen
- „Beweiser“ (C2): Sammelen vu Kompetenzen (Wat kannst du?)
- Kanner bewäerte sech selwer + Bewäertung vum Léierpersonal
- Kompetenztester (Kompetenzen ukräizen)
- Zäit op den Tester uginn

### Grupp 15

- Wëssenstester vun de verschiddene Matièren (Verben, Vokablen, ….) zu bestëmmte Momenter.
- Am Alldag beobachten: Schaffen wärend de Stonnen → Notizen dozou opschreiwen.
- Produktiounen (schrëftlich/mëndlich) vun de Kanner bewäerten → permanent.
- Mat Buchstawen (subjektiv → an all Klass/Schoul anescht).
- Mat Grillen/Mat Prozenter/Mat Items → Objektivitéit
- Beschreiwen, wat Kanner kënnen (erklärenden, beschreiwenden Text) → méi differenzéiert wéi eng Grille.
- Feedback → fir sech ze verbesseren.

### Grupp 16

*Formater*

- Prüfungen
- Beobachtungsbou
- Aufgaben
- Quiz
- Blitzprüfungen

*Momenter*

- Prüfungen en Fonktioun vun de Kapitelen
- Primaire: all 2 bis 3 Wochen
- Lycée: 2 bis 3 Mol pro Trimester

### Grupp 17

- /

### Grupp 18

- All Zort un Aufgaben kënnen bewäert ginn.
- Punktuell Tester fir ze kucken, ob d’Kanner geléiert a verstanen hunn.
- Ënnerscheed tëschent Kompetenztester an Connaissancetester (Test de vocabulaire). Fir een Connaissancetest kann ee léieren. Kompetenztester passt een oft um Niveau vum Kand un.
- Spontan Tester a geplangten Tester.

- Alldeeglech Produktiounen.
- Reegelméisseg Notizen huelen.
- Copien vun de Produktiounen fir am Bilansgespréich kënnen den Elteren ze weisen.
- Beispill: Parallel Geschicht.
- Präsentatiounen zu verschiddenen Theemen.
- Momenter: Virum engem neien Theema, während an fir d'Theema ofzeschléissen.
- Bei den Tester ginn zu den Objektiven vun de Kompetenzen mat A+ bis D bewäert.

***Grupp 19***

- Tester → Fir dat d'Kanner an d'Elteren kloer gesinn, wéi de Léierstand ass.
- Verständnisaufgaben (z. B. C1: eng Geschicht duerch e Bild reproduzéieren/noerzielen).
- Visuell Verständnisaufgaben duerch Manipulatioun vu Material.
- Beobachtung wärend dem Schoulalldag erlaabt et dem Enseignant, de Léierfortschrëtt vum Schüler am Alldag festzestellen → FIRWAT?: Et ass interessant ze gesinn, wéi e Kand eng Aufgab an engem méi entspaante Kader léist (also net an enger Testsituatioun).
- Iwwerpréifung als production orale: kucken, ob Kanner spontan Inhalter reproduzéiere kënnen.

***Grupp 20***

- Tester (certificatif) → zum Schluss vun der Unitéit/Kapitel.
- Liesen an der Klass bewäerten, Kanner eraus huelen.
- Problemer tëscht Exercicer an der Klass an Prüfung → net gefestegt.
- Prüfungen am Virfeld ukënnegen.
- Blitzprüfungen eventuell heinsdo.
- Aner Méiglechkeeten z. B. Exposé, Gruppenaarbecht.
- An de Niewefächer mussen d'Kanner léieren auswenneg ze léieren, gëtt am Lycée gefrot → Elteren net ëmmer averstanen.

***Grupp 21***

- Atelieren, wou ee gesäit, wéi d'Kanner manipuléieren, an engem 2. Schrëtt op Fichen.
- Tester, awer och an der Klass vill Iwwerpréiwe beim Matschaffen an der Klass an do ass och vill Production orale, déi sou bewäert gëtt.
- Deels Gruppenaarbechten, z. B. gemeinsam eng Billergeschicht schreiwen, an och mol virdroen.
- Deels differenzéiert an der Klass beobachten a bewäerten, z.B. Memory, Domino, Geschichten erfannen, ...
- E klengt Theaterstéck virun enger anerer Klass oder den Eltere virféieren, fir d'Kanner ze stäerken am Selbstvertrauen an e positive Feedback ze ginn.
- D'Kanner och mol eenzel op d'Säit huele fir se alleng ze bewäerten: z. B. Forme benennen, virliesen, Text noerzielen.

***Grupp 22***

- Klassesch Tester
- Notizen bei mëndleche Produktiounen, bei Korrektiounen, ...
- Filmen bei mëndlechen Präsentatiounen
- Maldiktat
- Lëschten, Checklëschten
- Feedback tëschent de Schüler zou speziellen Aufgaben
- Wichteg ass et, eng Villfalt u Formen a Moyenen ze hunn.

***Grupp 23***

- Item
- Punkten
- Prozenter
- Portfolio
- Enregistrementer (liesen, erzielen, fräi schwätzen)
- Kompetenzraster
- Buschstawen
- Zuele vun 1 bis 6
- → schlussendlech just en Alibi fir e Punktesystem, ëmgewandelt an eng Evaluatioun, déi vum Ministère gefuerdert gëtt.

***Grupp 24***

- Mëndlech (Presentatiounen, virliesen, Theater, ...)
- Schrëftlech, Tester an den Alldag kucken (Aufgaben, freies Schreiben,...) fir de Bilan auszefëllen
- Epreuves communes
- Klassesch Tester, wou d'Schüler sech kënne virbereeden.

***Grupp 25***

- Aus der Evaluatioun eraus Cours plangen.
- Geschlossen Exercicer a fräi (Schrëft)Produktiounen.
- Ugekënnegt an net ugekënnegt.
- Dagdeeglech Exercicen.
- Oral ophuelen, fir den Elteren virzespillen.
- Performance op d'Kand bezunn.
- Compétencen mam Raster socle/avancé.
- Et gëtt als ontransparent empfonnt vun Enseignanten an Elteren! Vill Erklärungspotential viru Bilansgespréich. Et gëtt verschidden gehandhabt vu Schoul zu Schoul.

- Kompetenzen sinn ze vague gehalen „commet peu de fautes“.
- EP STAN: C2.1 Bsp. Strichliste kann ee just wann een et gesinn huet, net am C1 um Program?

***Grupp 26***

- Aufgaben (schréftlech, mëndlech, digital, ...)
- Tester
- Frei Produktiounen
- Duerch Beobachtungen
- Problemstellungen

## 6.3 Wéini ass Evaluatioun förderlech, schiedlech a néideg?
(fir d'Kand, fir d'Elteren, fir d'Léierpersonal)

### Wéini ass Evaluatioun förderlech?

***Grupp 1***

- /

***Grupp 2***

*Léierpersonal*

- Fir de Kanner hir Progrèsen an Defiziter kloer am Bléck ze halen, a fir beschtméiglech am Nachhinein dorobber anzegoen.
- Wou stinn d'Kanner a wou kënne mir se ofhuelen, virun allem bei der Transitioun tëschent de Cyclen.
- Wou kënnen mär si beschtméiglech hileede fir hir Zukunft? (C.4.2)
- Förderlech, wann ee muss mat engem I-EBS oder aner Enseignanten muss koordinéieren, dann huet een eng Upak.

*Elteren*

- Et ass förderlech, wann d'Elteren d'Evaluatiounsmoossnamen kloer verstinn, a wann et fir si eng verständlech Evaluatioun um Bilan an um Test gëtt.
- D'Elteren musse Vertrauen an den Enseignant hunn, an net alles kontestéieren, wat dëse réit.

*Schüler*

- Fir gutt Schüler ass et eng Motivatioun.
- Gutt Virbereedung op hiert Lierwen, si stoussen ëmmer erem op Stresssituatiounen.

***Grupp 3***

- Sou laang ee mat deene positive Noorichten kënnt, ass se förderlech.
- Kompetenzorientéiert Bewäerten ass wichteg!

### *Grupp 4*

*Kand*

- D'Evaluatioun ass fir d'Kand quasi ni färdeg (sou laang et an d'Schoul geet), sech weiderentwéckelen ➔ Socle atteint sous réserve, Socle niveau avancé.
- Performance a positive Feedback.

*Elteren*

- Bilan-Gespréicher, bei Allongementer fir ze wëssen wou d'Kand steet (Differenzéieren, PPAA, PPCI, CI).

*Enseignant*

- Wann d'Kand d'Klass/de Cycle verléisst an d'Iwwergab zum nächsten Titulaire /dem nächsten Ordre d'enseignement gemaach ass .

### *Grupp 5*

*Fir den Enseignant*

- Net onbedéngt. Mir kennen d'Schüler a kënne jugéiere wéi d'Kanner sech entwéckelen.

*Fir d'Kand*

- Absolut! D'Kanner musse léiere Kritik ze héieren, fir sech ze verbesseren a wësse wou se dru sinn. D'Kanner brauchen heiansdo den Drock an e „Realitéitscheck". Et ass deelweis fir si en Challenge an eng Motivatioun (et muss sech a Grenzen halen).

*Fir d'Elteren*

- Et weist hinne wou d'Kand drun ass an wat ka verbessert ginn. D'Elteren fille sech awer deelweis och aggresséiert wann et net an déi Richtung geet, déi si sech virgestallt hunn (Orientatioun). D'Resultat kann den Elteren awer och d'Aen opmaachen.

### *Grupp 6*

- „Diagnos" Flex und Flo – Momentopnam par Rapport zum Kapitel, gëtt gekuckt wat beherrschen se a wat net ➔ eng weider Ënnerstëtzung fir de Wee bis hin zum Resultat novollzéien ze kënnen.
- Wann net ➔ Stop ➔ dat gëtt widderholl, wann dat nach net beherrscht gëtt (punktuellen Appui, ...).
- 2x am Trimester e méi groussen Test, wou méi gemëschte Matière, Strategien ofgefrot ginn ➔ esou opgebaut, wat zu dem Zäitpunkt misst beherrscht ginn, fir och den Elteren ze weisen, wou d'Kand steet (Réckmeldung) a weise firwat et net geet.
- Grille d'Evaluatiounen um Test: Spigel vun deem, wat geet a wat net ➔ fir d'Elteren hëllefräich
- Objektivitéitskrittären, Transparenz, Spigelbild och vun deem, wat d'Kanner kënnen.
- Aspekter beliichten, wat d'Kand gutt kann (Kand kennt bspw. säi Wuertschatz, mee d'Rechtschreiwung ass nach net esou gutt, e méi differenzéierte Bléck op dat, wat d'Kand kann a net kann).
- D'Kanner froen am C4 no Tester (fir eng Unerkennung vum Enseignant ze kréien, datt si sech dru ginn - well se vun Ufank un esou konditionnéiert gi sinn? (a vu wiem konditionnéiert?).

- Intrinsesch Motivatioun ass gutt, mee oft brauchen d'Kanner och ee Kapitän , deen hinne seet/ weist wou se hi mussen → ee Wee weisen/uginn.

### *Grupp 7*

*Fir d'Kand*

- Um Enn vun enger Unterrechtssequenz als Feedback zu den eegene Kompetenzen.
- Sech selwer aschätze léieren.
- Seng Stärkten a Schwächte kenneléieren.
- Op Stärkten opbauen, u Schwächte schaffen.

*Fir d'Elteren*

- Reegelméissege Feedback wou hiert Kand drun ass.
- Wou kann a muss d'Kand nach gefërdert ginn.
- Transparenz

*Fir d'Léierpersonal*

- Feedback fir ze differenzéieren, säi Kuer unzepassen.
- Sech un de Besoinen vun de Kanner orientéieren.
- Passage vun engem Cycle an deen aaneren/Lycée.
- Sech en Iwwerbléck schafen, wat d'Schüler iwwerhapt kënnen/net kënnen.

### *Grupp 8*

- Wann se verständlech/transparent ass (fir d'Kand an d'Elteren).
- Wann se ee kloere Feedback gëtt, wat d'Kand kann a kloer Pisten gëtt, wat et nach verbessere muss a wéi et et verbessere kann.

### *Grupp 9*

- D'Evaluatioun begleed de Schüler/in wärend senger ganzer Scolaritéit. Et gëtt Opschloss iwwert de Progrès vum Schüler.
- Ëmmer
- Wann de Progrès vum Schüler gutt dokumentéiert gëtt (Tester an Notizen/Grille d'évaluation), vereinfacht dat d'Evaluation certificative (Bilan fin de cycle).
- Sou falen d'Elteren och net aus de Wolleken. Dat Ganzt ass transparent (net nëmmen fir d'Elteren, mee och fir de Schüler selwer).
- De Schüler soll d'Motivatioun behalen ouni seng Kompetenzen schéin ze schwätzen. Dat heescht, et ass dem Schüler kloer, wou seng Schwächte leien, mee hien kennt gläichzäiteg och seng Stärkten. De Schüler gëtt motivéiert sech drunzeginn, u sengen Zieler ze schaffen a sech vun Dag zu Dag ze verbesseren.

### *Grupp 10*

- No engem Theema.
- Ufank vum Joer mam Schluss vum Joer oder Trimester vergläichen.
- Fir d'Kand, wann et um Enn vun engem Léierprozess ukomm ass a weise kann dat et eng Kompetenz areecht huet.

### *Grupp 11*

- Am Alldag wärend dem Schaffen.
- Tester, Resultater.
- Gespréich mat de Kanner & Elteren.
- Als „Trace".
- Wann se als positiv ugesinn gëtt an d'Kand am Léierprozess weiderbréngt.
- Bewäertung muss kloer sinn (Smileys, +,- ...).
- Kanner mat Léierschwieregkeeten (Bsp. Dyscalculie, ...) kënnen zousätzlech motivéiert ginn.

### *Grupp 12*

- Dokumenteméisseg ass et férderlech → Beweismaterial.
- Fir d'Kand: all Dag (net zertifikativ, mee einfach Feedback, Réckmeldung etc.).
- Fir d'Elteren: All Trimester → Bilansgespreicher (fir dass si drop kënne reageieren, fir dass si wëssen, wou d'Kand drun ass, wat fir Weeër gi mer, wat fir Weeër kënne si goen fir dem Kand ze hëllefen.)
- Fir d'Léierpersonal: Ëmmer, all Dag, allgemeng kucken, net sech op eenzel Deeg/'Tester' fixéieren, d'Evaluation ass ëmmer präsent, fir dass ee säi Cours kann adaptéieren.

### *Grupp 13*

***Fir d'Kand***

- Relativ direkte Feedback bei méi klenge Kanner.
- Feedback zäitno och bei méi grousse Kanner.
- Evaluatioun no enger Übungsphas.

***Fir d'Elteren***

- Informatioun iwwert Kand (wou si Schwieregkeeten → Zäit fir ze reagéieren).
- Valorisatioun vun de Stäerkte vum Kand.
- Regelméissegkeet (fir dass kann zäitens gehollef ginn).

***Fir d'Léierpersonal***

- Feedback fir de Cours entspriechend unzepassen (Wat sëtzt? Wat nach net? Differenziatioun).
- Ofsécherung am Fall vun enger Argumentatioun.
- Diagnos vum Ist-Zoustand (Wat ass an de Cyclen virdru geschitt?).

***Grupp 14***

- Reegelméisseg am Alldag als Réckmeldung fir Kand an Elteren + fir eventuell Mesuren (Logo,…).
- Wichteg fir d'Léierpersonal als Bestandsopnahm (wat muss ech wh?/ nei erklären?).
- Dokumentatioun fir den Elteren ze weisen, wat geschafft ginn ass.
- Selbstbewäertung virun de Bilansgespréicher als Basis fir d'Gespréich.
- Konstruktive Feedback (klenge Kommentar op den Tester), positiv formuléiert.
- Kanner ze verstoen ginn , dass si net alleng op hirem Léierwee sinn, dass si gehollef kréien.
- Keng Demotivatioun, keen Drock → dass si sech drop freeën, evaluéiert ze ginn.
- Trotzdeem Virbereedung op de Rescht vum Liewen (Beruff, Lycee…): léieren, Echec, …
- Wann een de Kanner weist, wéi ee léiert.

***Grupp 15***

- Wann d'Kand gesäit, wat et kann an och weisen kann, wat et kann.
- Wann d'Kand gesäit, dass et sech verbessert huet, eppes geléiert huet.
- Motivéiert fir weider gutt ze schaffen.
- Weisen wëllen, wat ee gutt kann.
- Wann een d'Kand am Ganzen kuckt an net just op säi Schaffen an den Haaptfächer reduzéiert.
- Dem Schüler Feedback ginn, wat e wéi besser maache kann → Pisten, Strategien ginn.
- Konkret Tipps ginn, wéi een sech verbesseren kann an och dofir Hëllefstellungen ginn.
- Wann se transparent a verständlich ass fir d'Elteren.
- Wann d'Elteren Feedback kréien, wéi se hirem Kand hëllfe kënnen, u wat hiert Kand schaffe muss.
- Evaluatiounsformen variéiren (Spiller, schrëftlich, mëndlich, ….).

***Grupp 16***

- Wann et evaluativ ass an net formativ – wann dat ëmgesat gëtt, wat geléiert gëtt.
- Bewäertungssystem!
- Wann d'Evaluatioun éierlech & kritech ass a net nëmmen op dat Positiivt fokusséiert.
- Wann d'Evaluatioun kloer & kohärent ass.
- Wann d'Kand seng Fortschrëtter versteet.
- Wann d'Elteren matmaachen, mam Kand léieren.
- Wann d'Elteren d'Schoul eescht huelen.
- Hëlleft dem Léierpersounal ze verstoen, wéi den Niveau vum Schüler/vun der Klass allgemeng ass.

***Grupp 17***

- Evaluationsreegelen a -resultater musse kloer an transparent duergestallt ginn a vun Elteren wéi SchülerInne verstane ginn. Persoun B gëtt z. B., de SchülerInne virum Test ee Raster, wat wéi kontrolléiert soll ginn a wéi d'Resultater entstinn.
- D'Evaluatioun muss Elteren a SchülerInnen ee klore Message ginn, wéi weider Progrèsen erméiglecht kënne ginn. Evaluatiounsresultater däerfen net als Ofschloss vun eppes gesi ginn.
- Evaluatioun ass nëmmen effizient, wann den Enseignant net gezwong ass, nëmme Positives ze schreiwen, mee wann en éierlech mam Kand an den Eltere däerf sinn.
- Well (virun allem am Secondaire) vill Kanner kuerzfristeg denken, misst Evaluatioun méi wéi bis elo konkret, anschaulesch a kloer mat Orientéierung verbonne ginn. D'Resultater vun der Evaluatioun mussen erkläert a verstane ginn als Hëllef fir déi zukünfteg schoulesch Carrière an ausserschoulesch Carrière realistesch ze envisagéieren. Grad – awer net nëmmen! – am Secondaire missten dofir och méi Efforte gemaach ginn, fir d'Schoul als Preparatioun op d'Liewen ze weisen, z.B. duerch reegelméisseg Stagen an der Aarbechtswelt. Evaluatioun däerf den Eltren an de SchülerInnen also net als „l'art pour l'art" interpretéiert ginn, déi - wann iwwerhaapt hire Sënn nëmmen am schoulesche Kader huet.

***Grupp 18***

- Kand: Wann se dem Kand Auskunft driwwer gëtt, wat et kann/ka verbesseren.
- Kand: Wann et prozessorientéiert ass.
- Enseignant: Wann ee gesäit, ob seng Léierzieler areecht sinn.
- Elteren: Wann se gesinn, wat Kand geléiert huet, evoluéiert huet.
- Elteren: Wann d´Eltern och gesinn, dat déi Zäit, déi si investéiert hunn, dem Kand och konnt weiderhëllefen.

  → Lernfortschritte sichtbar machen.

***Grupp 19***

- Wann se d'Fäegkeete vum Kand analyséiert, ouni d'Kand ze vill ënner Drock ze sëtzen (also net de Fokus op d'Feeler leeën).
- Wann se dem Kand kloer weist, wat et scho kann an u wat nach ze schaffen ass.
- Wann se dem Kand en Erfollegserliefnis bidde kann: „Ah! Ech hunn et verstan!"
- Wann d'Kanner léieren, dat et net direkt dramatesch ass, wann een eppes net direkt kann → Néierlagen verschaffen, ouni d'Motivatioun ze verléieren (et kann net ëmmer alles beim éischte Versuch klappen).
- Wann d'Elteren/d'Kanner eng TRACE kréien.

***Grupp 20***

- D'Kanner an d'Eltren musse wëssen, wou d'Kanner stinn.
  - > eng eenheetlech Grille an den Tester.

> erférderlech fir eng serieux Orientatioun.
> Feedback de Kanner an Eltere ginn.

***Grupp 21***

- Fir d'Léierpersonal, fir ze kucken, wou d'Kand steet an ob säi Wëssen gefestegt ass, ier ee mat eppes anescht weiderfiert.
- Dem Kand weisen, dass et Fortschrëtter mécht a sou och gesäit, dass et virukënnt, et gëtt also positiv evaluéiert.
- Fir d'Elteren iwwert Schwieregkeeten ze informéieren an dat och unhand vu Beispiller an Produktiounen ze weisen, dass si och wëssen, wat si mam Kand nach opschaffe kënnen.

***Grupp 22***

- Evaluatioun als Grondlag fir d'Elteregespréich fir de Léierprozess vum Kand ze ënnerstëtzen.
- Evaluatioun als Motivatiounsfaktor.
- Opweisen vu Progressioun.

***Grupp 23***

- Jo, wann se transparent a verständlech ass fir d'Kand an d'Elteren.
- Wann se kloer definéiert ass, landeswäit fir all  Enseignant.
- D'Iwwergäng Fondamental-Secondaire.
- Kann eng Evaluatioun landeswäit gerecht sinn? Krittären a Quantitéit déi selwecht z. B. Vokabelstest sinn 20 Wieder ze léieren a net méi.
- Qualitéit a Quantitéit vun den Tester misst définéiert ginn.

***Grupp 24***

- Kand: Fir rauszefannen, ob et d'Matière richteg verstanen huet, seng Schwächen a Stärkten rauszefannen, als REUSSITE.
- Elteren: am Cycle 4, fir ze kucken, ob d'Kand kéint an de Classique goen, fir ze wëssen, wou hiert d'Kand drun ass.
- Léierpersonal: Wou de Schüler hir Stärkten a Schwächen leien, evt. Remediatiounen ze machen, mat engem Theema weiderfueren oder nach ee Mol eppes widderhuelen.

***Grupp 25***

- D'Kanner sollen evaluéiert ginn, an Testsituatioun gesat ginn, well an hirem Liewen kommen déi Situatiounen andauernd.
- Schoul keng Evaluatioun? Awer am Sport, an an der Musék?
- Fir d'Kanner a fir d'Elteren: Fir selwer ze gesinn, op d'Kand sech verbessert huet. Ass gutt fir d'Selbstwäertgefill.
- Fir d'Léierpersonal: Fir de Cours doropper opzebauen.

- Am Fall vum „Echec“: Motivatioun, motivéieren, Hausaufgaben upassen. Mat den Elteren schaffen, well muncher ze héich Fuerderungen un hiert Kand hunn, ze vill Drock maachen.
- Aus der Evaluatioun kann ee léieren.

#### *Grupp 26*

*Kand*

- Wann et eng konstruktiv Réckmeldung kritt.

*Elteren*

- Fir eng Standortbestëmmung vun hirem Kand ze kréien.

*Kand an Elteren*

- Wann se net negativ konnotéiert ass a wann se motivéiert.

*Léierpersonal*

- Aus enger authentescher Léiersituatioun eraus.

## Wéini ass Evaluatioun schiedlech?

#### *Grupp 1*

- D’Evaluatioun ass eigentlech net schiedlech, just op d’Prüfungen ze testen ass schiedlech an d’Form vun der Evaluatioun ass schiedlech.
- Den Drock fir d’Kand an fir d’Elteren
- D’Konkurrenz

#### *Grupp 2*

*Léierpersonal*

- D’Evaluatioun an d’Bilanen missten sou opgebaut ginn, dass mär **net** an eng Situatioun kommen, wou mer eis musse **rechtfertegen**.
- Am Bilan kënnt et oft zu engem Desaccord a mir mussen eis vill rechtfertegen.
- Mir kommen an e **Konflikt** mat den Elteren.

*Elteren*

- D’Eltere kommen an de Konflikt mam Schüler.
- Bei engem Desaccord kënnen d’Elteren schlecht virun de Schüler iwwer den Enseignant schwätzen.

*Schüler*

- Dat féiert beim Schüler zu Mëssgonschten vis a vis vum Enseignant.
- De Schüler fillt sech iwwerfuerdert.
- Vir schwaach Schüler kann et immens frustrant sinn.

***Grupp 3***

- Kritesch Punkten; Elteren iwerschätzen d'Kand gären, Schwächte wëlle se net onbedéngt agesinn.
- Recoursen, Allongement?! gi net akzeptéiert.
- Wat maache mat Elteren, déi net Zäit an Interessi fir d'Kand opweisen?! Eltere méi implizéiren!!
- Bilanen si subjektiv, vun Enseignant zu Enseignant anescht.
- Bilanen si fir d'Elteren onverständlech.
- Eng Note ass méi aussagekräfteg wéi e Buschtaw.
- Evaluatioun secondaire a primaire si net kohärent, se lafen am Lycée bäi; 5e, Léier am Préparatoire, Modules.

***Grupp 4***

- Jo, wann se zu Frustratioun bei de Schüler, wéi bei den Enseignanten féiert, wann d'Evaluatioun falsch benotzt gëtt a keng Zukunftsperspektiv do ass an d'Evolutioun vum Schüler doduerch stagnéiert oder och nach regresséiert.

***Schwaach Schüler***

- Wann d'Kand praktesch just „D"-e kritt.
- Wann d'Kand vill negative Feedback kritt an déi positiv Saache vergiess ginn.
- Wann d'Kand ënnert Drock geréit oder „indirekt" gesat gëtt („Wanns du elo net oppass, kriss du en D am Test oder du bleifs am Cx.2").
- Wann den Ënnerscheed net tëscht Performance a Sockel gemaach gëtt.
- Bei adaptéierten Tester an hirem Niveau, wou se dann en A oder A+ kréien a sech net bewosst sinn, datt se de Niveau, wou eigentlech fir de Cycle ofverlaangt ass, net hunn.

***Staark Schüler***

- Schüler, déi mat A oder A+ gewinnt sinn an dann duerch en Ëmstand e B oder och emol en C kréien.

***Enseignanten***

- D'Ënnerscheeder vun engem Cycle op den aneren, wat d'Performance ugeet.
- An engem Cycle z. B. 5 Feeler = B+ wärend an engem aneren Cycle 5 Feeler en A ass.

***Grupp 5***

***Fir den Enseignant***

- Jo an Nee. Jo, et schützt den Enseignant bei sengem Jugement z.B. am Bilan. Nee, wann d'Elteren mat engem Punkt net averstane sinn, da gi mir egalwéi domat konfrontéiert an et kann ee Konflikt entstoen.

***Fir d'Kand***

- Jo, d'Selbstvertrauen kann domat geschiedegt ginn. Am aneren Sënn, ass d'Evaluatioun wichteg, fir dass si léieren mat Frustratioun an Echecen emzegoën. D'Kanner kënnen an der Decisioun d'Orientatioun d'Wuert huelen a selwer fir sech matentscheeden.

***Fir d'Elteren***

- Et kann d'Iddi an d'Zukunftspläng vun den Elteren duerchernee bréngen. Et ass net ëmmer einfach z.B. an der Orientatioun de Wee vum Kand ze akzeptéieren. Soss ass d'Evaluatioun awer u sech net schiedlech.

### Grupp 6

- Wann d'Kand ëmmer schlecht huet an ëmmer eng negativ Bewäertung kritt.
- Wann d'Kanner heemkommen a si gi bestrooft wéinst der Bewäertung (et bréngt och näischt).
- Et gi Kanner, déi guer net verstinn, wat eng Evaluatioun ass, wat eng gutt oder schlecht Evaluatioun ass.
- D'Fro, déi een sech stelle muss: Wat fir Leit kommen eraus, wa se duerch d'Forme gepresst gi sinn (par Rapport zum Selbstbewoosstsinn, zum Selbstvertrauen, zur Selbstkenntnis, an oft éischter defizitorientéiert → wat bréngt dat?)
- Kanner ouni Réckhalt vun doheem an op eemol ass de Kanner alles egal (och d'Evaluatioun).
- Wann d'Elteren d'Evaluatioun net verstinn/net verstoe kënnen/eege schlecht Erfarung -> ganz schwiereg.
- ABCD ass eng kënstlech Welt, Alternativen?
- Mir ginn de Kanner e gewëssene Wäert! unhand vu Bewäertungen → „Zerstéierung“ vum Selbstwäert! → Entwäertung → amplaz Wäertschätzung → dat ass immens schiedlech.
- 1000 „D“en ass net Wäertschätzung.
- Dofir missten Tester och esou adaptéiert ginn, datt d'Kanner eng Chance hunn sech net entwäert ze fillen.
- Evaluatioun soll op kee Fall als Selbstzweck: ëmmer win-win → et muss Sënn maachen.
- Wat schwiereg ass: d'Ofstänn tëschend de bilans intermédiaires sinn ze kuerz → Semestermodus? (Vill am Gaang ze evaluéieren fir d'Bilanen: am Stress fir dat zäitlech hinzekréien).
- Et gëtt een, deen de Wäert vu Bewäertung festleet → dat ass schwiereg → dat misst méi novollzéibar sinn – Machtpositioun → grouss Verantwortung.

### Grupp 7

- Si kann, wann doduerch ze vill Drock entsteet.
- Jo, wa se duerchgehend negativ ass, näischt positiv ass.
- Et soll eiser Meenung no awer och net alles schéi geschwat ginn a just de Fokus op dat Positiivt geluecht ginn. Et muss eng gesond Mëschung entstoen, datt d'Kanner och e realistescht Selbstbild entwéckelen. Kanner mussen och léieren domadden ëmzegoen, eppes nach net ze kënnen an dann dorunner mussen ze schaffen.

- Konkurrenzdrock ënnert de Schüler.
- Jo, wa se ze subjektiv ass.
- Jo, wa se net transparent ass an net kloer ass wéi Evaluatiounen zustane kommen.

### *Grupp 8*

- Wann se sanktionéiert.
- Wann se dem Kand en negatiivt Gefill gëtt.
- Wann d'Kand/d'Elteren se net verstinn.
- Wann d'Elteren net dohannert sinn.

### *Grupp 9*

- Amfong kann keng Evaluatioun schiedlech sinn. Mir differenzéieren.
- Wa mir awer op engem Niveau evaluéieren, deen dem Kand senge Kompetenzen net gerecht ass, ass et méi wéi normal, dass mir d'Kand demotivéieren. Dee Moment ass d'Evaluatioun net méi fërdernd a ka geféierlech ginn.
- Am Cycle 4 musse mir d'Kanner op d'Epreuven preparéieren. An dësen Epreuven gëtt net differenzéiert an et gëtt just eng Moyenne fir dat ganzt Land gezunn. Des Evaluatioun ass zum Beispill schiedlech!

### *Grupp 10*

***Fir d'Kand***

- Wann et just doröms geet him ze weisen, dat et näischt kann.

***Fir d'Elteren***

- Wa si just gewise kréien, wat hiert Kand alles NET kann.

### *Grupp 11*

- Wann se d'Kand ënner Drock setzt.
- Wa just dat zielt a net op seng gesamt Kompetenz gekuckt gëtt.
- Wann zevill verglach gëtt.
- Kanner mat Léierschwieregkeeten (Bsp. Dyscalculie, ...) kënnen zousätzlech demotivéiert ginn.

### *Grupp 12*

- Wann een e Kand devaloriseiert duerch eng Evaluatioun.
- Wann een eng falsch Evaluatioun mécht, déi net der Realiteit entsprecht (kee gudde Kontakt mam Kand, Elteren net kooperativ ...).
- Wann d'Kand d'Motivatioun verléiert.
- Wann een d'Kand mat deenen aanere Schüler vergläicht, an net individuell kuckt.

***Grupp 13***

- Wa se d'Kand demotivéiert.
- Wann d'Kanner sech ënnertenee vergläichen.
- Wa Kanner ausgelaacht ginn no der Evaluatioun.
- Wann d'Evaluatioun géint dat eegent Selbstbild vum Kand geet.
- Wann d'Kanner just nach de Fokus op d'Note leeën.
- Wann d'Elteren doheem strofen am Fall vun enger schlechter Evaluatioun.
- Wann d'Evaluatioun falsch interprétéiert gëtt, falsch verstan gëtt.

***Grupp 14***

- Drock vun den Elteren.
- Drock vum Léierpersonal.
- Drock, deen ee sech selwer mécht (Erwaardungen u sech selwer).
- Drock ënnert SchülerInnen.
- „Ech sinn näicht wäert."
- Vergläichen: wien ass besser?
- Test ze schwéier, net differenzéiert.
- Schlechten Test ouni konstruktive Feedback.
- Angscht virun Tester (Blackout).
- Volume (ze vill grouss Tester).

***Grupp 15***

- Fir déi schwaach Schüler kann se demotivant sënn, wann se ëmmer gewisen kréien, dass se eppes net kënnen.
- Net just op d'Schwächten pochen.
- Wann een ze vill an ze detailléiert evaluéiert.
- Wann d'Schüler ze vill an eng Stresssituatioun gesat ginn.
- Wann een de Kanner keng Perspektiv gëtt.

***Grupp 16***

- Wann et falsch verkaaf gëtt.
- Wann ee sech just op déi negativ Punkten fokusséiert.
- Wann een nëmmen déi positivt Aspekter däerf erwänen.
- Wann een ze vill op Verglach/Hierarchie tëscht de Schüler fokusséiert gëtt.

***Grupp 17***

- Eng Evaluatioun, déi reng déi individuell Progrèsen vum Kand kuckt, déi d'Kand also net mat de Leeschtunge vun anere vergläicht, bereet d'Kanner net vir op d'Welt no an ausserhalb vun der Schoul, wou z. B. an der Economie de Leeschtungsverglach mat aneren zum Alldag gehéiert. Et gëtt eng Scheinwelt virgegaukelt.
- Evaluatioun ass all ze oft verbonne mat Angscht a Stress, wat fir d'Wuelbefanne vun de Schüler-Inne schlecht ass, mee och d'Resultater verfälscht.
- Wa Kanner an Elteren Evaluatioun als ontransparent erliewen, fille se sech dacks ongerecht behandelt a profitéieren net vun der Evaluatioun, mee entwécklen Animositéite géint d'Schoul.

***Grupp 18***

- Kand: Wann et defizitorientéiert ass.
- Kand: Wann Kanner bis ufänken sech ënnerteneen ze vergläichen.
- Kand: Wann Kanner sech mat der Evaluation définéieren (idem fir d´Elteren).
- Kand kéint den Leittragenden sinn.

***Grupp 19***

- Wann se d'Kand ënner Drock setzt an demotivéiert (➔ just op Problemer/Fehler fokusséiert).
- Wann d'Resultat vum Léierprozess méi am Fokus steet wéi de Prozess selwer.
- Wann d'Elteren ze vill op d'Notten/Bewäertung kucken an doduerch d'Kanner ënner Drock setzen.
- Wann se schlecht/falsch kommunizéiert gëtt.
- Wann se mëssverständlech ass: z. B. wann d'Bilans net richteg verstan ginn ➔ och kee Konsens beim Léierpersonal.

***Grupp 20***

- Bei eenzelne Kanner (déi net léieren, wou kee mat hinnen léiert) kann d'Evaluatioun schiedlech sinn, déi ëmmer konsequent schlecht hunn.
- Wa keng Evaluatioun do ass (Général) ass schiedlech, d'Schüler kommen emmer weider ouni de Niveau ze hunn, ouni vill dofir ze maachen.
- Ka schiedlech sinn, wa se subjektiv ass ➔ brauch ee méi genau Richtlinnen (➔ wichteg Prüfungen festleen, Evaluatiounskrittären festleeën, wat getest gëtt).

***Grupp 21***

- Schiedlech, wann ee géif e Kand doen en Test matschreiwen, wou ee vun viran weess, dass d'Kand d'Kompetenzen nach net erreecht huet.
- Si ass net schiedlech, wann een als Enseignant probéiert d'Kand positiv ze evaluéiren

### *Grupp 22*

- Wann Evaluatioun permanent negativ ass.
- Wann Elteren kee kloer Bild hunn, vun dem wat gefrot ass an d'Kand iwwerschätzen.
- Wann d'Evaluatioun kompliziéiert ass, resp. kompliziéiert duergestallt ass.
- Wann Tester zu Stresssituatiounen mutéieren.

### *Grupp 23*

- Virgaukele vum Succès awer et ass en Echec (Cours de base, niveau avancé).
- Keng Punkte ginn mee just kompetenzorientéiert evaluéieren mécht dass e schwaache Schüler sech villäicht besser spiert, mee net besser schafft an e gudde Schüler keng Motivatioun huet fir sech ze verbesseren. Däst kann en Nivellement vers le bas mat sech bréngen.

### *Grupp 24*

- Bei engem schwaache Kand kann eng Evaluatioun frustréieren, et gesäit een säi Fortschrëtt net.
- Se ze fréi ze maachen, wann d'Kanner nach net richteg mat der Matière eenz ginn.
- Wann Doheem net gutt domat emgangen gëtt, frustrant fir d'Kand a fir d'Elteren.
- Léierpersonal: Vill verschidde Méiglechkeeten, misst eng méi konkret Richtlinn ginn, vill Drock an Arbecht (hunn ech genuch Preuven?!).
- Beispill: d'Elteren kéinten et dem Enseignant béis huelen, oppassen mat de Kommentarer am Bilan.
- Fir d'Elteren schwéier ze verstoen → sproochlech Barrière.

### *Grupp 25*

- Schoul keng Evaluatioun? Awer am Sport, an an der Musék?
- Net schiedlech!
- Awer schiedlech, wann et ze vill gëtt.
- Schiedlech, wann d'Elteren ze vill Drock maachen (Elterenaarbecht gefrot).
- Schiedlech, wann d'Kanner ze vill Drock sech selwer oder ënnerenee maachen.
- Schiedlech, wann Evaluatioun zu Ausgrenzung féiert (Net nëmmen ënner/duerch Kanner, mee duerch Elteren).
- Noten haart virliesen?
- Noten kënnen demotivant sinn.

### *Grupp 26*

- Kandofhängeg
- Wann se just d'Schwächten an een ni en Erfollegserliefnis opweist.
- Wann se just dofir do ass eng Ranglëscht opzestellen.
- Wann se ouni Erklärung stattfënnt.
- Wann se net de Kompetenzen vum Kand ugepasst ass.

## Wéini ass Evaluatioun néideg?

### *Grupp 1*

- Tester si gutt fir ze kucken, ob eppes gefestegt ass.
- Ass néideg, JO! Awer just net ëmmer als Test! Den Enseignant soll einfach d'Productiounen kucken, déi d'Kand mecht.
- D'Kand muss net ëmmer een Blat herno kréien, wou drop steet, wéi et geschafft huet, dofir kritt et schonn den Bilan.
- Et soll net nëmmen den Test sinn, mee alles insgesamt.
- Fir den Enseignant selwer och ze kucken, ob den Enseignant et och gutt erkläert huet!

### *Grupp 2*

***Jo***

- Fir d'Léierpersonal definitiv (schon alleng bei engem Desaccord mat den Elteren, fir Beweiser ze hunn).
- Fir d'Elteren ass et en gudden Unhaltspunkt.
- Ab dem C2.2 léieren se mat Drocksituatiounen ëmzegoen.
- Motivatioun fir ze léieren, si léieren oft fir d'Elteren houfreg ze maachen.

***Nee***

- Fir Kanner an engem C2.1 ass et nach net neideg, ab dem C2.2 kann ee lues ufänken mat Tester. Éischter fillen d'Kanner sech séier iwwerfuerdert, a wëssen net richteg, wéi se mam Drock sollen ëmgoen. Fir vill Kanner ass den Emschwong vum C1 an den C2 schon immens grouss an et ginn aner Fuerderungen u si gestallt. Si mussen sech als éischt un dei nei Situatioun gewinnen, ier och nach den Drock vun den Tester dobäi kennt.

### *Grupp 3*

- Kommentarer si méi aussagekräfteg wéi Buschtawen.
- Positiv Kommentarer schreiwen, ni negativ formuléiert.
- Den Enseignant kennt séng Schüler a bräicht keng Evaluatioun; eng Kommunikatioun fir d'Elteren?! → Verständlech fir d'Elteren?!
- De Bilan penaliséiert den Enseignant; Orientatioun.
- Kräizer am Bilan; Ausrechnen am Virfeld.

### *Grupp 4*

- Evaluation ass wichteg, wann eng gemeinsam Richtlinn do ass, sou gutt fir de Schüler, wéi fir den Enseignant, wéi fir d'Elteren.
- Jo, wann e Suivi do ass an d'Iwwergab vun engem Titulaire zum nächste klappt: Kommunikatioun, Transparenz.
- Jo, fir e gemeinsamt Zil ze areechen.

***Grupp 5***

- Fir den Enseignant: nee.
- Fir d'Kand: jo an nee.
- Fir d'Elteren: Jo, fir den Elteren ze weisen, wou et steet. D'Elteren erliewen d'Kand net ëmmer am sozialen Kontext. Et ass wichteg si iwwer d'Entwécklung vun hirem Kand ze informéieren.

***Grupp 6***

- Evaluatioun ass eng Réckmeldung fir den Enseignant.
- Eng Schoul ouni Evaluatioun ass méiglech.
- Wat alles gepréift a getest muss ginn: Ass oft d'Realitéit.
- Iwwerfuerderung/Ënnerfuerderung: Evaluatioun fir de schouleschen Alldag nëtzlech → fir d'Apprentissagen unzepassen.
- Rechtfäerdegung par Rapport zu den Elteren → dat ass oft d'Realitéit (dofir Tracen, schrëftlech Tracen, Drock ass oft enorm, wann ee méi „Joergangsklassen" Klassen huet, dat gëtt immens verglach → Oft weess ee schonn, wéi ee Kand gutt/manner gutt ofschneit ouni „Tester", mee Tester ginn eng schrëftlech Trace hir.
- Eng Evaluatioun ass och en Drockmëttel, fir datt d'Kanner eppes üben, wat se net esou gäre maachen.

***Grupp 7***

- Jo, fir sech kënne weiderzeentwéckelen, soss feelt d'Motivatioun fir sech weiderzëentwéckelen.
- Fir d'Léierpersonal fir de Léierprozess vun de Schüler ze dokumentéieren an ze wëssen, wourunner een nach schaffe muss, wat muss verdéift ginn.
- Wichteg, als Feedback zum Schüler sengem Léierprozess (Am C1 virun allem fir d'Elteren).
- Fir de Passage vun engem Cycle an deen aaneren, respektiv fir an de Lycée.

***Grupp 8***

- Reegelméisseg, all Dag, permanent.
- No all Apprentissage.

***Grupp 9***

- Kloer, absolut!

***Grupp 10***

- Um Enn vum Trimester resp um Enn vum Joër/Enn vum Cycle (am wichtegsten).
- Gefor vun „Iwwertesten" (ze vill Tester, fir dat en all d'Kompetenzen ofgetest huet fir de Bilan).

***Grupp 11***

- Jo, virun allem fir eng „Trace“ ze hunn.
- Jo, fir ze wëssen wou d'Schwächten an Stärkten sinn.
- Fir d'Elteren.

***Grupp 12***

- Fir ze wëssen, wéi d'Kand evolueiert huet an de Kompetenzen, fir en Iwwerbléck ze hunn, fir eng Dokumentatioun ze hunn .
- Ëmmer, am Alldaag, fir ze wëssen, wou d'Kand a wou ee selwer drun ass, fir de Cours besser ze adaptéieren.
- Fir jiddereen néideg (Kand, Enseignant, Elteren...).
- Soll net destruktiv sinn.
- Wann eng Verännerung an den Kompetenze vum Kand optaucht.

***Grupp 13***

- Zu zertfikative Momenter (Bilan)...
- ... a wärend dem Prozess bis bei de Bilan.
- Reegelméisseg
- Bei Schwieregkeeten
- Bei Stäerkten (Hochbegabung)
- Op Nofro vum Kand, fir dem Kand bäizebréngen, sech anzeschätzen.
- Basis fir Orientatioun/Prolongement de cycle.

***Grupp 14***

***Jo***

- Fir d'Fortschrëtter ze dokumentéieren.
- Fir festzestellen, wat nach net geet.
- Fir d'Entwécklung weider ze verfollegen.
- Fir Mesuren ze plangen (Appui, ...).
- Fir d'Kanner ze responsabiliséieren.
- Fir d'Elteren ze responsabiliséieren.
- Als Feedback fir d'Léierpersonal, fir säin eegent Schaffen a Fro ze stellen an ze adaptéieren.
- Fir de Kanner ze weisen, dass Effort belount gëtt an dass Léieren wichteg ass fir d'Liewen.
- D'Welt funktionéiert sou ;).
- Léieren, kritikfäeg ze ginn.
- Kanner eescht huelen.
- De Kanner weisen, dass si net alleng do stinn a gehollef kréien, wann sie eppes net kënnen.

- Fir d'Léierpersonal: Plange vun Inhalter, wéini a wéi laang?

***Grupp 15***

- Jo
  - → Fir rauszefannen, wou d'Kanner stinn.
  - → Fir kënnen ze differenzéiren.
  - → Fir d'Kanner op d'Beruffswelt virzebereeden + op de Lycée an Uni (Zukunft).
  - → Fir dass d'Kanner och léieren sech selwer anzeschätzen (wat kann ech, wat kann ech nit).
  - → Fir ze motivéieren.
  - → Fir dass se léieren mat Erfollëg a Mësserfollëg ëmzegoen.

***Grupp 16***

- Reegelméisseg fir d'Fortschrëtter kënnen anzeschätzen.
- Widderhuelung
- Wann individuell grouss Defiziter beim Schüler sinn (z. B. Kand am Autismus-Spektrum).
- Fir dass d'Léierpersonal mierkt, ob d'Matière verstane ginn ass.

***Grupp 17***

- Wann Evaluatioun quasi ouni Konsequenz, also ouni „Duerchfalen", wéi lo am Général, dann funktionnéiert se net als Motivatioun, fir méi Efforten ze maachen.
- Bilans-Gespréicher: Fir vill Elteren ze vill Informatioun. Si wënschen sech einfach, kloer Bewäertungen iwwert hiert Kand. Differenzéiert Bewäertungen mat konstruktive Proposen fir d'Zukunft ginn dacks net verstanen oder féieren net zu entspriechenden Handlungen. Dementspriechend erliewen all Concernéiert Bilansgespréicher als iwwerflësseg.

***Grupp 18***

- Enseignant: Evaluéiere gëtt engem Enseignant Sécherheet an e wichtegen Feedback zu senger Aarbecht.
- Kand: D´Evaluation ass néideg wann se formativ ass.
- Bei den Iwwergäng zu engem nächsten Cycle, Orientatioun an de Secondaire.

***Grupp 19***

- Virum Bilan (als Basis fir d'Elteregespréich).
- Nodeems en Theema ofgeschloss gouf: Iwwerpréifen, ob d'Kand et iwwerhaapt verstan huet, éier eppes Neies (en neie Léierprozess) ugefaang gëtt.
- Am Alldag: Fir de Léierprozess ze dokumentéieren an d'Kanner ze motivéieren. Si sollen net just fir den Test léieren, mee och wärend den normale Schouldeeg aktiv sinn.
- Wa Kanner onsécher sinn: Eng Bewäertung kann hinne weisen, dat si et awer kënnen.

- Wann een de Kanner an hiren Eltere weise wëll, wou si an hire Kompetenze stinn.

### *Grupp 20*

- JO!

### *Grupp 21*

- Jo fir ze wëssen, ob een zum nächste Schrëtt kann iwwergoen.
- Wichteg, wann d'Kanner z. B. plënneren an an eng nei Schoul kommen, dat hëlleft dem neien Enseignant d'Kand anzeschätzen. Wann e Kand Schwieregkeeten huet oder eventuell surdoué ass, da muss den Enseignant net nees nei ufänken mat sichen, mee e weess schonn wou d'Kand steet.
- Och wann Servicer vu baussen mat an d'Spill kommen ass et wichteg, wa si schonn e klengen Aperçu vum Kand kréien.
- Et ass och wichteg, dass d'Elteren fortwährend e Feedback zu den schoulesche Fortschrëtter vun hirem Kand kréien, dat ass ëmsou méi wichteg, wou och ëmmer méi Kanner méi Zäit an der Maison Relais verbréngen.

### *Grupp 22*

- Et gëtt vill an oft evaluéiert (Epstan, Epreuves facultatives, Epreuves communes, Bilans interméd.) Et ass net ëmmer Matière do fir ze evaluéieren.
- Als Grondlag fir d'Elteregespréich fir Defiziter opzeschaffen, fir Moyënnen opzeweisen Retarder opzehuelen.

### *Grupp 23*

- Firwat net am éischte Joer vum Cycle allongéieren, wa keng Base do ass.
- Evaluatioun net néideg, wa se näischt um Resultat ännert.
- Dem Resultat vun der Evaluatioun muss Rechnung gedroe ginn.

### *Grupp 24*

- Am Cycle 4 (épreuves communes), fir d'Orientatioun.
- No all Cycle.
- Fir ze kucken, wou d'Kand steet → evtl. Pisten ze fannen.
- Ep.Stan épreuves am Ufank vun all Cycle = Diagnostik.

### *Grupp 25*

- Net just een Dag kucken.
- Wann et fërderlech, ass et néideg.

***Grupp 26***

- Evaluatioun fënnt souwisou de ganzen Zäit statt, se ass net ze evitéieren.
- Et gëtt een duerch Evaluatioun op dat spéidert Liewen virbereet.
- Wann een net evaluéiert gëtt, kann ee sech net verbesseren.
- Kanner wëllen och eng Réckmeldung, brauchen e Feedback.

## 6.4 Ausbléck:

### Wat fir Verännerungen wënscht Dir als Grupp lech kuerz- a mëttelfristeg a punkto Evaluatioun? Wéi eng Platz a wéi eng Form soll d'Evaluatioun an der Schoul vun der Zukunft hunn?

***Grupp 1***

- Dass de Fondamental an de Secondaire een eenheetleche System hunn.
- Dass et weiderhinn op d'Kompetenzen evaluéiert gëtt, MEE d'Evaluéieren vun de Kompetenzen muss méi kloer/eenheetlech sinn, virun allem fir den Enseignant.
- Dass et eng Richtlinn gëtt, wou den Enseignant sech drop baséiere kann fir ze evaluéieren, fir datt et méi gerecht ass.
- Dass et manner eng Interpretatioun ass, mee eng méi kloer Erklärung gëtt.
- Dass ët ee Suivi gëtt vun der Evaluatioun.
- Een Theema soll net ofgeschloss ginn, nëmmen well den Test dann gemaach gouf.
- Et soll een déi wichtegst Kompetenzen esou laang schaffen bis datt déi acquis sinn.
- Wann Lacunen do sinn, musse se verschafft an erkläert ginn, éier d'Schüler weiderginn! Soss kommen ëmmer méi Lacune no.
- D'Schüler sollen d'Geleegenheet hunn, eng Selbstevaluatioun kënnen ze maachen an ze léieren. Hir Stärkten kënnen ze erkennen, net nëmmen hir Schwächten.

***Grupp 2***

- Mei kloer verständlech Bilanen (et ass fir d'Elteren net verständlech genuch, dass si d'Kräizer vun de Sockelen musse kucken an net den A, B, C, D deen drënner steet).
- Et misste mei Këschte ginn, fir bis op de Sockel ze kommen (z. B. 1 pro Trimester), well elo kann een net all Trimester eng Këscht eropgoen, och wann de Schüler gutt ass, well soss ass een nom éischte Joer direkt um Sockel → Motivatioun fir d'Schüler wa se eng Stuuf eropginn.
- Et misst een en Zwëschewee têscht dem aale System mat de Punkten fannen an dem System, dee mer elo hunn.
- D'Buschtawen am Bilan A, B, C, D misste verschwannen fir dat Ganzt kloer verständlech ze maachen, well mir alleguer rechnen eis Tester a Punkten aus an da rechne mer vun de Punkten a Buschtawen ëm.

- Fir d'Elteren sinn d'Punkte vill mei kloer verständlech an et bitt manner Ugreffsfläsch vir den Enseignant.
- Et ginn an eisem Bilan 3 Evaluatiounsformen, et bräicht een eng kloer, net d'Haaptfächer an d'Niewefächer anescht.
- D'ganzt Land misst d'selwescht evaluéieren an net jiddereen, wéi e mengt, et muss eng kloer Richtlinn ginn.
- Et misst e Bilan ginn, deen och kloer verständlech fir d'Schüler ass, well et ass dem Kand säi Bilan an ëm dëst geet et an dat soll och am Vierdergrond stoen.
- Vläit en allgemenge Mëttelwert ausschaffen (d'Kand XY), par rapport zu deem all Kand bewäert gëtt.
- Et wier gutt, wa näischt méi am Bilan géing optauchen, vun dem mir näischt wëssen (Coding)

***Grupp 3***

- Ze vill Programm C3 an C4 fir z. B. d'projektorientéiert Evaluéieren kënnen ze maachen.
- Plan d'études; Socles & Niveaux passen net ëmmer iwwerenee bsp. C2 oder C4 Mathé.
- D'Moral vum „schlechten" Enseignant leid drënner.
- Bilane solle méi eenheetlech sinn.
- **Bilane solle net zäitopwendeg sinn, mee praktesch a verständlech fir JIDDEREEN!!!**
- Et wëll een d'Kand erliewen a net de ganzen Dag analyséieren.
- E fäerdege Bilan mat Sätz fir de Cycle 1 amplaz ëmmer nees dat selwecht de ganzen Zäiten ze schreiwen.
- Deadline festleeën! Consignen si net kloer fir jiddereen z. B. Coding.
- Programm reduzéiren; Drock bei de Kanner a Burnout.
- Gëtt de Bilan der Gesellschaft gerecht, och no Corona?!

***Grupp 4***

- De System huet sech verännert.
- Deelweis feelt de Respekt an et gëtt villes a Fro gestalt, z. B. Elteren, déi sech ze vill amëschen oder d'Responsabilitéit quasi un d'Schoul ofginn.
- D'Elteren verstinn d'Evaluatiounen (deelweis) net, wat ass A, A+, B, B+, etc.
- D'Fro zum Schluss ass oft: Huet mäi Kand elo gutt geschafft? Kënnt mäi Kand elo an déi nächst Klass?
- Zevill Schüler an enger Klass, wou d'Problematiken sech häufen.
- D'Schéier tëscht de Kompetenzen ass oft ze grouss (deen een ass ze wäit hannendran, den aneren ass plus minus konstant an de Leeschtungen, en aneren iwwert dem, wat gefrot ass).
- Dobäi kommen extern Intervenanten (Assistance en classe, I-EBS, etc.) fir z. B. EBS-Kanner, Kanner aus de Centres de compétences, Kanner, wou Accueil musse kréien, etc. plus all déi aner schoulesch Problematiken wéi z.B. Dys, Problemer mam Behuelen/Oppassen/Konzentréieren,

souwéi eng Surcharge un administrativen Aarbechten (Rapporten iwwert Rapporten, Evaluatiounen a Re-evaluatiounen, PPAA, PPCI, etc.).

- D'Kanner mussen anescht integréiert ginn. De Niveau geet erof an déi staark Kanner bleiwen oft op der Streck well verstärkt no de schwaache Schüler gekuckt gëtt.
- Oft gëtt vergiess no de staarke Schüler ze kucken.
- Et misst eng gemeinsam Richtlinn ausgeschafft ginn: E roude klore Fuedem, dee verständlech ass.
- Et ginn Ënnerscheeder an den Evaluatiounen vu Schoul zu Schoul (Quartieren a Secteuren innerhalb enger Gemeng) a vu Gemeng zu Gemeng.
- Z. B. Gemenge wéi Esch/Uelzecht, Déifferdeng: Den aktuelle Plan d'études an d'Bilanen ginn de sozial- a léierschwaache Schüler net gerecht (Kompetenzen a Sockelen ze héich ugesat).
- Kanner, déi an engem C3.2 sëtzen an d'Basis vum C2 nach ëmmer opschaffen a just „mat duerch geschleeft" ginn.
- Aner Gemengen do sinn déi eng Schüler sproochlech schwaach an anerer dofir vill méi staark.
- Wat heescht z. B. „peut faire une phrase correcte"?
- = oft d'Interpretatioun vum eenzelen Enseignant.
- Vläicht misst een Back to the roots oder e Mëttelwee tëscht „fréier" an „haut" fannen.
- Fréier wousst een kloer wat 60-50, 50-40, 40-30 war, a wat ënner 30 bedeit huet.
- De Plan d'études muss iwwerschafft ginn.
- Awer wéi soll en ugepasst ginn fir déi eenzel Direktiounen/Secteuren ?

***Grupp 5***

- Méi aktivt Schaffen mat diversen Outilen.
- Mir wënschen eis Tabellen mat Krittären och fir Niewefächer. Dat Ganzt hätt ee scho kéinten ausgeschafft hunn.
- Mir brauchen ee Guide oder eng Tabelle fir Berufsufänger ze entlaaschten (Zäitmanagement).
- Et kéint een e Joresplang maachen oder proposéieren mat den wichtegen Contenuen.
- (HF an NF).
- Mir brauchen Outilen, déi net zevill zäitopwänneg sinn.
- Mir froen eis firwat et keen „spécialisé" gëtt fir Kanner. Et feele kloer Uspriechpartner, déi eis konkret hëllefen!!
- Evaluéieren soll net eng Sammlung u Beweiser sinn! Mee eng konkret Trace vun der Entwécklung vum Kand noweisen kënnen.
- D'Eltere sollen och Responsabilitéit fir d'Schoul an d'Entwécklung vum Kand huelen.
- D'Stigmatisatioun vun den Filièren am Lycée. D'Elteren missten méi iwwer den System opgekläert ginn.
- Et soll beim Evaluéieren keng Differenzéierung ënnerhalb vun engem Test z. B. gemaach ginn.
- Wann een Kand eng differenzéiert Versioun kritt, da soll et etappeweis gemaach ginn, an op ee selwecht Ziel (ewéi déi aner) ausgoen. D'Kanner fannen d'Differenzéierung onfair an hunn et

schwéier, dat ze akzeptéieren. Differenzéierung soll och net ze vill genotzt ginn, well Verschiddener et ausnotzen an dovu profitéieren.

- Et solle Leit Decisiounen zum Bildungssystem huelen déi konkret an aktuell um Terrain schaffen an an der Klass stinn !!!!!!!!!
- D'Evaluéieren soll keng Gefillssaach sinn, mee einfach just schoulesch ODER emotional gekuckt ginn. Et soll een d'Verhalen an d'Behuelen getrennt evaluéieren, mee Beides ass wichteg!
- Mir brauchen Videoen oder eng Erklärungsversammlung fir Elteren iwwer de lëtzebuergeschen Schoulsystem opzeklären.

**_Grupp 6_**

- Wann Sockele bestoe bleiwe sollten: Ziler misste ganz konkret a genau formuléiert ginn – eng Upak – méi Objektivitéit – méi genau Krittären.
- Esoulaang de Secondaire säi Bewäertungssystem huet, ass et schwiereg wann de Fondamental seng eegen Zopp kacht → misst zesummepassen.
- D'Aart a Weis, wéi de Feedback kommunizéiert gëtt, dat misst genormt ginn (wie géing déi Norm definéieren?). Ähnlech bei de Perspektive d'orientation (Schluss vum C4.1 → Elteren an Titulaire scho Pisten → ka fräi formuléiert ginn, dat ass net gutt).
- D'Schoulgebaier sollte wéinstens eng gemeinsam Linn hunn, déi national definéiert gëtt (Beobachtung, Test, Feedback bei enger Produktioun, asw., well soss si Feler virprogramméiert, well jidderee seng eegen Zopp kache kann) → Grilles d'évaluation.
- Autonomie/Bilan ass fir jiddereen dee selweschte Bilan → Widdersproch.
- Wéi eng Kompetenz, wéi ee Cycle, wéi ee Niveau gepréiwt gëtt.
- D'Punkten ofschafen ouni Alternativ ass net immens hëllefräich.
- An et ass vun haut op muer entscheed ginn → Also wgl. drun denken: Alternative ginn! Zäit! Erklärungen! Beispiller! Krittären! genau Ziler! Eng Upak wgl. fir datt et net ze subjektiv ass!

**_Grupp 7_**

- Sockele mussen nei definéiert ginn, well a ville Beräicher Saachen ugi sinn, déi d'Schüler nach net gesinn hunn, esou datt z. B.: E staarke Schüler an der Mathé net de Sockel dierft kréien, bis dat Theema da behandelt gouf.
- Schüler dierfen net regresséieren → Wann eppes laang net méi geüebt gëtt, kann och eppes verluer goen. Méiglechkeet ze regresséieren.
- Am C1 gefällt, datt d'Evaluatioun zimmlech fräi ass, manner Drock.
- De Bilan intermédiaire seet wéineg aus iwwert d'Kand.
- Niewefächer, déi mat ABCD bewärt ginn, vermëttelen de Kanner bëssen den Androck, datt déi net wichteg/egal sinn. Hir Evaluatioun ass manner wichteg, wat Kanner ab engem gewëssenen Alter ganz gutt verstinn.
- Performance si ganz schwéier fir d'Kanner an d'Elteren ze verstoen. All Enseignant handhabt et aanescht, ganz subjektiv
- Savoiren missten och um Bilan ze gesi sinn.

- Grammatik a Reegelwëssen wierkt immens niewesächlech am Bilan. Et stellt just nach e Brochdeel duer am Beräich vun der Production écrite.
- Méi Transparenz andeems ee Punkten/Items op eng Aufgab däerf schreiwen. Am Endeffekt zielt een jo souwisou wéi vill Saachen e Kand richteg hat, an dann setzt ee säi Kräiz bei de Kompetenzen. → dëst mecht et méi verständlech fir Elteren a Kanner.
- Kloer Richtlinnen, déi fir dat ganzt Land gëllen, an net vun Direktioun zu Direktioun ënnerschiddlech sinn.

***Grupp 8***

- D'Elteren sollen d'Evaluation/de Bilan verstoen (Kohärenz).
- National Kohärenz: déi eng gi Punkten op 60 oder 100, déi aaner rechnen mat Prozenter, déi aaner ginn keng chiffréiert Note
- Et soll een d'Kand net par rapport zu enger Norme vergläichen, trotzdeem ginn d'Epstan an Epreuves communes mat Items berechent → Kohärenz?
- Transitioun an de Lycée: am Lycée ginn et Notten op 60, am EF net (villäicht am C4 aféieren).
- Connaissancen kann ee ganz einfach mat Items/Punkte berechnen, Kompetenzen éischter net.
- D'Evaluatioun ass immens subjektiv (keng Richtlinn: wat ass en A, wat ass en B...?).

***Grupp 9***

- Krittären vun de Sockelen musse vill méi kloer definéiert ginn an duerch konkret Beispiller erklärt ginn.
- De genaue Programm, deen all Léierkraaft soll mat senge Schüler duerchhuelen, soll och kloer definéiert ginn. Dëse Programm soll ugepasst sinn un d'Kompetenze, déi am Léierplang verlaangt sinn. Beispill (Däitsch schwätzen Cycle 2: Milaprogramm passt net zu deem, wat am Léierplang verlaangt gëtt! D'Buch ass ze schwéier, zumools fir Klassen mat auslännesche Schüler, déi Däitsch als Zweetsprooch léieren).
- Wéini areecht ee Schüler déi verschidden Niveauen? Dëst ass eng Interpretatiounssaach an ass vu Schoul zu Schoul verschidden.
- Ee Schüler, deen zu Péiteng/Déifferdeng d'Schoul verléisst, soll zu Kietscht d'selwecht evaluéiert ginn. Et kënnt vir, dass mir nei Schüler an eise Klassen begréissen, déi an hirer aaler Schoul als gudde Schüler (Niveau avancé) duerchgaange sinn a fir eis areeche se knapps den Niveau socle.
- Et ass schwéier duerch den Zäitdrock an dee grousse Programm (Fuerderungen) an engem Cycle 4, all d'Kanner op ee Sockel ze bréngen. D'Kompetenze sollen am Lycée weidergefouert ginn. Den Iwwergang muss nei organiséiert ginn, am beschten mat den concernéierten Acteuren aus dem Fondamental  an aus dem Secondaire (Gewerkschaften!!).
- D'Kommunikatioun (Dat wat verlaangt gëtt, soll méi präzis, méi kloer a méi datailléiert am Léierplang festgehaalen ginn) tëschent deenen 2 Instanzen soll méi stattfannen.

***Grupp 10***

- Esou dat Kanner an d'Elteren se verstinn.
- Wat ass genau eng Performance?
- Wisou um Enn vum Cycle an de Niewefächer e Sockel ausfëllen.

***Grupp 11***

- Evaluatioun soll ni ganz verschwannen, soll méi kloer ginn, soll eenheetlech an all Schoul sinn, soll net subjektiv sinn.
- Eng eenzeg, perfekt Evaluatioun, déi fir all Kand, Léierpersoun an Elteren passt, gëtt et net.

***Grupp 12***

- D'Kompetenzen misste vill mei präzis sinn, a méi kleng Punkten ënnerdeelt ginn.
- Et soll evitéiert ginn, dass dei eenzel Kompetenzen Punkten sou vague sinn, d'Elteren hu soumatt Schwieregkeeten hiert Kand an deem seng Fäegkeeten besser ze suivéieren.
- D'Kompetenze misste besser op déi eenzel Trimester verdeelt ginn, besser ënnerdeelt ginn.
- Op der Fiche, déi se am Bilan kréien, missten d'Punkten mei präzis ënnerdeelt ginn.
- Amplaz 'Wat kënne se zum Schluss vum Cycle?' soll et sinn: 'Wat kënne se zum Schluss vum Trimester?'
- Méi Transparenz vis à vis vun den Elteren.
- Et gett ze vill globaliséiert op all d'Kanner.
- De Bilan momentan huet en totalen Manque un Transparenz vis à vis vun den Elteren.
  - Den zertifikative Bilan soll vill méi individuell sinn, net sou global, méi ënnerdeelt.
  - Am Klassesall, am Alldag.
  - Sporadesch fir d'Elteren.
  - Réckmeldung, Feedback am Alldag fir d'Kand.
  - Och zu engem gewëssenen Zäitpunkt soen, op wéi engem Punkt mer sinn, wat mer erreecht hunn → System vum Bilan bäihaalen, just de Bilan adaptéieren.
  - Eng definitive Evaluatioun soll net sinn, et soll een e Kand net op 1 bis 2 Joer schlecht Phase ofstempelen.
  - Bilan soll méi verständlech fir d'Elteren sinn, méi kloer.

***Grupp 13***

- Kohärenz tëscht den Niveauen am PE an de Bilanen.
- Konfusioun tëscht A-D, Performanz an Niveaux de compétence.
- An de Niewefächer ginn Performanzen evaluéiert, am Fin de cycle dann Kompetenzen (keen Niveau).
- Wann d'Kand net klëmmt am Bilan, gesäit et no Stillstand aus.
- Subjektiv Interpretatioun vun de Kompetenzen um Terrain.

- Bei transversale Kompetenzen kann een net „zeréckgoen", bei den aneren Domaines d'apprentissage net (féiert zu Konfusioun), Balken heeschen eppes anescht → Kohärenz am Gebrauch vun de Symboler.
- Wisou Buchstawen? Kohärenz tëscht EF-ES.
- A, B, C, D = subjektiv.
- Komplex Evaluatioune solle gemaach ginn → schwéier dono d'Kompetenzen ze spezifizéieren.
- Evaluatioun soll a Moossen zäitopwänneg sinn (Input-Output).
- Muss Evaluatioun ëmmer dokumentéiert sinn?
- Ganze Bilan ass subjektiv.

***Grupp 14***

- Den Terme „Evaluatioun" soll méi positiv an der Ëffentlechkeet duergestallt ginn.
- Manner Drock fir d'Kanner, Elteren a Léierpersonal.
- Firwat léiere mir? Net fir d'Tester → fir d'Zukunft.
- Sozialkompetenze solle méi wichteg ginn.
- Programmer iwwerschaffen (wat muss ee wierklech kënnen?).
- Selbstännegkeet ass wichteg.
- Selwer evaluéieren ass wichteg → och am Bilan.
- Grondschoul + Lycée: gemeinsam Linn ass wichteg!!!
- En definitive Bilan ouni Verännerungen all puer Joer!!
- E Bilan, deen d'Elteren an d'Kanner verstinn.
- Evaluatioun als „Chance" gesinn, net als Bestrofung.
- Obwuel Differenzéierung wichteg ass, ginn et Limiten (Personal, Budget, Zäit, ...).

***Grupp 15***

- Méi einfach, verständlich, iwwersiichtlech, kloer, konkret an transparent Bilanen.
- Punktesystem aféiren.
- Konkretes, Uniformes fir dat ganzt Land → eng eenheetlich Grille.
- Méi ugepasst op de System am Lycée (besser Transitioun tëscht Primär a Lycée).
- Kloer an einfach Definitiounen vun de Sockelen.
- Méi konkreten Plan d'études.
- Mat der Evaluatioun de Progrès vum Kand besser veranschaulechen.
- Ganz aneren Opbau vum Bilan (Casen, ...).
- Réckgang muss méiglech sënn (et kann een och eppes verléieren, wann een eppes guer net méi mécht).

***Grupp 16***

- Landeswäit méi standardiséiert Tester.

- Landeswäit méi e strukturéierte System/selwechte Programm.
- Adaptéiert Bicher.
- Adaptéiert Zensur.
- Bilan ouni Interpretatiounsméiglechkeeten – Punktesystem erëm.
- Bewäertungssystem, dee besser a méi kloer fir d'Kanner ass.
- Bilan de fin de cycle, deen automatesch duerch de leeschte Bilan intermédiaire ausfëllt gëtt.
- Orientatioun net méi am Fondamental, mee no 2 Joer Lycée eréischt.
- Nëmmen 2 Bilansgespréicher mat den Elteren géing duergoen.
- An der Orientatioun oder Allongement missten d'Elteren manner impliziéiert ginn: d'Entscheedung gëtt an der professioneller Ekipp geholl.
- Am Fall vu Kanner mat Besoins spéficiques, misst d'Entscheedung vun den Professionnelle prioritär sinn.
- D'Eltere missten d'Konsequenzen virun Aen gehalen kréien, wat d'Zukunft an de Werdegaang /d'Berufswelt vun hire Kanner ass.
- De Stellewäert vun der Schoul misst nees gehuewe ginn a vun der Politik ënnerstrach ginn.

***Grupp 17***

- Evaluatioun ass duerch kognitiv Verzerrungen an Noise net objektiv, ginn och doduerch deels souguer als willkürlech erlieft. De schoulesche Werdegang, de Charakter, d'Erwaardungen an d'Laun vum eenzelnen Enseignant spille mat. De Kontext a schoulesche Milieu spillt och mat bei der Gestaltung vun Evaluatioun an der Interpretatioun vu Resultater.
- Eng Méiglechkeet, dat ze verbesseren, wäer eng Evaluatioun am Grupp, rsp. vu méi wéi engem Enseignant an uschléissender Diskussioun. Am Fondamental ass et d'Equipe pédagogique, déi d'Decisioun vun engem Allongement de cycle hëllt. Dat ass z. B. nëmme sënnvoll, wann d'Equipe virun sou enger Decisioun un der Evaluatioun vum betraffene Kand senge Kompetenzen bedeelegt war. Et misst och méi wéi bis lo gemeinsam un Tester geschafft ginn a sech ausgetosch ginn tëscht den Enseignanten. Am Moment gëtt an de Concertatiounen vill iwwer Verhalensproblemer an Organisatiounsfroe geschwat. Evaluatioun misst ee reegelméissege Sujet sinn – am Cycle awer och onbedéngt an Inter-Cyclen.
- Wa mer d'Kand a senger Ganzheet valoriséiere wëllen, muss och eng Evaluatioun vun sougenannten Niewefächer a musesche Fächer eng besser Unerkennung kréien a méi sérieux gemaach ginn. Och doduerch kréie si méi een héije Stellewäert an der Schoul – an an der Gesellschaft.
- Wann eis Schoul d'Evaluatioun als hëllefräich „verkeeft", kann dat nëmme sou laang als authentesch an éierlech vun Elteren a SchülerInnen erlieft ginn, wéi eng Evaluatiounskultur an der Schoul sech entwéckelt. Dat beinhalt dann och d'Evaluatioun vun der Schoul, dem Enseignement an den Enseignanten duerch d'Elteren – an och d'SchülerInnen.
- Am Secondaire général mussen d'Konsequenze vun der Evaluatioun certificative tëscht 7e a 5e méi streng ginn, sou dass d'SchülerInnen sech net goe loossen, mee duerch strikt Avancements-Reegelen motivéiert ginn, méi Efforten ze maachen.

- D'Ënnerscheeder tëscht Fondamental a Secondaire, wat d'Evaluation certificative ugeet, a Fro stellen a nei Weeër sichen.
- An de Bilane vum Fondamental nom „Socle atteint" nach weider nuancéiert Träppecher aféieren.
- De Buschtawe-System an de Bilane vum Fondamental nei iwwerdenken. Déi sougenannte „Performance" gëtt am Moment vun de meeschten Enseignanten willkürlech interprétéiert. Dat Konzept misst dringendst explizit allen Enseignanten op eng non-equivoque Aart a Weis erklärt ginn.

***Grupp 18***

- Am Bilan méi Këschten hunn, déi ee kéint ukraizen, einfach fir méi kënnen ze differenzéieren.
- Am Bilan eng Plaz virgesinn fir Mammesproochler.
- Mei konkret Beispiller, déi de Sockel besser beschreiwen.
- Eng Evaluatioun, déi de Selbstwäert vun de Kanner net belaascht.
- Eng Evaluatioun, déi motivéiert.
- Eng Evaluatioun, déi all Kanner en Maximum weiderbréngt.
- Mei opgekläerten Elteren zum Sënn vun der Evaluatioun.

***Grupp 19***

- Eng méi kloer Linn: Homogenitéit an der Bewäertung vu Schoul zu Schoul (wat ass en A+? Wat en C?).
- Bezitt sech d'"Performance" op d'Matschaffen, d'Uwenden vu Kompetenzen an der Testsituatioun oder dodrop, wéi fest déi no enger Zäit nach verankert sinn?
- Heiansdo mëcht eng Bewäertung wéineg Sënn: z. B. wann e Kand sou grouss sproochlech/sozial Hürden huet, dat een d'Kompetenze guer net richteg erfaasse kann.
- Et wär gutt, wann een am Bilan kéint eng Kompetenz erofstufen: z. B. wann een no der grousser Vakanz feststellt, dat e Kand déi Krittären fir de 'socle atteint' net erfëllt. Et ka jo och sinn, dat eng Kompetenz ze vill optimistesch oder ze fréi evaluéiert ginn ass.
- Et wär gutt, wann d'Kompetenzen fir déi zwee Joër vum Cycle getrennt erfaasst géife ginn. Sou ass de Fortschrëtt vum Kand innerhalb vum éischte Joër och fir d'Elteren méi liicht sichtbar.
- Insgesamt misst d'Bewäertung méi iwwersiichtlech sinn (→ D'Eltere verstinn net ëmmer, datt et net onbedéngt en Zesummenhang tëscht de Sockelen an der Performance gëtt). Ausserdem missten déi global Kompetenzen méi ënnerdeelt sinn, fir dat ee gesäit, wou d'Schwieregkeete leien. Beispill production écrite: Kreativitéit, Rechtschreiwung, Interpunktioun, Opdeelung getrennt vuneneen analyséieren.
  - → Sous-compétences eenzel bewerten: also dat een bei der production écrite net nëmmen 1 Kräiz sëtzt, mee fir all Ënnerpunkt aus dem Plan d'études: Rédiger différents types de texte, Mobiliser des techniques et des stratégies de rédaction, Respecter la forme en mobilisant ses connaissances lexicales, grammaticales et phonologiques, émettre son opinion, ...
- Et ass schwéier, d'Kanner onofhängeg vunenee ze bewerten. Wou zitt een d'Grenz bei der „performance"?

***Grupp 20***

- De Moment ass d'Evaluatioun iwwerhaapt net férderlech! Weder fir d'Kand, nach fir d'Elteren, nach d'Léierpersonal
  - ➔ immens subjectif
  - ➔ ouni Punkten ass et zimlech vague
  - ➔ Et ass net transparent, net kloer
  - ➔ Et gëtt keng eenheetlech Grille
  - ➔ d'Elteren a Kanner kënnen näischt domat ufänken.
  - ➔ Immens schwiereg fir d'Orientéierung an de Lycée
- Am Cycle 4 Punkte rem aféieren!! Als Iwwergang fir an de Lycée.
- Et spornt den Eiergäiz un, d'Kanner musse wëssen, wou se stinn.
- Rem méi Objektivitéit an Transparenz den Elteren géigeniwwer.
- Kloer Evaluatiounskrittären an eenheetlech Grillen fir all Enseignant ➔ den Enseignant mécht sech vill Aarbecht, obwuel keen eppes versteet! Als Enseignant weess ee selwer net, ob et richteg ass oder net!
- Dem Léierpersonal fällt et extrem schwéier d'Bilanen auszefëllen, well se extrem vague sinn.
- Am Lycée ass eng kloer Richtlinn (op 60 Punkten), am Primaire kann ee laang oder kuerz Prüfungen maachen (Säitenunzuel), am Primaire ass villes onfair, net jiddereen kritt déi selwecht Chance, well all Enseignant anecht ass a soumat d'Evaluatioun.
- Enseignanten, déi an der Klass evaluéieren, do hunn d'Elteren keen Afloss, wat an der Klass geschitt.
- Wann de Sockel schon areecht ass, kann een en direkt schon am 1. Trimester ginn, a net dass et réicht am 3.Trimester gehéicht gëtt ➔ vill Enseignanten wëllen déi Häkchen Trimester fir Trimester ginn.
- Et kann een net méi erof goen.
- Hausaufgaben kënnen och bewäert ginn.
- Kee Kader, Richtlinn am Primaire: Schwammen a verschiddene Schoulen net bewärt ginn, an aanere kruten d'Kanner 'schlecht', obwuel se duech Pandemie mol keng Chance haten schwammen ze goen.
- All Schoul huet aner Bicher, verschidde Schoulen maachen den ale Franséisch-Programm weider.
- Kee Suivi am Primaire (z. B. Direkter) sou wéi am Lycée.
- Kee roude Fuedem.

***Grupp 21***

- Och fir de Cycle 1 eng Richtlinn ginn, déi national eenheetlech soll sinn, well wann ee just positiv bewäerte soll an z. B. seet d'Kand ka bis 5 zielen, da gesinn d'Elteren net, dass d'Kand eigentlech scho sollt bis 20 zielen kënnen, fort vum geschriwwene fräien Text a Richtung vun enger Grille.

- D'Evaluatioun ass oft ganz ënnerschiddlech, oft jee nodeems a welcher Schoul, a welchem Quartier ee schafft. Och hei wier et hëllefräich mol vun Zäit zu Zäit national Tester ze maachen. Zum Beispill kéint ee festleeën, wat muss areecht sinn fir e Niveau socle ze kréien.
- D'Bewäertungen A-B-C-D ginn oft ganz ënnerschiddlech interpretéiert a vun den Elteren och oft falsch verstanen.
- Z. B. am Éveil aux sciences ginn d'Kanner just mat A-B-C-D bewäert, mee am Fin de cycle ginn se dann awer op de niveau socle oder de niveau avancé, ... gesat. Do verstinn d' Elteren de Lien net onbedéngt.
- Wichteg och, dass d'Kanner national Tester maachen, dass se och gesinn, wéi se par Rapport zu alle Schüler vum nämlechte Cycle stinn, dat ass virun allem wichteg am Cycle 4, well se jo am Lycée mat villen aneren Schüler aus verschiddenen Deeler vum Land zesummekommen.
- Den Niveau, deen am Fondamental areecht gëtt an deen, wou am Lycée gefuerdert gëtt, schéngt ëmmer méi auserneen ze goen.
- Am Cycle 4 kéint ee vläit schonn mat Punkten an Items evaluéieren, fir dass d'Kanner keng ze grouss Ëmstellung hunn fir an de Lycée. Firwat keng Punkten, well d'Kanner vergläichen sech och mat A-B-C-D an d'Elteren rechnen och deels nees a Punkten ëm.

***Grupp 22***

- Soll konstruktiv sinn
- Soll de Kanner (an den Elteren) eppes an d'Hand ginn, sech selwer ze gesinn an ze evoluéieren.
- Soll der Progressioun vum Kand déinen.
- Soll individuell sinn.
- Soll kohärent tëscht Fondamental an Secondaire sinn.
- Bilansgespréicher reduzéieren op 2mol am Joër.
- Soll kloer verständlech sinn fir Kanner, Elteren ... an Enseignanten.

***Grupp 23***

- Punkten am Fondamental an am Secondaire, iwwersiichtlech fir jiddfereen, gäere gekoppelt mat Kompetenzen. D'Punkte solle geholl ginn fir d'Kompetenzen ze erkläeren an net ëmgedréint.
- Keng Restrictioune fir e Problem ze beschreiwen, keng Schönschwätzerei.
- Konkret a konstruktiv Evaluatioun.
- Virbereedung op d'Liewen.
- Der Evaluatioun soll Rechnung gedroe ginn.
- Eng Evaluatioun ass essentiell a muss hir Plaz am Enseignement behalen.
- Standardiséiert Tester, déi awer eng Differenzatioun méiglech maachen.
- Mir brauchen e Point de Répère, dee landeswäit dee selwechten ass, z.B. et kann een Ecoute maachen, déi anescht sinn fir all Klass, mee fir ze evaluéiere gëtt et een Test landeswäit dee verschidde Kompetenzen enthält an déi mussen dann acquis sinn.

- Absolute Minimum, eng Base minimale acquise, déi ee muss kënne fir weider ze kommen an do kann net dru gefreckelt ginn. D'Usprech sollen net dem Niveau vun de Schüler ugepasst ginn, mee den Niveau vum Schüler nees probéieren den Usprech ze adaptéieren.

***Grupp 24***

- Eppes méi Konkretes, Uniformes, déi nämlecht Krittären.
- Eppes, wat méi verständlech fir d'Elteren an d'Kanner ass.
- Den Drock eraushuelen.
- PPAA an PPCI méi intégréieren am Bilan.

***Grupp 25***

- Méi kloer Richtlinnen fir d'Evaluatioun.
- Eenheetleche Bewäertungssystem op engem Test.
- Konkret Krittären fir d'ganzt Land, net just „commet qqs erreurs". Bsp: bei 20 onregelméissegen Verben 75% richteg.
- Bilan op verschiddene Sproochen online.
- Bréck an de Secondaire. (Austausch!!!).
- Transparenz: Siicht op Bilan vum Primaire.
- Wichteg: Elteregespréich fir Bilan bäibehalen.
- Kaum Redoublementer tëscht 7G an 5G, well soubal ee Fach → 20, gepackt!
- Méi Opklärung bei den Elteren noutwenneg!!! Vun C1, C2 uns.
- Méi Personal fir Accueil.
- Formatioun iwwer d'Bewäertung vun deem aneren. (Secondaire/Fondamental)
- Entweder Semester oder Trimesteren, Decisioun huelen. Semesteren am Fondamental. Déi Elteren vu Kanner mat Problemer rifft ee souwisou méi oft.


***Grupp 26***


- Kloer a präzis Formulatiounen, wat e Sockel heescht an och Tëscheschrëtter bis bei de Sockel, vläit mat konkrete Beispiller.
- Se soll net ze vill Raum anhuelen.
- Eng eenheetlech Bewäertung fir all d'Schoulen.
- Schoulmaterial, wat un de Lehrplan ugepasst ass.


# 7 Fotogalerie


D'Fotogalerie ëmfaasst nëmmen déi Inhalter, déi de 6. Oktober 2022 en présentiel um Edupôle zu Walfer beschwat goufen. D'Participantë vum Online-CoLab hu mat engem Word-Dokument geschafft. D'Stéchwierder aus dëse Word-Dokumenter sinn am Kapitel 6 festgehalen.


## **Atelier A:** Evaluéieren am schouleschen Alldag






Brainstorming
BEWÄERTUNG / EVALUATIOUN
PPCI
vs.
Bilan
muss (alles) bewert ginn?
! Waat!
Verloeren Zäit fir de Schüler
fir ze léieren
Onsécherheet
negativ Emotiounen
Drock / Stress fir Léierpersonal, Kand & Elteren
Waat empfënnd d'Kand?
get oft vun eppes Säit aus → den Erwuessenen bewert
Inklusion?
Vill Onwëssenheet beim Léierpersonal + Elteren, Kanner
summativ
ongerecht → fir d'Kand
falsch agesaat
Stempel obsetzen



ZUKUNFT
Verständlich:
- kloer Grillen
- PE mat Methoden, Guidagen
ordentlech Ausbildung vun den Enseignants
open mind
E-System zum Deel ze komplex
Elteren ⇒ Vertrauen an de PROFI
op 1 Bléck verstoen, wou d'Kand steet
→ Convocation → Invitatioun Bilansgespréicher
- besser (vill) Ausbildung vum Enseignants (feelt vill)
⇒ Revalorisation


ZIEL / NOTZEN
Wou Steet hien?
de Schüler
wat brauchen fir weider ze kommen
"Beweis" = Bilan = "Rechenschaft ofleen" vis-à-vis Elteren
klore Definitiounen (formatif, ...)
Kand muss et verstoen!



Feedback-Würfel
Smarty
mdl. Debriefing no enger Aufgab
Schüler → Enseignant
Wertschätzung
Interaktioun
Sommatif = dokumentéieren an de Léierwee
nom Lernen
formotif = Feed-forward
während des Lernens
bis elo falsch verstanen
Brauchen Kriterien! Wéieng?
EXIT Ticket
formatif
EPSTAN. EPCOMM. Tester an der Klass
Reproduktion
Transfer
UE gët net entwéckelt duerch e Bilan.
Evaluation
formativ
zertifikativ
verständlich fir de Schüler
professionellen Avis
TOOL vum Terrain fir den Terrain
autoportant
Professionaliséierung
Stärkung vum Enseignant
Ausbildung, Formation



neuland
AARTEN / METHODEN
formativ
→ Kurskorrektur
FEED FORWARD
= Veränderung
≠ Beurteilung
devoirs en classe
E Bichelchen
s'Zäni...
Selbsteval.
Fremd
PFS
Museumsrundgang
TESTER
Multiple Choice
PPAAI
PPCI
PET
Plan d'évaluation individuelle
LANDRÉ FLIP-CHART-PAPIER · ART. 100050592



WIEN BEWÄERT / ÉVALUÉIERT ?
ENSEIGNANT
enseignant/e
équipe pédagogique
Assistant en classe
all intervenant an der Klass
prof. Kritären feelen
ELTREN den ENSEIGNANT "RTL.lu"
Eltren den ENSEIGNANT RTL.lu
KANNER
ESEB
Schüler sech selwer
Gesellschaft
Ministär, Uni.lu, SCRIPT
Cgié,
PISA, etc.
MIR ALLEguerten
LANDRÉ FLIP-CHART-PAPIER · ART. 100050592


Participatioun
Kloer Richtlinnen (ausgeschafft vun Enseignanten (vum Terrain)
een Dokument wou en sech konn dropp baséiren
D'Kand soll a séng Evaluéierung aktiv matagebonnen ginn. Reflexivt Denken soll gefuerdert ginn.
Waat brauchs du?
Wou wells du hinn?
uniformen
Tool
(national) zur
Dokumentation
(Entstehung = bottom up)
(Uwendung = top down)
évaluation sommative
(ne plus à discuter)
document contenu
AUTO-PORTANT
Wann evaluéiren da muss kloer sinn, dass et just par rapport zu engem Ziel ass, an näischt iwwert den Intellekt vum jonke Mensch seet.
déi gläich Evaluatioun
am Secondaire wéi
am Fondamental
Enseignants
Ausbillung am formativen
Assessment


## **Atelier B:** D'Bilanen ausfëllen




Wat ass/misst d' Zil vum Bilanen ausfëlle sinn ? (Firwat? Fir wien?)
De Bilan als Informatiouns-medium fir d'Elteren
Bilan C4 ↕ Passage an de Secondaire
Iergendwou muss eng Zertifikativ Ausso gema ginn.
mei einfach ausgedréckt fir Eltren
Eltere verstin de Bilan net. Notten hëllefen hinnen.
D'Kand brauch een Ansporn & eng Réckmeldung
Gerechtegkeet vun der Bewäertung
eenheetleche System
X-Dokumenter a Kohärenz
PPCI & PPA fir Centre de comp.
Épreuves ass genormt



Wat kann dofir bäibehale ginn ?
Opdeelung an Domainen gutt
E lued zu Gespréicher an
Lernbäume vum Script eng grouss Hellef
Opdeelung a Kompetenzen/ Beräicher gutt
Kompetenzen & Säit mat Erklärungen (niv. socle ...)
Kompetenzen Iwwerblick iwwer d'Kanner
Mathé ass méi kloer beschriwwen
Remarques Observations Informations
Fräiraum



Wat misst dofir ëmgeännert ginn a wéi?
Socle mat Beispiller definéieren
Onkloer wat een dierf ënner "Observations" draschreiwen a wat net
Wéi soll een Test ausgesin am C4, deen op de Bilan passt?
méi däitlech "grilles d'éval." fir d'Elteren
Gëff ee Beispill text wat de Sockel ass!
cf. PPCI bei "Observations" draschreiwen dierfen
Objektiv Aschätzung vun de Comp. transv.??
Schüler-Portfolio misst obligatoresch sinn als Illustratioun zum Bilan am Gespréich
Epstan als Beispill fir d'Norm
méi kloer Definitioun vum niv. socle etc
D'Sproochen C4 Grammaire wöertschätzen
Kompetenzstufen, déi logesch openeen opbauen
Bilan ⟷ Plan d'études
Sciences feelt am Bilan C2 Beräich citoyenneté
Oral écoute vs wat ech als Enseignant soen
C4 wënscht sech och méi Struktur
Kompetenz an Récksbratt
schwammen C2 glisse? kee Schwammstyle néirens?
utilisation des médias
coding
démarches mentales



Zesummefaassung
Mir brauchen eng Norm D'Deskripteure waren am Fong gutt
niveaux de compétences iwwerschaffen
Informatesch upassungen
Verlinkung mat Beispiller
Suite vun C1 → C4 net ginn
ouni Punkten mä mat descripteurs + Kompetenzen
performance défini-tioun onkl.
Eigen-bewertung + Ziele sicht-bar machen für Kinder
Verstinn déi Leit déi se ausgefëllt hunn, d'Bilanen?
Onkloer wat d'Ianner vun Dokumenter matkréien
1.
2.
3.

## **Atelier C:** D'Kommunikatioun vun den Evaluatiounsmomenter an den Austausch mat den Elteren a mam Schüler





ELTEREGESPRÉICHER IWWER EVALUATIOUNSMOMENTER
"Ein typisches Elterngespräch…": Diskussion
D'Kanner si nervös, och déi "gutt"
WÉI ERLIEWEN D'SCHÜLER DE MOMENT VUN DER EVALUATIOUN / KOMMUNIKATIOUN ?
WAT DRÉIT DOZOU BÄI, DASS D'GESPRÉICH / DEN AUSTAUSCH GUTT LEEFT ?
Flexibilitéit fir d'Elteren hunn
Angscht, dass hannert dem Réck geschwat gëtt
Onrealistesch Erwaardungen
Regelméissegen Austausch (sichen)
Relatioun mat den Elteren opbauen ass essentiell
Informellen Austausch


Wënsch
Plan d'études
den Elteren
den Ënnerscheed téscht Compétence a Performance méi verständlech maachen
→ fir Elteren
Kee Bilan schrëftlech
schrëftlech
mëndlech


WAT HËLLEFT DEN ENSEIGNANTE, DEN ELTEREN AN DE KANNER MÉI KLOER ZE MAACHEN, WOU D'KAND STEET A WAT D'KAND SOLL KËNNE FIR WEIDERZEKOMMEN ?
Et brauch een Instrument fir d'Progressioun vill besser ze weisen
Net d'Elteren si schwiereg, mee (d' Verständnis vum) Bilan
Progressioun ass onverständlech
→ dat ass wat d'Elteren interesséiert

## **Atelier D:** D'Orientatiounsprozedur fir an de Secondaire



# 8. Ausbléck

Wann Dir Froen oder Ureegungen hutt, kontaktéiert eis via **www.curriculum.lu** oder schéckt eis eng E-Mail op **curriculum@script.lu**.

Mir freeën eis iwwer Ären Interessi un dësem spannende Prozess a sinn houfreg doriwwer, dëse Wee weiderhi mat Iech zesummen ze goen.

Mat beschte Gréiss

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

www.curriculum.lu

www.script.lu